
# Aktiounsplang fir d’**Lëtzebuerger Sprooch**

Proposéiert vum Commissaire fir d’Lëtzebuerger Sprooch
an ugeholl vun der Regierung de 14. Dezember 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Commissaire fir d’Lëtzebuerger Sprooch



# Aktiounsplang fir d'**Lëtzebuerger Sprooch**

Proposéiert vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch
an ugeholl vun der Regierung de 14. Dezember 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch

© Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sproch
Dezember 2022

Redaktioun: Marc Barthelemy
Layout: MENJE - Service presse et communication

ISBN: 978-99959-1-347-2
URL: www.lux.lu

# Inhalt


**I. Den Aktiounsplang 2022 ........ 7**

**A. D'Conclusioune vun den Diskussiounen a Consultatiounen ........ 7**

1. Lëtzebuergesch léieren ........ 8
2. Lëtzebuergesch am Alldag ........ 10
3. Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert ........ 11

**B. D'Mesurë fir den Aktiounsplang 2022 ........ 12**

1. Lëtzebuergesch léiere fir jiddwereen ........ 12
2. Visibilitéit a Gebrauch vum Lëtzebuergeschen ........ 20
3. Lëtzebuergesch virundreiwen ........ 26

**II. D'Basis vum Aktiounsplang ........ 31**

**A. D'Conclusiounen aus der Strategie vun 2017 ........ 31**

1. Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau ........ 31
2. Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht ........ 32
3. Norméierung vun Orthografie a Grammaire ........ 33
4. Kooperatioun mat Universitéiten am Ausland ........ 34
5. Etüd vun der Jugendsprooch a -kommunikatioun ........ 35
6. Literaturconcours fir d'Kannerliteratur ........ 35
7. Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur ........ 36
8. Eeler Leit ........ 36
9. Conclusiounen aus der Ëmsetzung vun der Strategie 2017 ........ 37

**B. D'Sproocheronn 2022 ........ 38**

1. Sproocheronn um Belval am Terre-Rouge-Gebai ........ 39
2. Sproocheronn zu Iechternach am Iechternacher Kolléisch ........ 41
3. Sproocheronn an der Stad am Lycée Michel Rodange ........ 43
4. Sproocheronn zu Clierf am Lycée Edward Steichen ........ 44
5. Sproocheronn mat de Schülerinnen a Schüler vun der École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette ........ 46
6. Sproocheronn um Online Forum ........ 47
7. Conclusioune vun der Sproocheronn ........ 48

**C. Aus de ministeriellen Departementer ........ 51**

1. Reunioun vum Comité interministériel ........ 51
2. Conclusioune vun de ministeriellen Departementer ........ 54

**D. Vun den Experten ........ 55**

1. Observatoire vu Kanner a Jugend a vun der Schoul ........ 55
2. Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ........ 57
3. Institut fir Luxemburgistik op der Universitéit vu Lëtzebuerg ........ 59
4. D'Conclusioune vun den Experten ........ 60

**Annexen ........ 63**

**A. Loi du 20 juillet 2018 relative à la promotion de la langue luxembourgeoise (extraits) ........ 63**

**B. Kuerz Geschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch ........ 65**

**C. De Rapport vun der Sproocheronn 2022 ........ 67**

**D. Ëmsetze vun der Strategie vun 2017 ........ 92**

# I. Den Aktiounsplang 2022

Den Aktiounsplang baséiert op den Erfarunge mat der Ëmsetzung vun der Strategie, déi d'Regierung 2017 decidéiert hat, an op de Conclusiounen aus den Diskussiounen ëm d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen, mat de Bierger, mat Vertrieder aus de Ministèren a mat Experten.

## A. D'Conclusioune vun den Diskussiounen a Consultatiounen

1984 gouf Lëtzebuergesch iwwer e Gesetz als offiziell Landessprooch, als *Langue nationale des Luxembourgeois* definéiert. 2017 huet d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen[1] decidéiert, mat 40 Mesuren, vun deenen der eng Partie e Joer méi spéit an d'Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch[2] stoe koumen. Mëttlerweil si 25 vun deene 40 Mesurë realiséiert, 14 amgaange realiséiert ze ginn, a bei enger ass et nach net esou wäit.

Dat gutt Resultat ass der intensiver Aarbecht vun alle concernéierten Institutiounen ze verdanken. An dofir gëtt et Zäit fir den nächste Schrëtt, e Plang, fir déi nächst Joren a Joerzéngten, wéi et soll virugoe mat der Lëtzebuerger Sprooch.

2017 gouf de Prinzip vun engem Aktiounsplang festgehalen, dee vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch proposéiert a vun der Regierung decidéiert gëtt. De Commissaire gëtt vun engem Comité interministériel beroden, an deem Vertrieder aus alle ministeriellen Departementer sinn. Hien ass am Kontakt mat den Institutiounen a Gremien, déi fir d'Lëtzebuergescht zoustänneg sinn.

Den zoustännegen Educatiounsminister Claude Meisch huet am Juni 2022 d'Mesurë fir den Aktiounsplang mat de Bierger op enger Sproocheronn op véier Plazen am Land, op engem Internet-Forum a mat Schülerinnen a Schüler diskutéiert.

Den Aktiounsplang baséiert op:

- dem Bilan vun de Mesurë vun 2017
- de Propositioune vun de Bierger aus der Sproocheronn
- de Constaten aus den Administratiounen
- den Avise vun Experten

Hei hannendru sti resuméiert d'Conclusiounen aus deenen Erfarungen an déi onkommentéiert Aussoen, déi bei de Consultatioune gemaach goufen.

[1] Eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/articles/2017/03-mars/09-promotioun-sprooch.html
[2] Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/20/a646/jo
Parlamentareschen Dossier Nummer 7231 https://www.chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Recherche/RoleDesAffaires?action=doDocpaDetails&id=7231

## 1. Lëtzebuergesch léieren

**Kannerbetreiungsstrukturen**

- Lëtzebuergesch als éischt Kontaktsprooch an och Däitsch an Englesch férderen
- Sproochkompetenze vun den Educateure préiwen
- spezifescht didaktescht Material ausschaffen, fir mat klenge Kanner Lëtzebuergesch ze léieren

**Grondschoul**

- méi Lëtzebuergesch gëtt gefrot: Lëtzebuergesch wier besonnesch wichteg
- didaktescht Lies- a Lauschtermaterial ausschaffen
- op Lëtzebuergesch alphabetiséieren (oder och net – et gi verschidde Meenungen)
- Wäert op richteg Aussprooch, korrekte Vocabulaire a korrekt Grammaire leeën
- Erhale vu Lidder, Gebräicher a Mondaarten
- Rechtschreiwung soll obligatoresch sinn / Rechtschreiwung ass net esou wichteg (d'Meenunge si gedeelt)
- Elteren informéieren, datt, wa Kanner Lëtzebuergesch léieren, d'Chancen an der Schoul méi grouss si fir ze reusséieren
- Congé linguistique aféiere fir d'Elteren, déi Lëtzebuergesch léieren
- LaF-*Lëtzebuergesch als Friemsprooch*: e Grondwuertschatz definéieren

**Lycée**

- didaktescht Lies- a Lauschtermaterial ausschaffen, differenzéiert fir déi, déi LaF léieren, a fir Mammesproochler, an zwar och esou, datt Kanner a Jugendlecher gären domat léieren (Handy, Podcast)
- méi Offer u Coursen, déi net fir LaF sinn, méi Literatur op Lëtzebuergesch
- wie LaF léiert, soll kënnen optionell domat virufueren
- Schoulfächer ewéi Chimie a Physik asw. op Lëtzebuergesch halen, an d'Méiglechkeet ginn, Froen op Lëtzebuergesch ze stellen, z. B. an der Mathé
- méi sproochespezifesch Klassen
- Rechtschreiwung soll zu engem groussen Deel fräiwëlleg bleiwen

**Ëffentlech international Schoulen**

- Méi Lëtzebuergesch; Lëtzebuergesch ass hei besonnesch wichteg
- d'Elteren informéieren iwwer d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen
- Schülerinnen a Schüler, déi LaF léieren, solle kënnen optionell domat virufueren
- adaptéiert didakteschen Lies- a Lauschtermaterial
- Lëtzebuergesch soll net nëmmen als Optioun, mee och als eng vun de Sproochen L1, L2 oder L3 am Curriculum kënne gewielt ginn

**Erwuessenebildung**

- méi Zilgruppen, méi grouss Offer, méi flexibel: multikulturell Klassen, extra Sproochcoursë fir Däitschsproocheger, Coursë fir déi, déi schoulesch oder mat digitale Medien net esou gutt sinn, Intensivcoursen all Dag, Offer och an de Grenzgebidder
- online Coursen, och fir ënnerwee um Aarbechtswee ze lauschteren
- didakteschen Lies- a Lauschtermaterial ausschaffen, adaptéiert an differenzéiert Lies- a Lauschtertexter, thematesch Glossairen
- Offer vun de Coursë bis Niveau C1 am GER (Gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen)
- den Zougang zu de Coursë méi einfach maachen, méi modern Formater benotzen, Appen entwéckelen
- méi Léierpersonal astellen, bessere Strategië wiele fir ze rekrutéieren, Formateure mam ZLSK adäquat encadréieren, Statut schafe fir de Bachelor an der Erwuessenebildung
- méi Offer fir informellt Léieren: Sproochecaféen, *Pratique Langues en Ligne* promovéieren, datt d'Lëtzebuerger Lëtzebuergesch schwätze mat deenen, déi et léieren, Tëleeserien a Filmer ënnertitelen a synchroniséieren
- Coursë fir Salariéen op der Aarbechtsplaz ubidden, Inhouse learning, Internetcours a Blended learning notzen
- Congé linguistique reforméieren, definéiere wat no der Formatioun ze kënnen ass
- Secteur public: méi Coursen iwwer Orthografie an iwwer LaF, och sur place an iwwer Internet, extra Coursë fir d'Personal an de Spideeler

## 2. Lëtzebuergesch am Alldag

- méi Visibilitéit: eng zentral Plaz fir all d'Material iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch, mat all de Publikatiounen op Lëtzebuergesch an iwwer d'Lëtzebuergescht
- méi Prestige: Lëtzebuergesch op méi Plazen (Apdikt, etc.), Formulairen, ëffentlech Beschëlderunge fir Plazen a Flouernimm, Internetsäiten, legal an aner offiziell Texter, Gemengesitten, ëmmer am Respekt vun der Schreifweis
- Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch, keng Parallelgesellschaft ouni Lëtzebuergesch
- Lëtzebuerg ass e multilinguaalt Land: Campagnë fir Toleranz a Gedold mat deenen, déi Lëtzebuergesch léieren
- Mondaarten an Diversitéit vum Lëtzebuergeschen erhalen, och am Schrëftlechen a bei den Uertsnimm, um Niveau vun de Gemengen
- LaF net dialektal enseignéieren
- d'Expo iwwer d'Lëtzebuergescht virundreiwen, och fir d'Grondschoulen
- d'Accessibilitéit vun der Lëtzebuerger Literatur garantéieren, wann d'Bicher net méi am Verkaf sinn. Méi Subside fir Iwwersetzungen
- e Mediateur fir Leit, déi sproochlech Problemer hunn, fir sech mam Dokter oder soss Gesondheetspersonal oder am soziale Secteur oder an der Fleeg ze verstännegen, a fir eeler Leit an Altersheimer, déi ënnerenee keng gemeinsam Sprooch hunn
- transparent Kommunikatioun tëscht den Acteure vum Lëtzebuergesche viru garantéieren, méi oppe Kommunikatioun an der Chamber vun alle Säiten
- Lëtzebuerger Medien: ze vill groussen däitschen Afloss, dacks keng gutt Diktioun an Aussprooch: eng Ausbildung fir Speakeren ubidden, och fir d'Aussprooch
- fir méi Artikelen op Lëtzebuergesch an der geschriwwener Press suergen
- Lëtzebuergesch op EU-Niveau besser no vir bréngen, Unerkennung als eege Sprooch, méi present an den europäesche Sproocheprogrammer, Iwwersetzung vun den europäeschen Traitéen op Lëtzebuergesch
- bei der Unesco Lëtzebuergesch als eegestänneg Sprooch definéieren an analyséieren
- Instanze schafen an den Nopeschlänner an a Regiounen, an deene vill Lëtzebuerger liewen, fir iwwer Lëtzebuergesch a Lëtzebuergesch léieren ze informéieren. Ausbau vun de Coursë fir LaF an de Grenzgebidder

## 3. Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert

- e Standard, Critèren an eng Prozedur festleeë fir nei Wierder am LOD: Friemwierder sollten net iwwerholl ginn, et sollte lëtzebuergesch Wierder dofir fonnt ginn (z. B. *Kannernascht* fir *Crèche*), eventuell iwwer e Public vote
- gutt Lëtzebuergesch schwätzen a schreiwen: grouss Demande och vun de Medie fir esou e Cours, deen awer net soll strikt Virschrëfte maachen
- ZLS: méi Personal, eventuell manner spezialiséiert Leit, d'Äntwerte vum ZLS op Froe sollte gesammelt a publizéiert ginn, *Print on demand* beim ZLS, spezialiséiert Glossairë systematesch ausschaffen a publizéieren, och mat Illustratiounen
- ZLS: technologesch Entwécklung matmaachen, Sproocherkennung (Speech-to-text), de Spellchecker vu Microsoft verbesseren
- fir Persounen, déi nei an d'Land kommen, d'Méiglechkeet schafe fir Speech-to-text um Handy verbonne mat engem Iwwersetzungsprogramm an hir Sprooch
- Etüde maachen iwwer
    - den Impakt vum Lëtzebuergeschen an der Schoul, d'Fro vun der Alphabetiséierungssprooch an der *Sprungbrettfunktion* Lëtzebuergesch-Däitsch, d'Roll vun de Langue-véhiculairen, d'Lëtzebuergescht an den Accueil-Strukturen
    - d'Frontalieren: Firwat léieren esou vill Leit Lëtzebuergesch? Wat sinn hir Besoinen?
    - Wat heescht et fir d'Lëtzebuergescht, datt esou vill Leit et léieren? Wéi ass d'Evolutioun vun der Jugendsprooch? D'Schwätze vun eelere Leit soll dokumentéiert ginn, eventuell mat enger mobiller Sproochkabinn
    - d'sproochlech Relatioun tëscht Patient an Dokter
- den Institut fir Luxemburgistik vun der Universitéit soll virun ausgebaut ginn an e soll all zwee oder dräi Joer en internationale Colloque organiséieren
- Master am Lëtzebuergeschen: D'Enseignéiere vu LaF gehéiert an de Curriculum
- et brauch méi Reklamm fir dee Masterstudium a fir d'Carrièren, déi domadder méiglech sinn

# B. D'Mesurë fir den Aktiounsplang 2022

Dat heite sinn d'Mesurë fir den Aktiounsplang, déi de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch der Regierung proposéiert. Se sinn nummeréiert vun (1) bis (50).

Et gëtt bewosst drop verzicht, e geneeën Zäitplang an en detailléierte Budget virzeleeën. Ob a wéini a wéi vill Ressourcë fir d'Ëmsetze vun dëse Mesuren néideg sinn, mussen déi zoustänneg ministeriell Departementer kucken an dofir de Budget an déi néideg Posten ufroen.

A sengem Joresrapport suivéiert a kommentéiert de Commissaire d'Ëmsetzung vum Plang. All fënnef Joer kuckt hien, mat wat muss virugefuer ginn oder wou eng Schëpp bäizeleeën ass. Grad an deem Beräich mat den aktuell gréisste Besoinen, dem Lëtzebuergeschléiere fir Erwuessener, ass et net previsibel, wéi d'Demande sech virunentwéckelt. Dat hänkt vun der Entwécklung vum Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg an an de Regioune ronderëm of.

Fir datt Lëtzebuergesch eng Sprooch gëtt mat all den Institutiounen, Gremien, Publikatiounen an Offeren un informateschen Hëllefen, mussen d'Leit vum Land doriwwer informéiert an dofir motivéiert an esouwuel den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ewéi och den Institut fir Luxemburgistik op der Universitéit kontinuéierlech virun ausgebaut ginn. Nëmmen esou kritt d'Lëtzebuerger Sprooch dee Réckhalt, deen néideg ass fir hire Statut an hire Gebrauch, esou wéi et gewënscht ass.

## 1. Lëtzebuergesch léiere fir jiddwereen

E kruziale Rôle am Apprentissage hunn d'Eltere bei hire Kanner, och fir d'Léiere vum Lëtzebuergeschen. Net all Eltere si sech bewosst, wat fir eng grouss Roll Lëtzebuergesch an der Schoul an hei am Land huet, an et ass wichteg, si dovunner ze iwwerzeegen, datt e Kand, dat gutt Lëtzebuergesch kann, besser Chancen an der Schoul an um Aarbechtsmaart huet.

Et sinn och eng Partie Elteren, déi selwer Lëtzebuergesch léieren, fir de Kanner e gutt Beispill ze sinn a mat hinnen och an där Sprooch ze kommunizéieren. Si sollten dobäi gehollef kréien.

Iwwerall ass no méi a méi differenzéiertem didaktesche Material gefrot ginn. An der Klengkandbetreiung an an de verschiddene Beräicher vum Enseignement, Grondschoul, Lycée, ëffentlech international Schoulen, Beruffsbildung, Erwuessenebildung, feelt et dacks un dem néidegen didaktesche Material, vun deem et jo vill muss ginn, ganz differenzéiert no dem Alter, der Origine, der allgemenger Schoulbildung an dem Kenntnisstand am Lëtzebuergeschen. Dat betrëfft Bicher, mee och Billergeschichten, Lauschtermaterial, Theaterstécker, audiovisuell Produktiounen asw.

Zum Beispill ginn et vill Kannerbicher a Lëtzebuerger Sprooch, mee awer wéineg Billerbicher, an deenen den Text fir virzeliesen a Lëtzebuerger Sprooch geschriwwen oder iwwersat wier. Op Däitsch gëtt et eng Partie där Bicher, déi kéinten iwwersat an déi och an der Schoul kéinte gebraucht ginn, Klassiker ewéi déi vu Leo Lionni, Martin Balscheit, Eric Carle, Janosch, David McKee, Helme Heine, Martin Waddel, Marcus Pfister, Sam McBratney, Werner Holwarth, Moritz Petz, Susanne Weber, Mira Lobe, Axel Scheffler, Sven Nordqvist, Maurice Sendak ...

Opträg fir Texter ze schreiwen, fir Iwwersetzungen, fir audiovisuell Produktioune sollten un déi professionell Createure geriicht ginn. Och Autoreresidenzen a Stipendie si wichteg. An deem Beräich ginn et Virbiller am Ausland, z. B. an Däitschland[3].

Dat muss net op d'Lëtzebuerger Sprooch reduzéiert sinn. Allerdéngs erfuerdert d'Schreiwen op Lëtzebuergesch eng extra Promotioun, well e lëtzebuergeschen Text, wann en och soll op de fräie Marché kommen, a priori e méi klenge potentielle Public huet, hei am Land an am Ausland.

**(1) D'Elteren iwwer d'Léiere vum Lëtzebuergeschen informéieren**

Et sollt den Eltere kloergemaach ginn, datt Kanner, déi gutt Lëtzebuergesch kënnen, en Avantage an der Schoul hunn, an datt et wichteg ass, datt d'Elteren dat ënnerstëtzen. Dat ass speziell néideg an den ëffentlechen internationale Schoulen. Dofir ass reegelméisseg eng Campagne néideg (cf. Mesure 38).

Wann Eltere mat Kanner an der Grondschoul selwer Lëtzebuergesch léieren an domat hire Kanner hëllefen, da sollte si e Bonus kënne kréie beim Congé linguistique (cf. Mesure 3).

**(2) Differenzéiert Léiermaterial fir Kanner a Jugendlecher ausschaffen**

Op alle Schoulniveauen ass festgestallt ginn, datt net genuch didaktescht Material do ass. Dat Léiermaterial muss net nëmmen dem Alter no ugepasst sinn, mee och deene verschiddene Kompetenzniveauen am Lëtzebuergeschen. Dat ass speziell wichteg an den ëffentlechen internationale Schoulen.

Fir déi Kleng si Billerbicher mat kuerze Virliessätz a Virliesbicher ubruecht, fir déi méi grouss Liesbicher mat un den Alter, a virun allem och u verschidde Kompetenzniveauen ugepassten Texter, déi och iwwer Lëtzebuerg a Lëtzebuergesch informéieren. Do derbäi gehéiere Lauschterbicher, Theaterstécker, Iwwersetzungen, a speziell och audiovisuell Produktioune si viséiert, Filmer an Tëleesproduktioune mat Ënnertitelen oder synchroniséiert, déi den haitege Virléifte vun de Jugendlechen entspriechen.

Fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren, soll den ZLS e Grondwuertschatz definéiere fir déi verschidden Alterstufen, deen och mat Illustratioune publizéiert gëtt, als beschrëfte Grafik vun z. B. Kierper, Haus, Déieren, Planzen asw., mat de Fachwierder a verschiddene Sproochen.

Et brauch eng konzertéiert Demarche, fir déi Besoinen iwwer déi ganz Éducation nationale ze sammelen an dann deene kompetente professionellen Acteuren den Optrag ze ginn.

**(3) Wie Lëtzebuergesch als Friemsprooch léiert, soll Lëtzebuergesch als Unterrechtssprooch an anere Fächer benotze kënnen a periscolaire Aktivitéiten op Lëtzebuergesch ugebuede kréien**

Wie Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF) léiert, soll dat kënne gebrauchen. Dofir sollt an anere Fächer, zum Beispill Turnen oder Konschtunterrecht, Lëtzebuergesch geschwat ginn.

Dat soll an de Grondschoule geschéien, an de Lycéeën an och an den ëffentlechen internationale Schoulen.

Well vill Kanner a Jugendlecher an hirem privaten Ëmfeld net vill Méiglechkeeten hunn, Lëtzebuergesch ze schwätzen an ze héieren, sollte si d'Méiglechkeet offréiert kréien, u periscolairen Aktivitéiten deelzehuelen, bei deene Lëtzebuergesch geschwat gëtt.

[3] Den *Deutscher Literaturfonds* ass eng Institutioun, déi ganz ënnerschiddlech Stipendien, Bourssen oder Präisser vergëtt: https://deutscher-literaturfonds.de/
De Paul-Celan-Präis viséiert Iwwersetzungen. Dat ass eng Méiglechkeet, fir Ureizer ze schafe fir Iwwersetzungen aus dem Lëtzebuergeschen oder an d'Lëtzebuergescht: https://deutscher-literaturfonds.de/preise/paul-celan-preis/geschichte/
Beim ***Deutscher Literaturfonds*** gëtt et och e Stipendium vun 3.000 Euro de Mount fir maximal e ganzt Joer. Esou en Instrument ass wichteg, och fir ganz bekannt Autorinnen an Auteuren: https://deutscher-literaturfonds.de/foerderung/vergaberichtlinien/
Och zu Berlin ginn et Stipendie mat 2.000 Euro pro Mount iwwer e ganzt Joer: https://www.berlin.de/sen/kultur/foerderung/foerderprogramme/literatur/artikel.621412.php

## Klengkandbetreiung a Grondschoul

An der Sproocheronn hu vill Elteren ënnerstrach, wéi wichteg Lëtzebuergesch fir d'Integratioun ass.

D'Léiere vum Lëtzebuergesche klappt net iwwerall d'selwecht gutt. Op deenen enge Plaze si vill Kanner an der Klass, déi Lëtzebuergesch schwätzen, an dat kënnt deenen zegutt, déi et net kënnen oder net gutt kënnen. Op anere Plazen ass dat guer net esou.

Et ass wichteg, datt gekuckt gëtt, wéi d'Kompetenze vun de Kanner am Lëtzebuergesche sinn, an datt eng Hëllef do ass fir déi, déi dat net esou gutt kënnen, an datt hir Elteren doriwwer informéiert ginn.

An de Betreiungsstrukture kréien d'Kanner net iwwerall e gudde Kontakt mat Lëtzebuergesch garantéiert.

**(4) An den non-formale Bildungs- a Betreiungsstrukure sécherstellen, datt all Kand Kontakt kritt mam Lëtzebuergeschen an et him méiglech gemaach gëtt, sech mat der Sprooch ze familiariséieren, also se ze verstoen an eventuell och ze schwätzen**

Et geet drëm, datt all Kand, dat an enger non-formaler Bildungs- a Betreiungsstrukur (Crèche, Maison relais, Foyer scolaire, Dageselteren asw.) betreit gëtt, seng sproochlech Kompetenze kann entwéckelen an dobäi genuch Kontakt kritt mam Lëtzebuergeschen, fir dono am reguläre Schoulsystem kënnen op Däitsch alphabetiséiert ze ginn.

**(5) An der Grondschoul d'Kompetenzen am Lëtzebuergeschen observéieren a bei Defiziter hëllefen**

D'Kanner, déi an d'Grondschoul kommen, hu ganz ënnerschiddlech Kompetenzen am Lëtzebuergeschen. Am Cycle 1 gëtt dru geschafft, datt d'Kanner Lëtzebuergesch léieren. Wann se dono op Däitsch alphabetiséiert ginn, mussen hir Kompetenzen am Lëtzebuergeschen héich sinn, fir datt se net déi zwou Sproochen duercherneegeheien.

Nom Cycle 1 soll mat Tester gekuckt ginn, wou d'Schülerinnen a Schüler am Lëtzebuergeschen dru sinn, am Verstoen an am Schwätzen. Déi Tester sollen national disponibel sinn. Schülerinnen a Schüler, déi net genuch Lëtzebuergesch kënnen, kréien eng spezifesch Hëllef, mee op kee Fall e Rallongement de cycle.

Leider ass net genee gewosst, wéi en Niveau déi Kompetenzen am Lëtzebuergesche mussen hunn, fir datt eng probleemlos Alphabetisatioun am Däitsche méiglech ass. Dat muss méi genee gekuckt ginn (cf. Mesure 49).

Da sollt nach eng weider Kéier no de Kompetenzen am Lëtzebuergesche gekuckt ginn, eventuell nom Cycle 3 an dann och mat der Kompetenz am Liese vum Lëtzebuergeschen.

## Secondaire

Lëtzebuergesch ass haut op der 4e am Lycée als obligatorescht Fach virgesinn. Dono huet all Schülerin a Schüler d'Méiglechkeet, verschidden optionell Coursen ze beleeën, zum Beispill an der Rechtschreiwung.

Et wier ubruecht, datt Lëtzebuergesch als sproochleche Schwéierpunkt kéint gewielt ginn, also als éischt oder zweet Sprooch op den ieweschte Klassen. Do derbäi gehéiert, datt déi Jonk informéiert ginn iwwer de Studium vum Lëtzebuergeschen an iwwer d'Carrièren, déi domadder op sinn.

A verschiddene Fächer ewéi Biologie, Geografie, Geschicht asw. soll Wäert op de Fachvokabular a verschiddene Sprooche geluecht ginn, op Däitsch, op Franséisch, op Englesch an och op Lëtzebuergesch.

Op den ënneschte Klassen am Secondaire léiere vill Jugendlech, déi grad an d'Land komm sinn, Lëtzebuergesch als Friemsprooch. Et ass weesentlech, datt si domat kënnen op den ieweschte Klasse virufueren, wann si dat wënschen, souwuel am Secondaire classique wéi am Secondaire général an och an der Formation professionnelle.

Wie Lëtzebuergesch léiert, soll eng Zertifikatioun kréien doriwwer, wéi en Niveau erreecht ginn ass.

**(6) Kompetenzen am Lëtzebuergesche baussent der Promotioun zertifiéieren**

Lëtzebuergesch soll prinzipiell net ewéi déi aner Schoulsprooche mat der ganzer Rechtschreiwung a Grammaire misse geléiert ginn. Wien dat awer wéilt maachen, dee soll eng Zertifikatioun kréie fir déi erreechte Kompetenzen.

Déi Zertifikatioun soll net fir d'Promotioun zielen, ausser op den ieweschte Klasse mat Lëtzebuergesch als Schwéierpunkt (cf. Mesure 7).

**(7) Lëtzebuergesch als Schwéierpunkt an den ieweschte Klasse virgesinn**

Op den ieweschte Klasse soll op verschiddene Sektioune Lëtzebuergesch kënnen als ee vun de sproochleche Schwéierpunkte gewielt ginn.

Fir déi Jonk fir Lëtzebuergesch ze motivéieren, brauche si an hir Elteren d'Informatiounen doriwwer, datt no der 1re e Studium mat der Spezialitéit Lëtzebuergesch am Bachelor an um Niveau Master méiglech ass, an datt eng Partie Beruffer kënne mat deenen Diplomer ugestriet ginn, virun allem déi am Enseignement (cf. Mesure 38).

**(8) An allgemengbildende Fächer e multilinguale Fachvokabular mat Lëtzebuergesch vermëttelen**

Et entsprécht der Realitéit an eisem Land, datt Fachwierder a verschiddene Sprooche gebraucht ginn, am Beruff, mee och am Privatliewen, well zum Beispill a Butteker jee nodeem éischter lëtzebuergesch, däitsch, franséisch oder esouguer englesch Wierder geholl ginn. Och am Studium ass et nëtzlech, op esou Glossairë kënnen zeréckzegräifen.

Dofir ass an allgemengbildende Fächer ewéi Biologie, Geschicht, Geografie, Konscht, Ausbildung am Atelier asw. e Glossaire néideg, mat dem Fachvokabular an deenen dräi Landessproochen an am Engleschen. Esou Glossairë kënnen zesumme mam ZLS ausgeschafft ginn.

An allgemeng wichtege Beräicher vum Alldag soll den ZLS Glossairen als Illustratioun publizéieren, zum Beispill fir d'Anatomie vum Kierper, d'Deeler vun engem Haus, den ëffentlechen Transport asw. D'Beschrëftung kéint a verschiddene Sproochen op e puer Schwieregkeetsniveaue sinn.

**(9) An den ieweschte Klasse vum Secondaire optionell LaF-Coursen ubidden**

Vill Jugendlecher kommen an d'Land a kënne kee Lëtzebuergesch. Si léiere Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF) op den Insertiounsklassen an den dräi éischte Jore vum Lycée, mat véier bis fënnef Wochestonnen, an hunn e gewëssenen Niveau erreecht. Leider sinn da keng Coursë méi fir LaF virgesinn, an dat Geléiert riskéiert vergiess ze ginn.

Dofir soll d'Méiglechkeet bestoe vun Optiounscoursen, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch virun ze léieren.

## Ëffentlech international Schoulen

Déi ëffentlech international Schoulen huele Kanner a Jugendlecher an der Grondschoul an am Secondaire op. Vill dervu kënne keen oder mann Lëtzebuergesch a léieren dann an der Schoul Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF).

Et ass wichteg, datt mat hinne Lëtzebuergesch an anere Fächer a bei Aktivitéite geschwat gëtt (cf. Mesure 3), an datt esouwuel si selwer ewéi och hir Elteren iwwer d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen an der Schoul, am Beruffsliewen an an der Gesellschaft vum Land forméiert ginn (cf. Mesure 2).

Mee och d'Kontinuitéit vun deem Léieren an d'Zertifikatioun vum Lëtzebuergesche si wichteg. Wie mat LaF ugefaangen huet, soll domat kënne virufueren. An e soll an der Schoul seng erreechte Kompetenzen zertifiéiert kréien.

D'Programmer vun den ëffentlechen internationale Schoule sinn zum gréissten Deel déi vun den Europaschoulen a gi vun den zoustännegen Instanze bei der Europäescher Unioun zu Bréissel decidéiert.

D'Fro, wéi Lëtzebuergesch kann eng méi grouss Roll am Kader vun den ëffentlechen internationale Schoule kréien, hänkt also zesumme mat der Unerkennung vum Lëtzebuergeschen an der Europäescher Unioun (cf. Mesure 25).

**(10) Kompetenze vum Lëtzebuergeschen an der Schoul zertifiéieren**

Wa Lëtzebuergesch geléiert gëtt, soll dat am Kader vum Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen (GER) zertifiéiert ginn.

Fir mëndlech Kommunikatioun sollt et déi offiziell Zertifikatioun si vum INL. Dat ass wichteg fir jonk Leit, déi spéider déi lëtzebuergesch Nationalitéit froen.

**(11) Lëtzebuergesch als Wielméiglechkeet fir déi drëtt Sprooch aféieren**

Aktuell ass Lëtzebuergesch just zousätzlech zu den dräi Sproochen L1, L2 an L3 virgesinn. Do soll et an Zukunft och méiglech ginn, Lëtzebuergesch als L3 ze wielen.

**(12) Optionell LaF-Coursë virgesi fir Schülerinnen a Schüler, déi virdru LaF geléiert hunn**

Vill Schülerinnen a Schüler léiere Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF) iwwer e puer Joer an hunn dono kee Cours méi fir Lëtzebuergesch am Stonneplang vun den ieweschte Klassen. Fir si sollt eng Offer bestoe vun optionelle Coursen, fir mam Lëtzebuergesche virunzefueren, esou wéi am Secondaire (cf. Mesure 9).

## Erwuessenebildung

D'Demande fir LaF-*Lëtzebuergesch als Friemsprooch*-Coursen ass immens héich, hei am Land, an der Groussregioun, mee och méi wäit ewech, zum Beispill an den USA oder a Brasilien, wou vill Mënschen an de leschte Joren d'Nationalitéit iwwer de sougenannte Recouvrement kritt hunn, wa se noweise konnten, datt ee vun hiren ***Unhärercher***, also Virfaren, am Joer 1900 Lëtzebuerger war. Déi géifen dacks elo gäre Lëtzebuergesch léieren.

Eng grouss Hëllef ass d'Plattform LLO op www.llo.lu, déi et erlaabt, Lëtzebuergesch iwwer den Internet ze léieren. Déi Offer ass gratis; et kann ee sech vun iwwerall aschreiwen. Den LLO ass den 10. September 2022 virgestallt an opgemaach ginn, a bannent zwou Wochen hu sech 30.000 Leit ageschriwwen. Am Moment bitt den LLO just déi ënnescht Niveauen A1 an A2 u vum Gemeinsamen Europäesche Referenzkader. Pro Joer soll en Niveau derbäikommen.

Esou eng Offer arrangéiert vill Leit, déi de ganzen Dag schaffen a moies an owes stonnelaang am Auto oder Zuch sëtzen. Allerdéngs ass net jiddweree capabel, dëse Léierprozess selwer an eleng duerchzestoen an Hëllef sollt kënne gefrot ginn.

Vill Leit, déi Lëtzebuergesch léieren oder geléiert hunn, soten dem Minister bei der Sproocheronn 2022 ewéi schonns bei der Tournée vun 2018, datt si de Problem hunn, datt d'Lëtzebuerger Leit mat hinnen net Lëtzebuergesch schwätzen, mee direkt an eng aner Sprooch wiesselen. Et ass allerdéngs net ëmmer einfach ze decidéieren, ob et grad héiflech ass, viru Lëtzebuergesch ze schwätzen oder net mat enger Persoun, déi Méi huet sech auszedrécken. Dofir sollt een e Signal lancéieren ewéi e ***Button***, deen ausseet: ***Ech léiere Lëtzebuergesch an ech si frou, wann Dir Lëtzebuergesch mat mir schwätzt.***

Grad beim Léieren iwwer Internet ass eng ***Certification à distance*** néideg. Esou eng Zertifikatioun muss vu qualifizéiertem Personal aus dem INL duerchgefouert ginn, dat awer net op der Plaz muss sinn, wann d'Kandidatinnen a Kandidaten an engem gëeegente Kader am Ausland déi Epreuvë maachen.

Net jiddwereen huet vill schoulesch Erfarung. Och fir Mënsche mat Léierschwieregkeeten, oder fir déi, déi net esou gutt mat der Informatik eens ginn oder keen Zougank do derzou hunn, muss et eng Offer ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Fir déijéineg, déi net esou gutt eens gi mam schoulesche Léieren a mam ville Schreiwen, ginn et am Ausland Virbiller, un deenen ee sech kann inspiréieren[4].

**(13) Den Internetcours LLO bis den Niveau C1 ubidden**

Et ass aktuell geplangt, den LLO bis den Niveau B2 virunzedreiwen.

Den LLO sollt bis den Niveau C1 ausgebaut an dono gekuckt ginn, ob eng weider Offer néideg ass a spezialiséierte Kontexter.

[4] E gutt Beispill ass de Projet aus Liechtenstein vum Veräin Liechtenstein languages op https://21.liela.li/:
„Liechtenstein Languages (LieLa) ist ein Verein mit internationaler Erfahrung, der Unterrichtsmaterial für Lehrpersonen und Kursleitende in verschiedenen Sprachen und für verschiedene Stufen erstellt.
Kernkompetenz von Liechtenstein Languages ist die effektive Sprachvermittlung durch eine hochgradig interaktive Methodik für einen spielerischen und lustvollen Lehr-/Lernprozess. Die Methode LieLa besteht aus einem vielfach erprobten Mix von verschiedenen erfolgreichen Praktiken aus dem Fundus des akzelerierten Lernens. Der Unterricht wird ausschliesslich in der Zielsprache geführt."

**(14) Léierméiglechkeete fir ënnerwee ubidden**

Well vill Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, moies an owes laang ënnerwee sinn, sollte si parallel zu dem Internetcours LLO gëeegent didaktescht Material hunn, dat se da kënne lauschteren.

**(15) D'Kompetenzen am Lëtzebuergeschen à distance certifiéieren**

Net all Mënsch, dee Lëtzebuergesch léiert, huet et einfach, op Lëtzebuerg an den INL ze komme fir en Examen. Dofir ass et wichteg, datt déi Epreuvë vum Test LaF iwwer Internet méiglech sinn, déi dann och fir de Sproochentest fir d'Nationalitéit[5] zielen.

D'Léierpersonal, dat vum INL dofir qualifizéiert ass, kann d'Ofpréiwe vun de Kompetenze via Internet à distance maachen. D'Kandidatinnen a Kandidate mussen op eng agreéiert Institutioun am Ausland kommen. Dat kann eng Ambassade sinn, oder och eng Schoulstruktur. Do ginn se empfaange vum Personal vun där Institutioun, dat vum INL dofir forméiert ass. D'Identitéit gëtt kontrolléiert an och datt d'Konditioune vun der Epreuve respektéiert ginn, also eleng schaffen, d'Zäit anhalen asw.

**(16) Eng Offer maache fir Leit, déi Problemer hu mam Léieren oder mat den digitale Medien**

Hei geet et engersäits drëm, Coursen unzebidde fir Persounen, déi keng oder wéineg schoulesch Erfarung hunn an/oder wéineg alphabetiséiert sinn.

Anersäits huet net all Mënsch déi néideg Kompetenze mat den digitale Medien oder en huet keen Zougank do derzou. Dofir kënnen extra Coursen ugebuede ginn, an d'Méiglechkeet, op enger Plaz selwer ze schaffen op engem Computer, deen zur Verfügung gestallt gëtt.

## Op der Aarbecht

Kompetenzen am Lëtzebuergesche sinn am Beruffsliewen dacks néideg oder vun Avantage, am Secteur privé an am Secteur public.

Betriber kënne Coursë bei sech organiséieren an dat subventionéiert kréien. Allerdéngs ginn d'Prozeduren dofir als komplizéiert ugesinn.

Salariéë kënnen e Congé linguistique kréien, mam Accord vun hirem Patron. Dat ass e Spezialcongé vun aktuell 200 Stonne pro Beruffsliewen. Am Moment gëtt fir de Congé linguistique kee Resultat a priori festgeluecht oder kontrolléiert. Dat féiert net seelen zu der Situatioun, datt no engem Congé linguistique net emol den Niveau A1 erreecht ass. Allerdéngs ass et esou, datt en Aarbechtskontrakt zu Lëtzebuerg de Salarié obligéiere kann, e Sproochentest ze packe mat Ufuerderungen, déi am Viraus definéiert sinn.

Dee Congé linguistique sollt a klengen Tranchen accordéiert ginn; a fir déi nächst Etapp unzegoen, muss déi virdru gepackt sinn.

[5] Art 13 (2) Un candidat qui détient un des certificats suivants : [...] 7° les diplômes « Lëtzebuergesch als Friemsprooch » sanctionnant les niveaux A2, B1, B2 et C1 en expression orale et compréhension de l'oral du Cadre européen commun de référence pour les langues [...] est, s'il en fait la demande, dispensé de l'examen. Sur sa demande, l'Institut lui délivre alors le Certificat de réussite de l'examen. (Règlement grand-ducal du 22 juillet 2019 relatif à l'examen d'évaluation de la langue luxembourgeoise organisé dans le cadre des procédures d'acquisition de la nationalité luxembourgeoise.)

**(17) Konditioune festleeën, fir Lëtzebuergesch an der Aarbechtszäit ze léieren**

Wann am Secteur public oder am Betrib e Salarié, Employé oder Beamte mam Accord vu sengem Superieur oder Patron wëllt Lëtzebuergesch léieren, da sollt en dofir e Congé linguistique oder eng Fräistellung kréien ënner deenen heite Konditiounen:

- Et gëtt a priori en Niveau am Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen (GER) festgeluecht, deen als Zil déngt, an dat am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Concernéierten.
- De Congé oder d'Fräistellung gëtt et an Tranchen. All Tranche ass eng Stuf am GER.
  Wann den Apprenant bei Null ufänkt an op B2 wëllt kommen, wieren et also véier Tranchen: den Niveau A1, vum A1 op den A2, vum A2 op de B1, a vum B1 op de B2.
- Fir déi nächst Tranche accordéiert ze kréien, muss déi virdru gepackt sinn.
  Wann eng Widderhuelung néideg ass, muss den Apprenant dat ouni Congé oder Fräistellung maachen, ier e ka mam Congé oder der Fräistellung virufueren.

Fir déi verschidden Niveauen ze kréien, sinn am GER Stonnenzuelen uginn, 70 Stonne vum Niveau 0 op den Niveau A1, 150 Stonne vun A1 op A2, 300 Stonne vun A2 op B1.

En Deel vun deene Stonne kéinten iwwer de Congé linguistique oder iwwer Fräistellung accordéiert ginn. Dat kéint sech um Niveau vun der Carrière orientéieren, zum Beispill d'Hallschecht an der Carrière inférieure, en Drëttel an der Carrière moyenne, e Véierel an der Carrière supérieure, mat eventuell engem Maximum. Do derbäi kéint een nach speziell Konditioune virgesinn, jee no Sproochesituatioun.

Déi Offer, fir Lëtzebuergesch ze léieren, soll och gëlle fir Demandeurs d'emploi a fir OTI *occupation temporaire indemnisée.*

**(18) Coursen an de Betriber differenzéiert a sur place organiséieren**

D'Betriber kënne selwer Coursen organiséieren an dat zum Deel finanzéiert kréien. Dat mécht et hirem Personal däitlech méi einfach, Lëtzebuergesch ze léieren, wann se sech net nach extra mussen deplacéieren. Do ass et wichteg, einfach a kloer Prozeduren ze hu fir de Finanzement vun esou engem Cours.

Déi Coursen an de Betriber mussen un d'Thematik vun deem Secteur an un d'Besoine vum Personal ugepasst sinn. Dat sollt zesumme mat der Formation des adultes geschéien an et sollt och mam LLO geschafft ginn.

**(19) Am Secteur public d'Besoine festleeën**

Déi Employéen a Beamten, déi kee Lëtzebuergesch oder net gutt Lëtzebuergesch kënnen, brauche Coursë fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF).

Et sinn der och vill, déi wëlle besser Lëtzebuergesch léieren, verschiddener och fir d'Schreiwen.

Dofir sollen d'Administratioune reegelméisseg iwwerpréiwen, wéi eng Besoine fir d'Lëtzebuergescht bei hinne spezifesch fir déi verschidde Beruffer bestinn.

**(20) Am Secteur public variéiert a flexibel Coursen ubidden**

An der Fonction publique besteet eng grouss Demande, fir Lëtzebuergesch kënnen ze léieren::

- Coursë fir LaF, Lëtzebuergesch als Friemsprooch, fir déi, déi et net oder nach net esou gutt kënnen,
- Coursen an der Orthografie,
- Coursen, fir adäquat kënnen a verschiddene Situatiounen op Lëtzebuergesch ze kommunizéieren,
- Coursen am administrative Schreiwen,
- Coursen iwwert d'Sprooch a spezifeschen Aarbechtsberäicher.

Gutt si Coursë sur place an den Administratiounen, an deenen de Kontext vum Service berécksiichtegt gëtt, mat spezifesche Glossairen (cf. Mesure 41). Dobäi sollt vu Blended learning zesumme mat der Internetplattform LLO profitéiert an och mat hausinterne Formateure geschafft ginn, déi d'ZLSK-Ausbildung maachen oder gemaach hunn.

## 2. Visibilitéit a Gebrauch vum Lëtzebuergeschen

Op der Sproocheronn ass de Minister dacks ugeschwat gi wéinst der net esou gudder Visibilitéit vun eiser Sprooch. Dacks gëtt hei am Land bei offizielle Kommunikatiounen oder op Internetsitten oder bei Signalisatioune just Franséisch benotzt, dat zënter dem Zweete Weltkrich déi am Geschriwwene meescht gebrauchten administrativ Sprooch ass.

Bis den Zweete Weltkrich goufe legislativ Texter am Memorial op Franséisch mat enger däitscher Iwwersetzung publizéiert, woubäi am Zweiwelsfall déi franséisch Versioun gezielt huet. Nom Krich gouf déi däitsch Iwwersetzung ofgeschaaft. Dat huet et ville Leit am Land schwéier gemaach, déi Texter ze verstoen, well si net genuch Franséisch konnten. Lëtzebuergesch war deemools nach net prett fir d'Redaktioun vun esou Texter. Dat ass hautdesdaags anescht.

An de Ministèren an och a verschidde Gemenge gi vill Efforte gemaach, fir Texter an och Signalisatiounen op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen. Well elo Lëtzebuergesch geschwënn an der Constitutioun als Nationalsprooch steet, sollt dëst iwwerall de Fall sinn.

Lëtzebuergesch ass an den Zeitunge kaum present, op Radio an Tëlee gëtt et dacks net gutt geschwat. Dat gëtt heefeg vehement kritiséiert, wann iwwer Lëtzebuergesch rieds geet.

Et ass eng Ausstellung geplangt iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch an iwwer d'Sproochen zu Lëtzebuerg. Eng mobil Versioun kënnt 2023 an den Asaz. Eng permanent Expo ass fir spéider an der Stad um Site nieft der Kathedral virgesinn. Déi Ausstellung weist d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch an d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Kultur a vun der Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg. Den Zilpublikum sinn Erwuessener a Jugendlecher. Fir d'Kanner aus der Grondschoul wier et och gutt, wa si op eng adäquat Manéier mat deenen Theeme bekannt gemaach géife ginn.

Do dernieft brauch et och Informatiounen um Internet. De Site *www.lux.lu* ass dofir geduecht, mee e muss virun ausgebaut ginn. Da sollt och am Ausland iwwer eis Sprooch a Kultur informéiert ginn, an deene Regiounen a Länner, wou vill Leit sech fir Lëtzebuergesch interesséieren[6].

Lëtzebuergesch huet jo kee Statut bei der Europäescher Unioun, et ass weeder eng offiziell Sprooch nach eng Minoritéitesprooch. D'Regierung huet am Juni 2022 d'Decisioun geholl, dowéinst en Dossier zu Bréissel ze deposéieren, mat deem Lëtzebuergesch eng Presenz an der EU kritt.

2010 huet d'Unesco en Atlas erausginn iwwer déi menacéiert Sproochen op der Welt. Lëtzebuergesch ass do net als eegestänneg Sprooch gekuckt ginn, mee als Deel vum *Francique mosellan*, dat an deem Atlas als *Langue vulnérable* bezeechent gouf. Dowéinst ass da gemengt ginn, Lëtzebuergesch wier och *Langue vulnérable*, wat awer expressis verbis NET de Fall war[7]. Och bei der Unesco sollt Lëtzebuergesch als eegestänneg Sprooch fungéieren.

## D'Visibilitéit vum Lëtzebuergeschen

**(21) Iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch informéieren**

Déi zentral Plaz fir Informatiounen ass de Site *www.lux.lu,* dee viru muss ausgebaut ginn als Informatiounsplattform iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch, mat den Äntwerten op déi heite Froen:

- Wou sinn Informatiounen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch ze fannen? Wéi eng kulturell a wëssenschaftlech Offere ginn et am Lëtzebuergeschen?
- Wéi a wou kann ee Lëtzebuergesch léieren? Wéi e Léiermaterial ass do a wou ass et ze fannen? Wou fënnt ee Leit, fir Lëtzebuergesch ze praktizéieren?
- Wéi kann een Enseignante oder Enseignant fir d'Lëtzebuerger Sprooch ginn?

---

[6] Fir esou Plaze kann ee sech, toutes proportions gardées an also an engem klenge Kader, u Frankräich an Däitschland inspiréieren, déi e Reseau vu kulturellen Instituter hunn, déi sech ëm d'Férdere vun der däitscher a franséischer Sprooch an der domat verbonnener Kultur këmmeren.

Das Goethe-Institut ist ein gemeinnütziger Verein mit Hauptsitz in München und hat die Aufgabe, die Kenntnis der deutschen Sprache im Ausland zu fördern, die internationale kulturelle Zusammenarbeit zu pflegen und ein umfassendes, aktuelles Deutschlandbild zu vermitteln. Das Institut unterhält Niederlassungen in zwölf Städten Deutschlands sowie 159 Institute und Verbindungsbüros in 98 Ländern. Hinzu kommen etwa eintausend weitere Einrichtungen von ausländischen Kooperationspartnern weltweit, für die das Goethe-Institut eine finanzielle Förderung und/oder Maßnahmen der Beratung und Qualitätssicherung bereitstellt. (de.wikipedia.org)

L'Institut français est un établissement public à caractère industriel et commercial (EPIC) français, opérateur du ministère chargé des Affaires étrangères et du ministère chargé de la Culture pour l'action culturelle extérieure de la France. L'Institut français travaille en étroite relation avec le réseau culturel français à l'étranger constitué de 96 instituts français et de 445 Alliances françaises dans le monde. (https://fr.wikipedia.org)

[7] Atlas des langues en danger dans le Monde an der zweeter Editioun 2010 op der Säit 41
« La branche germanique est composée de trois sous-groupes : les langues germaniques occidentales, septentrionales et orientales. Trois langues germaniques occidentales ne sont pas en danger : l'anglais, le néerlandais et l'allemand, toutes trois définies ici de façon plus étroite *que dans l'usage non spécialisé. Premièrement, l'anglais exclut le scots qui s'étend au sud jusqu'à la Northumbrie. Deuxièmement, le néerlandais englobe le hollandais, le brabançon et le flamand oriental, tandis que le flamand occidental est un exemple flagrant de langue régionale. Troisièmement, l'allemand est composé du thuringien, du haut-saxon et du silésien, de sorte que non seulement le bas-saxon, mais aussi le francique ripuaire-limbourgeois, le francique mosellan (qui couvre le luxembourgeois), le francique rhénan, le francique oriental, l'alémanique et le bavarois sont reconnus comme étant des langues régionales.*

Aucune des langues régionales n'est particulièrement en danger, mais elles continuent toutes à être parlées dans un contexte de diglossie avec les langues nationales. Le francique mosellan au Luxembourg et l'alémanique en Suisse peuvent difficilement être considérés comme vulnérables compte tenu de leur position extrêmement forte en tant que langues parlées, mais ils sont dans une certaine mesure en compétition avec l'allemand et également avec le français dans le cas du francique mosellan. Plus précisément, le francique mosellan et l'alémanique sont tous les deux parlés dans plusieurs pays et leur situation est beaucoup plus fragile ailleurs. Notons que l'alsacien en France, bien que faisant partie de l'ensemble des dialectes alémaniques, raison pour laquelle il n'est pas traité à part, figure néanmoins dans l'Atlas. »

**(22) Am Ausland iwwer Lëtzebuergeschléieren informéieren**

Um Niveau vun der Groussregioun besteet eng grouss Demande u Coursen, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren. Vill Leit wëlle Lëtzebuergesch léieren, fir heihinner schaffen ze kommen an/oder d'Nationalitéit ze kréien.

Fir iwwer d'Méiglechkeete vum Léiere vum Lëtzebuergeschen, mee och iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze informéieren, sollten an den Ambassaden an eisen Nopeschlänner, mee och an Holland, a Brasilien an an den USA Uspriechpersoune sinn, déi doriwwer kënnen informéieren.

An den Nopeschregiounen ass Lëtzebuergesch vill gefrot. Dofir sollten et an der Grande Région Plaze ginn, op deenen d'Leit Informatioune kréien iwwer d'Léiere vum Lëtzebuergeschen.

**(23) Déi geplangten Ausstellung iwwer Lëtzebuergesch och fir d'Grondschoule virgesinn**

Et geet an där Ausstellung iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch an iwwer d'Sproochen zu Lëtzebuerg drëm, de Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger ze erklären, wéi Lëtzebuergesch entstanen ass, awer och, wéi eng Roll de Multilinguismus am Alldag zu Lëtzebuerg spillt.

Déi elo geplangten Ausstellung riicht sech un Erwuessener an u Jugendlecher. Mat Kanner kann een net op déi selwecht Aart a Weis kommunizéieren. Et ass wichteg, grad de Kanner aus der Grondschoul ze explizéieren, wéi d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg ass, wéi dat sech entwéckelt huet a virun entwéckelt. Dofir soll eng Versioun vun där Ausstellung extra fir Kanner aus der Grondschoul konzipéiert ginn.

**(24) Déi politesch Diskussioun iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch institutionaliséieren**

D'Zesummenaarbecht tëscht de concernéierte Gremie gëtt vum Commissaire koordinéiert, deen den zoustännege Minister doriwwer informéiert.

Déi politesch Diskussiounen iwwer d'Lëtzebuergescht sollten transparent an d'Ëffentlechkeet kommen. Dofir sollt dee Rapport, deen de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch all Joer mécht an an deem de Bilan gezu gëtt vun der Realisatioun vun de Mesurë vum Aktiounsplang, an der Chamber diskutéiert ginn.

Fir de Fall, datt an den Zeitungen eng speziell Bäilag op Lëtzebuergesch kënnt (cf. Mesure 28), sollt dee Rapport, d'Diskussioun doriwwer an och d'Question-parlementairen am Zesummenhang mat der Sproochesituatioun hei am Land dora publizéiert ginn.

**(25) Lëtzebuergesch bei der EU a beim Conseil de l'Europe valoriséieren**

Den Traité iwwert d'Europäesch Unioun (TER) gëtt op Lëtzebuergesch iwwersat mam Zil, fir eng certifiéiert Versioun un de Rot vun der Europäescher Unioun ze iwwerreechen, déi dann an d'Archive vum Rot opgeholl ka ginn. Dëst dréit dozou bäi, datt Lëtzebuergesch am Kader vum Artikel 55, Paragraph 2 vum TEU fir déi éischte Kéier eng gewëssenen Unerkennung um Niveau vun der EU huet. Legal europäesch oder lëtzebuergesch Texter gi virun op Franséisch geschriwwen, mee wichteg Texter ewéi d'Constitutioun vum Land an déi europäesch Traitéë ginn op Lëtzebuergesch iwwersat.

An den ëffentlechen europäesche Schoule soll Lëtzebuergesch kënnen als drëtt Sprooch L3 gewielt ginn (cf. Mesure 11).

Den Europarot befaasst sech allgemeng mat europäesche Froen, mam Zil, den ekonomeschen a soziale Fortschrëtt virunzedreiwen, déi demokratesch Sécherheet ze erhalen an dat gemeinsaamt Ierwen, zu deem och Lëtzebuergesch zielt, ze valoriséieren.

**(26) Lëtzebuergesch bei der Unesco als eegestänneg Sprooch etabléieren**

D'Unesco huet an hirer Publikatioun Lëtzebuergesch als Variant vum *francique* ernimmt, wourauser d'Impressioun entstanen ass, Lëtzebuergesch wier bei der Unesco als vulnérable bezeechent ginn. Och bei der Unesco soll Lëtzebuergesch als eegestänneg Sprooch unerkannt an analyséiert ginn. Dat géif mat sech bréngen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an de Publikatiounen op eng aner Aart a Weis betruecht an analyséiert gëtt.

## Den Ëmgang mat der Lëtzebuerger Sprooch

Bei de Ministèrë ware bis virun e puer Joerzéngten all Internetsitte bal nëmmen op Franséisch. Dat huet sech mëttlerweil geännert, mee et ass nach Aarbecht do, fir déi allgemeng wichteg Kommunikatiounen, d'Formulairen asw. op Lëtzebuergesch ze publizéieren. Franséisch gëtt dobäi och nach ëmmer gebraucht an op ville Plazen ass Englesch wichteg.

An de Gemengen ass d'Situatioun anescht. Plazeweis ass den Internetsite just op Franséisch, op anere fënnt ee Franséisch an Englesch, heiansdo och Lëtzebuergesch oder esouguer just nëmme Lëtzebuergesch. De Wonsch ass et, datt ee sech eens gëtt mat de Gemengen, fir en Deel vun den Texter och op Lëtzebuergesch ze publizéieren. Well Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an d'Constitutioun stoe kënnt, ass et ubruecht, datt zumindest d'Presentatioun vun Administratiounen a Gemengen op Lëtzebuergesch geschitt.

Eng Suerg, déi d'Bierger ëmmer erëm zur Sprooch bréngen, ass de Fait, datt si am Spidol oder therapeuteschen a sozialen Ariichtungen op Personal stoussen, dat kee Lëtzebuergesch versteet.

Et hu sech op der Sproocheronn vill Mënschen doriwwer beschwéiert, datt si Lëtzebuergesch geléiert hunn, mee datt kee Lëtzebuergesch mat hinne schwätzt. Et ass tatsächlech esou, datt aus Héiflechkeet vill Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger direkt d'Sprooch wiesselen, wann se mierken, datt ee Schwieregkeeten huet, sech op Lëtzebuergesch auszedrécken. Domat huelen se awer deene Leit d'Méiglechkeet, déi nei geléiert Sprooch ze praktizéieren. Do ass et wichteg, datt deen, deen amgaang ass d'Sprooch ze léieren, iwwer e visuellt Signal de Message ka viruginn, datt hie frou wär, Lëtzebuergesch kënnen ze schwätzen.

Fir Lëtzebuergesch ze léieren, ass et vu groussem Virdeel, wann een d'Sprooch ka praktizéieren. Vill Leit hunn déi Méiglechkeet an hirem Ëmfeld net. Si brauchen de Kontakt mat Benevollen, déi Lëtzebuergesch als Mammesprooch schwätzen an déi hinne wëllen hëllefen. Fir Mëssbrauch ze vermeiden, sollt dat net iwwer eng onkontrolléiert national Internet-Plattform geschéien, mee um lokale Plang organiséiert ginn. Dat kann ënner der Form si vu Sproochcaféen, vu perséinleche Sproochbuddyen oder vu gemeinsamen Aktivitéiten.

D'lëtzebuergesch Sprooch a Kultur muss erhale bleiwen, an se soll och ze fanne sinn. Et stinn net dacks Artikelen op Lëtzebuergesch an der geschriwwener Press. Dat fält speziell am kulturelle Beräich op, wou et vill Produktiounen op Lëtzebuergesch gëtt, déi keen Echo op Lëtzebuergesch an der geschriwwener Press fannen.

Kritiséiert gëtt och, datt op Radio an Televisioun Lëtzebuergesch net korrekt geschwat oder ausgeschwat géif ginn, datt also de Vocabulaire, d'Ausdrocksweis, d'Aussprooch an/oder d'Diktioun net gutt wieren.

Bicher op Lëtzebuergesch (an och Lëtzebuerger Bicher an anere Sprooche) sinn dacks séier ausverkaaft an da schwéier ze fannen, ausser an der Nationalbibliothéik. Dofir sollten déi Wierker informatesch publizéiert ginn.

Et ass och wichteg, datt Autorinnen an Auteure vun der lëtzebuergeschsproocheger Literatur a soss Persoune mat Meritte fir d'Lëtzebuergescht oder Evenementer an deem Kontext net an de Vergiess geroden. Dofir bräicht

een eng Instanz, déi de Suivi mécht vu wichtegen Datumen, an dem zoustännege Ministère an an de Gemenge Propositioune mécht, u wéi eng Persounen oder Evenementer sollt wéini erënnert ginn. Et ass dann un deenen Instanzen ze kucken, ob a wéi se wëllen do eppes an d'Weeër leeden. Fir déi Prozedur kann ee sech un der franséischer Demarche inspiréieren[8].

Beispiller:

- 2022, 2026 an 2027 si Commemoratiounsjoren un de Michel Rodange, 150 Joer vum Reenert, 150. Doudes- an 200. Gebuertsdag vum Rodange
- 2023 ass den 200. Gebuertsdag vum Dicks
- 2024 ass den 150. Gebuerts- an de 75. Doudesdag vum August Liesch
- 2034 kritt d'Sproochegesetz 50 Joer

**(27) An den Administratioune de physeschen an digitalen Accueil op Lëtzebuergesch virgesinn**

Och wa scho vill geschitt ass, sollt virun dru geschafft ginn, datt all Informatioune fir de Public an de Ministèren an op de Gemengen, also Formulairen, Kommunikatiounen a Signalisatiounen och op Lëtzebuergesch disponibel sinn. Den Accueil op den Internetsitte vu Ministèren a Gemenge soll ëmmer op Lëtzebuergesch sinn.

Mam Syvicol zesumme soll eng Prozedur festgeluecht an d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen, dem Inneministère, dem Commissaire an dem ZLS gekläert ginn.

**(28) Méi Lëtzebuergesch an d'Zeitunge bréngen**

Et stinn net dacks Artikelen op Lëtzebuergesch an der geschriwwener Press.

Eng extra Bäilag, déi vun Zäit zu Zäit bei d'Zeitunge kéim, kéint zum Beispill d'Quantitéit vun Artikelen a Lëtzebuerger Sprooch erhéijen.

**(29) D'Qualitéit vum Lëtzebuergeschen an de Medie verbesseren**

Kritiséiert gëtt, datt Lëtzebuergesch um Radio an op der Tëlee net korrekt geschwat oder ausgeschwat gëtt, datt also de Vocabulaire, d'Ausdrocksweis, d'Aussprooch an/oder d'Diktioun net gutt sinn.

Et solle Coursen ugebuede gi fir korrekt Lëtzebuergesch, am Schwätzen, an der Aussprooch, am Schreiwen (cf. Mesure 44). Iwwer Inhalt a Prozedure sollt mam Presserot an de Medie geschwat ginn.

---

[8] https://francearchives.fr/commemo/recueil-2018/

Le Haut comité a été institué par arrêté du 23 septembre 1998 afin de conseiller le ministre de la Culture et de la Communication dans la définition des objectifs et des orientations de la politique des célébrations nationales. À ce titre, il soumet chaque année à l'agrément du ministre la liste des anniversaires susceptibles d'être inscrits au nombre des commémorations officielles. […] les faits saillants de la vie politique avec la création poétique ou scientifique, la naissance ou la mort d'hommes et de femmes d'importance, en créent la trame. Toutes les rubriques ne sont pas traitées avec le même poid.

**(30) Lëtzebuergesch schwätze mat de Leit, déi Lëtzebuergesch léieren**

E visuellt Zeeche soll signaliséieren, wann een, dee Lëtzebuergesch léiert, wënscht, datt mat him Lëtzebuergesch geschwat soll ginn. Et geet also drëm, deen heite Message ze vermëttelen: *Ech léiere Lëtzebuergesch, schwätz wgl. Lëtzebuergesch mat mir*.

Eng Campagne sollt déi Approche bekannt maachen (cf. Mesure 38). Mat där sollen d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger motivéiert ginn, fir Lëtzebuergesch ze schwätze mat deenen, déi dat wënschen.

**(31) Informellt Léiere vu Lëtzebuergesch an de Gemenge méiglech maachen**

Vill Leit an eiser Gesellschaft léiere Lëtzebuergesch a si frou doriwwer, wa si dat net nëmmen a Coursen, mee och an informelle Kontexter kënne maachen. Op der anerer Säit si vill lëtzebuergesch Mammesproochler bereet, do derbäi ze hëllefen.

De Kontakt soll um lokalen Niveau vun de Gemengen organiséiert ginn, iwwer Sproochecaféen (Café des langues), Gespréichsdëscher (Tables de conversation), interkulturell Aktivitéiten, Sproochebuddyen ... an et kann den Internetsite *Pratique langues en ligne* derbäi geholl ginn.

Mam Syvicol an den zoustännege Ministèren (Famille, Intérieur) zesumme soll déi Demarche definéiert ginn.

**(32) E sproochleche Mediateur schafe fir Santé a Fleeg a fir de soziale Secteur.**

De Médiateur linguistique soll kënnen an deene verschiddene Beräicher, am Gesondheetswiesen, an der Fleeg, am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur an den Altersheimer intervenéieren. Et brauch een esou Médiateur-linguistiquë fir verschidde Sproochen.

D'Beruffsbild muss definéiert ginn, d'Prozedur fir en ze ruffen an de Finanzement.

Wéi an anere Beräicher muss och de Vocabulaire an deene Beräicher iwwer e spezialiséierte Glossaire ausgeschafft a publizéiert ginn (cf. Mesure 41).

**(33) Spezifesch a flexibel Coursë fir d'Gesondheets- a Fleegepersonal ubidden**

Vill Leit aus dem Gesondheetssecteur si frankofon. Fir mat de Patiente schwätzen ze kënnen, ass et wichteg, datt si d'Méiglechkeet kréien, Lëtzebuergesch ze léieren.

Well d'Aarbechtszäiten dacks onreegelméisseg sinn a vill Leit vu méi wäit hier kommen, ass eng flexibel Offer u Coursë wichteg. Do kann den Internetcours *www.llo.lu* benotzt ginn, mat Blended learning, an och de Glossaire vum ZLS: *med.lod.lu*

**(34) D'Kultur a Lëtzebuerger Sprooch erhalen an zougänglech maachen**

Vill Bicher a lëtzebuergescher Sprooch si séier net méi an de Librairien disponibel. Et ass da schwéier méiglech, se nach ze fannen.

D'Nationalbibliothéik BNL ass amgaangen, déi Luxemburgensia-Bicher, op deene keng Rechter méi sinn, ze digitaliséieren. Am Kader vun hirer Digitaliséierungsstrategie wëllt d'BNL mat den Editeuren an Ayant-droits en Accord fannen, fir déi Luxemburgensia-Bicher, op deenen nach Rechter an déi out of commerce sinn, kënnen digital ze publizéieren.

Da sollt e Gremium Gebuerts-, Doudes- a Joresdeeg vu wichtege Personalitéiten oder Evenementer am Zesummenhang mam Lëtzebuergesche sammelen an un déi zoustänneg Instanzen, Ministèren oder Gemenge ginn, déi dann decidéieren, op wéi eng Aart a Weis dorun erënnert gëtt.

## 3. Lëtzebuergesch virundreiwen

Eng Sprooch bleift net stoen, grad Lëtzebuergesch net als vill geschwaten a wéineg geschriwwe Sprooch, déi dovu markéiert ass, datt en héijen Undeel vun der Populatioun Lëtzebuergesch als Friemsprooch geléiert huet.

### D'Lëtzebuergeschléiere virundreiwen

E ganz groussen Defizit ass aktuell dee vum Léierpersonal fir Lëtzebuergesch, dat am Land op allen Niveaue feelt.

Aus dem noen Ausland kënnt och ëmmer erëm d'Fro, fir Léierpersonal kënne geschéckt ze kréien.

**(35) Den Zougang promovéieren zu de Beruffer, fir Lëtzebuergesch ze enseignéieren**

An de Lycéeën ass dacks net gewosst, datt Lëtzebuergesch e valabele Choix ass fir Studien a Beruff. Dee Message muss besser vermëttelt ginn un déi Jonk an un hir Elteren, mat geziilten Informatiounen iwwer de Bachelor an de Master op der Universitéit an déi verschidde Carrièren am Lëtzebuergeschen.

Do ass eng Campagne néideg (cf. Mesure 38).

**(36) An der Erwuessenebildung eng Carrière fir de Bachelor schafen**

Fir am Lycée oder am INL ze enseignéieren, ass e Master am Lëtzebuergesche gefrot. An der Formation des Adultes ass Première plus den Diplom vum ZLSK néideg, dem *Zertifikat fir Lëtzebuerger Sprooch a Kultur*, eng Formatioun vun 120 Stonnen.

An der Formation des adultes sollt d'Méiglechkeet bestoen, mam Diplom vum Bachelor fir europäesch Studie mat der Spezialitéit Lëtzebuergesch agestallt ze gi mat enger entspriechender Carrière.

**(37) D'Aarbechtskonditioune verbessere vum Léierpersonal an der konventionéierter Erwuessenebildung**

D'Léierpersonal an der Formation des adultes huet et dacks schwéier, well d'Leit selwer hir Coursë mussen organiséieren. Well si op verschiddene Plaze schaffen, ass den Echange tëschent hinne schwiereg.

De Service de la Formation des adultes sollt méi ganz oder hallef Poste schafen an d'Personal op d'Plaze schécken, wou et gebraucht gëtt, an d'Gemengen, a Betriber, an Administratiounen, am Ausland.

Do sollt och eng Plattform geschafe ginn, iwwer déi sech d'Léierpersonal kann digital begéinen, fir Coursen an Erfarungen auszetauschen.

## D'Visibilitéit an de Gebrauch virundreiwen

Duerch reegelméisseg Campagnen an de Medie soll den Image vum Lëtzebuergesche soignéiert ginn. Do kann den Akzent op de gudden Ëmgang ënnerenee geluecht ginn.

D'Lëtzebuerger Sprooch entwéckelt sech virun. Ewéi an anere Sprooche stellt sech dacks d'Fro, ob e méi a méi gebrauchtent Wuert, datt aus enger anerer Sprooch iwwerholl ginn ass, an den Dictionnaire gehéiert, och wann et dofir schonns e lëtzebuergescht Wuert gëtt (*Ameis*, *chillen*). Et ginn och Wierder iwwerholl, fir déi et keng lëtzebuergesch gëtt, bei deenen ee sech froe kann, ob een net soll eppes Lëtzebuergesches proposéieren, ewéi zum Beispill *Maison relais (Kannernascht), Starkregen (Schloreen), Eichenprozessionsspinner (Eechepressessiounsraup), schwerelos, Topflappen*... Dofir brauch et eng Prozedur, fir nei Wierder ze proposéieren; et kéint een esouguer e *Public vote* virgesinn.

Am Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch gëtt ganz vill Aarbecht geleescht, fir op d'Froe vu baussen anzegoen, an och fir thematesch Glossairen auszeschaffen, déi zum Beispill vun Administratioune gefrot ginn. Déi Aarbechte sollten um Site vum ZLS publizéiert ginn. Et wier och gutt, wann thematesch Extraiten, déi kënnen aus dem LOD eraus realiséiert ginn, kéinte géint Bezuele gedréckt ginn, also via *Print on demand*.

Et besteet eng staark Demande fir Coursen doriwwer, wéi ee gutt a richteg Lëtzebuergesch schwätzen oder och schreiwe kann, wann een dat wëllt maachen. Allerdéngs ginn et keng Referenzen dofir, esou wéi et z. B. am Däitschen am Duden senger Publikatioun *Zweifelsfälle der deutschen Sprache* ze fannen ass. Et muss doru geschafft ginn, wat genee déi Ausso iwwer *schlecht Lëtzebuergesch* versus *gutt Lëtzebuergesch* heescht.

Et gi mëttlerweil immens vill Bicher op Lëtzebuergesch publizéiert. De Lieser huet Schwieregkeeten, sech dodran erëmzefannen. Et sollt him do derbäi gehollef ginn.

**(38) Reegelméisseg Campagnë maache fir den Image vum Lëtzebuergeschen**

Mat Campagnen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch sollen d'Informatioun an den Interessi verbessert an och verschidde Besoine vu Staat a Gesellschaft gewise ginn.

Wichteg Campagnë wieren déi, fir Lëtzebuergesch mat Leit ze schwätzen, déi et grad léieren, an déi, mat där jonk Leit fir lëtzebuergesch Studien an d'Carrièren am Enseignéiere vum Lëtzebuergesche motivéiert ginn.

Esou eng Campagne kéint eemol am Joer sinn a jee nom Theema an d'Ausland iwwergräifen.

**(39) Critèren a Prozedure festleeë fir nei Wierder am LOD**

Et brauch kloer Reegelen a Prozeduren, fir nei Wierder an de Lëtzebuerger Online Dictionnaire LOD opzehuelen:

Wéi eng Wierder ginn aus anere Sproochen iwwerholl?

Wie proposéiert nei lëtzebuergesch Wierder fir Importer aus anere Sproochen?

Wéi eng dialektal Wierder kommen an den LOD?

**(40) D'Explikatioune vum ZLS op gestallte Froe sammelen a publizéieren**

Et komme vill Froen un den LOD aus dem Public, déi mat engem groussen Aarbechtsopwand vum ZLS beäntwert ginn.

Déi Froe mat den Äntwerte solle gesammelt a publizéiert ginn.

### (41) Spezialiséiert Glossairen ausschaffen a publizéieren

A ville Beräicher vum Alldag, vun der Beruffswelt a vun der Schoul ass et wichteg, de fachleche Vokabular a verschiddene Sprooche parat ze hunn.

Esou Glossairë ginn op Ufro beim ZLS ausgeschafft oder kontrolléiert; si sollten da fir de Public disponibel sinn, och wann se nach net ganz an den LOD iwwerholl gi sinn.

### (42) Print on demand beim LOD ubidden

Den ZLS sollt d'Méiglechkeet offréieren, datt den Utilisateur gewënschte Glossairen oder aner geziilten thematesch Extraiten aus dem LOD ka gedréckt kréien, also via *Print on demand* géint Bezuelen, an der gewënschtener Oplag.

### (43) Dem Public elektronesch Hëllefsmëttelen ubidden

Déi informatesch Méiglechkeeten, déi et fir aner Sprooche gëtt, sollten och fir d'Lëtzebuergescht méiglech sinn. Et geet an éischter Linn ëm de Spellchecker, dee jo am Office funktionéiert, mee leider net un déi aktuell Reegelen ugepasst ass.

Gutt wier en Translator, d. h. e Site, deen automatesch geschriwwen Texter aus enger Sprooch an déi aner iwwersetzt.

Vill Instanzen, Medien, d'Chamber, si staark interesséiert un der automatescher Sproocherkennung, d. h. geschwatenen Text néierzeschreiwen, Speech-to-text.

Mënschen, déi nei an d'Land kommen, wier vill gehollef, wa si kéinten op enger Reunioun dat geschwatent Lëtzebuergesch op hirem Handy ophuelen an direkt an hir Sprooch iwwersetzen.

### (44) Coursë fir gutt Lëtzebuergesch ubidden

E Cours iwwer gutt a richteg Lëtzebuergesch, sief et schwätzen oder och schreiwen, sollt vum ZLS an Zesummenaarbecht mat den Acteure vum Terrain ausgeschafft ginn, also zum Beispill mat de Redaktiounsmembere vu Radio an Tëlee fir d'Schwätzen, mat deenen aus den Zeitunge fir d'Schreiwen. Esou e Cours liwwert keng strikt Virschrëften, mee e gëtt Indikatiounen doriwwer, wéi ee sech an engem bestëmmte Kontext esou ausdréckt, datt et als adäquat empfonnt gëtt.

Diktiounscoursë fir d'Lëtzebuergescht, also fir d'Spriechtechnik, kënnen offréiert ginn an Zesummenaarbecht mat de Conservatoiren, an deenen hirem Curriculum dat virgesinn ass.

### (45) Mondaarte vum Lëtzebuergesche lokal fërderen an national dokumentéieren

D'Suerg besteet, datt mat der Standardiséierung vum Lëtzebuergeschen déi lokal Mondaarte verschwannen. Beim Léiere vum Lëtzebuergeschen als Friemsprooch soll allerdéngs net mat Mondaarte geschafft ginn.

Mee Persounen, déi dat wënschen, sollte sech an deene Mondaarten austausche kënnen. Dat soll op lokalem Niveau geschéien. Zesumme mam ZLS kënne déi Mondaarte vum Lëtzebuergeschen dokumentéiert ginn.

Mam Syvicol an dem Inneministère soll eng Prozedur definéiert ginn.

**(46) Eng Iwwersetzerformatioun mat der Spezialitéit Lëtzebuergesch schafen**

Lëtzebuergesch kritt ëmmer méi Bedeitung, och am Ausland, an et gëtt ëmmer méi iwwersat, an d'Lëtzebuergescht, mee och aus dem Lëtzebuergeschen. Dofir brauch et eng Formatioun fir Iwwersetzer mat der Spezialisatioun Lëtzebuergesch.

Dat kann op der Universitéit Lëtzebuerg sinn, oder am Ausland zesumme mat enger Iwwersetzerschoul, zum Beispill Saarbrécken oder Germersheim. Et kéint een och de Bachelor am Ausland virgesinn, an de Master hei zu Lëtzebuerg.

**(47) Feuilletone fir Literatur op Lëtzebuergesch schafen**

Esou Feuilletone ginn et deelweis schonns op Radiostatiounen. Si sollten ausgebaut ginn, an och eng Präsenz an den Zeitunge kréien, eventuell am Kader vun der Mesure 28 an och dauerhaft disponibel bleiwen (cf. Mesure 21), esou datt den interesséierte Lieser sech kann iwwer eenzel Bicher informéieren an e gudden Iwwerbléck iwwer all nei Publikatioune kréien.

## D'Wëssen iwwer Lëtzebuergesch virundreiwen

Lëtzebuergesch bleift net stoen, mee et entwéckelt sech virun. Dat geet ganz séier, well esou vill Leit Lëtzebuergesch léieren a pro Joer der mindestens 10.000 derbäikomme bei déi 300.000 Mammesproochler.

Och de Fait, datt Lëtzebuergesch nach ëmmer wéineg geschriwwen a kaum als Schrëftsprooch an der Schoul geléiert gëtt, dréit derzou bäi, datt et sech séier ännert.

A ville Beräicher sinn Etüde wichteg, bei den Diskussioune ronderëm d'Alphabetisatiounssprooch, iwwer de sproochlechen Ëmgang an d'Besoinen am Santésberäich, d'Roll vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch an der Gesellschaft, d'Evolutioun vun de lokalen Idiomer, d'Definitioun an d'Moosse vun de spezifesche multilinguale Kompetenzen, de Verglach mam Ausland, mat Länner oder Regiounen, déi eng änlech Sproochesituatioun hunn, zum Beispill d'Elsass, déi däitschsproocheg Communautéit an der Belsch, Malta, d'Färöerinselen.

**(48) D'Recherche iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch ausbauen an op eng verständlech Manéier presentéieren**

D'Recherche iwwer d'Evolutioun vun der Lëtzebuerger Sprooch an d'Publikatiounen doriwwer musse permanent virugedriwwen an ausgebaut ginn. Dat ass gutt amgaangen a sollt virugedriwwe gi mat der Schnëssen-App an der Publikatioun vum Sproochatlas an der Etüd iwwer d'Jugendsprooch.

Do derbäi sollt e Prozess komme fir geziilten Opname vun eeleren Native speakers, a Recherche a méi schwierege Kontexter ewéi zum Beispill de sproochlechen Echange tëschent Medezinner an hire Patienten.

Den Institut fir Luxemburgistik brauch dofir genuch Posten, fir déi Recherche, d'Informatioun vum Public an och d'Ausbildungen an de Beräicher Bachelor a Master ze assuréieren.

**(49) Reegelméisseg Etüde maache loossen iwwer d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch**

Déi Etüde solle vum zoustännege Ministère ugefrot an d'Universitéit domat beoptraagt ginn.

Prioritär Etüde sinn déi iwwer d'Fro, wéi eng Kompetenzen am Lëtzebuergesche virum C2 néideg sinn, fir datt bei der Alphabetiséierung an däitscher Sprooch déi sougenannte *Sprungbrett-Funktion* vu Lëtzebuergesch op Däitsch funktionéiert, oder och de Besoin an de beruffleche Profil vun de Mediateuren am Santéssecteur an am soziale Secteur (cf. Mesure 32)

**(50) E reegelméissegen akadeemesche Colloque organiséieren iwwer Lëtzebuerger Sprooch a Kultur**

Wichteg ass den internationalen Echange mat Universitéiten.

D'Universitéit vu Lëtzebuerg sollt reegelméisseg en internationale Colloque hei am Land organiséieren, iwwer Lëtzebuerger Sprooch a Kultur, an och iwwer déi allgemeng Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg.

# II. D'Basis vum Aktiounsplang

Den Aktiounsplang baséiert um Artikel 3 vum Gesetz vum 20. Juli iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch:

> *Le commissaire est appelé à contribuer à la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise et à proposer au Gouvernement un projet de plan d'action et après adoption du plan d'action par le Gouvernement, à superviser et coordonner sa mise en œuvre.*

## A. D'Conclusiounen aus der Strategie vun 2017

2017 huet d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen decidéiert mat 40 Mesuren. Mëttlerweil si 25 vun deene 40 Mesurë realiséiert, 14 amgaange realiséiert ze ginn, a bei enger ass et net esou wäit.

Hei sinn d'Conclusiounen, déi sech aus der Realisatioun, oder Net-Realisatioun, vun deene Mesuren erginn. De geneeë Bilan vun der Strategie vun 2017 steet an der Annex D.

### 1. Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau

Strategie, Mesure 5:

> *D'Regierung wäert mat den europäeschen Institutiounen Negociatiounen ophuelen, fir mat hinnen en Accord iwwer en „arrangement administratif" ze fannen, esou wéi en an de Conclusioune vun dem EU-Conseil ënner der Lëtzebuerger Presidence 2005 festgehale gouf. All Bierger soll esou d'Recht kréien, sech op Lëtzebuergesch un d'europäesch Institutiounen ze adresséieren, an eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien. D'Zil vun der Demarche vun der Regierung ass, datt d'lëtzebuergesch Praxis, wéi se am Gesetz vun 1984 festgehale ginn ass, um EU-Niveau soll applizéiert ginn. Konkreet heescht dat, datt d'franséisch Sprooch och weiderhin d'Sprooch vun den offiziellen nationalen an europäeschen Dokumenter wäert bleiwen, an och d'Aarbechtssprooch am Echange tëscht dem Lëtzebuerger Staat an den europäeschen Institutioune soll sinn.*

Aktuell:

Eng Note vun den zoustännege Ministeren ass den 22. Juli an d'Regierung komm. Dës Decisioune si geholl ginn:

- *de faire traduire en langue luxembourgeoise la Constitution du Grand-Duché et le Traité européen ;*
- *de transmettre la traduction du Traité européen en langue luxembourgeoise au Conseil de l'Union européenne afin qu'elle puisse être versée aux archives du Conseil, aux termes de l'article 55, paragraphe 2 TUE ;*
- *d'entamer les démarches pour rendre possible la contribution financière des institutions européennes aux activités de recherche, d'enseignement et de publication relatives à la langue luxembourgeoise ;*

- *d'explorer les possibilités de la mise en place d'une procédure afin que chaque citoyen puisse s'adresser aux institutions européennes en luxembourgeois et recevoir une réponse dans cette langue ;*
- *de rendre accessible gratuitement l'outil d'apprentissage en autonomie sur Internet dans les prochains mois et de viser une certification payante à distance en fonction des domaines de compétences et des niveaux définis par le Cadre européen commun de référence pour les langues ;*
- *d'élargir le dispositif de conventions avec des autorités et institutions de la Grande Région afin de permettre l'organisation de cours de luxembourgeois à l'étranger et des épreuves de certification à distance.*

2010 huet d'Unesco en Atlas erausginn iwwer déi menacéiert Sproochen op der Welt. Lëtzebuergesch ass do net als eegestänneg Sprooch gekuckt ginn, mee als Deel vum ***Francique mosellan***, dat a Frankräich wéinst der rigider Sproochepolitik nom Zweete Weltkrich quasi verschwonnen ass.

Munnech Leit hu gemengt ze verstoen, Lëtzebuergesch wier eng ***Langue vulnérable***. Dat stoung awer expressis verbis anescht an där Publikatioun, dem ***Atlas des langues en danger dans le Monde*** an der zweeter Editioun 2010, op der Säit 41:

> *« Le francique mosellan au Luxembourg et l'alémanique en Suisse peuvent difficilement être considérés comme vulnérables compte tenu de leur position extrêmement forte en tant que langues parlées, mais ils sont dans une certaine mesure en compétition avec l'allemand et également avec le français dans le cas du francique mosellan. »*

Ze dinn:

- Demarche zu Bréissel fir méi Präsenz vum Lëtzebuergeschen an den europäesche Sproocheprogrammer
- Zesummenaarbecht mat der Unesco, fir an hire Publikatiounen d'Lëtzebuergescht als eegestänneg Sprooch ze definéieren an ze analyséieren
- Instanze schafen an den Nopeschlänner an a Regiounen, an deene vill Lëtzebuerger liewen, fir Lëtzebuergesch ze dokumentéieren an e Kontakt domadder opzebauen
- Ausbau vun der Präsenz vum Lëtzebuergeschen a vun de Coursë fir LaF an de Grenzgebidder

## 2. Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht

Strategie, Mesure 6:

> *D'Archivaarbecht an d'Ausstelle vun de bedeitendste sproochhistoreschen Dokumenter ass eng weider wichteg Aufgab, fir de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen an der Sproochevilfalt ze erhéijen. D'Sproochegeschicht vum Land soll mat Hëllef vun Erklärunge visualiséiert ginn, zum Beispill iwwer de Wee vun enger Ausstellung, fir ze weisen, wéi sech eis Sproochesituatioun am Kontext vun der gewuessener a geliefter Méisproochegkeet entwéckelt huet. Zilpublikum sollen esouwuel Awunner vu Lëtzebuerg, Frontaliere wéi och Touriste sinn, déi eppes iwwer eis Sprooch wëlle gewuer ginn.*

Aktuell:

Am Optrag vum Educatiounsminister hat sech en Aarbechtsgrupp drëm gekëmmert, e Konzept vun enger Ausstellung iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch auszeschaffen. De Kulturministère hat d'Zouso ginn, dëse Projet mat Hëllef vun de Kulturinstituter ze ënnerstëtzen. Déi zoustänneg Experte vun der Universitéit an aus den zoustännegen Associatiounen haten och hir Mataarbecht confirméiert.

Spezialiséiert Agencë si mat der Entwécklung vum Konzept a mat der Realisatioun vun der mobiller Ausstellung fir 2023 beoptraagt ginn. Fréistens 2026 geet nieft der Kathedral an der Stad, um Site vum ale Kolléisch, eng permanent Expositioun op.

Dës Ausstellung soll och ëmmer de Lien mat der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg maachen a si soll speziell d'Entwécklung vun de verschidde Sproochen zu Lëtzebuerg beliichten. Si riicht sech un erwuesse Persounen an u Jugendlecher. Si ass awer net gëeegent fir d'Grondschoulen.

Ze dinn:

- d'Projete vun enger mobiller a vun enger permanenter Ausstellung iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochen zu Lëtzebuerg virundreiwen
- eng Versioun fir d'Grondschoulkanner virgesinn

## 3. Norméierung vun Orthografie a Grammaire

Strategie, Mesure 9:

*Eng weider Prioritéit ass d'Opschaffen an d'Vermëttlung vu sproochstrukturellen Aspekter vum Lëtzebuergeschen. Heizou gehéieren d'Norméierung vu grafeschen a grammatikaleschen Elementer vun der Sprooch. Den zukünftege Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch suergt dofir, datt déi Theemefelder vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi nach net gekläert sinn, sou séier wéi méiglech opgeschafft ginn. Op Basis dovunner hält de Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise) eng eenheetlech Orthografie fest, déi am Kader vun engem koordinéierten Text publizéiert gëtt.*

Aktuell:

Mat deem komplette Reegelwierk vun der Lëtzebuerger Sprooch huet den ZLS de fënnefsproochege Lëtzebuerger Online Dictionnaire ausgebaut, dee permanent aktualiséiert gëtt.

D'Verbebuch vum ZLS huet 6000 Verben an 82 Mustertabellen opgegliddert. Dat war eng wichteg éischt Etapp fir d'Grammaire vum Lëtzebuergeschen.

Den ZLS huet e Glossaire vum grammatikalesche Fachvokabular ausgeschafft, mee nach net publizéiert.

Et sinn eng Rei Glossairen a verschiddene Fachgebidder vum ZLS oder vu ministeriellen Administratiounen zesumme mam ZLS ausgeschafft an deelweis och publizéiert ginn, wéi zum Beispill am Beräich vu Medezin a Gesondheet. Dës sinn op *www.zls.lu* ënner der Rubrik ***Linken*** ze fannen.

Ze dinn:

- informatesch Méiglechkeeten ausschaffen an ubidden, ewéi Sproocherkennung, Traductiounen, an och de Spellchecker bei Office an Zesummenaarbecht mat Microsoft

- Spezialiséiert Glossairë systematesch ausschaffen a publizéieren, och mat Illustratiounen
- d'Grammaire virundreiwen

## 4. Kooperatioun mat Universitéiten am Ausland

Strategie, Mesure 13:

*Och op universitärem Niveau gi Fërdermoossname fir d'Lëtzebuerger Sprooch lancéiert. Mam „Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft“ vun der Universitéit Lëtzebuerg existéiert hei am Land eng Fuerschungsequipe, déi sech mat ganz spezifeschen Elementer vun der Sprooch an der Kultur auserneesetzt a reegelméisseg interessant Donnéeë liwwert. Kooperatioune mat Universitéiten am Ausland ginn erhalen a wa méiglech ausgebaut (z. B. Center for Luxembourg Studies zu Sheffield). Eng besonnesch Bedeitung kënnt dobäi der Kooperatioun mat Universitéiten an der Groussregioun zou.*

Aktuell:

D'Universitéit huet, am Kader vum Studieprogramm fir de Master an der Lëtzebuerger Sprooch, eng Virliesungsrei zesummegestallt mat Virträg iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an déi och fir de grousse Public ugebueden. Eng vereinfachten a gekierzte Versioun steet op www.kulturgeschicht.lu.

D'Universitéit huet eng App entwéckelt, fir déi geschwate Sprooch vun haut ze erfaassen: https://infolux.uni.lu/schnessen/

***Schnëssen*** ass déi éischt App, fir d'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an all hire Facettë mat Toun-Opnamen ze erhiewen an ze dokumentéieren. [...De Projet huet als Zil eng ëmfaassend Dokumentatioun vum facettëräiche Lëtzebuergesche vun haut.

D'Resultater vun den Analysen iwwer d'Sprooch, déi iwwer d'Schnëssen-App vun der Uni gesammelt ginn, sinn an der App disponibel. Se ginn och an engem Sproochenatlas publizéiert, vun deem déi éischt Säiten online sinn: https://infolux.uni.lu/neie-letzebuergesche-sproochatlas-online/

Et besti Kontakter mat auslänneschen Universitéiten, déi sech mat der Lëtzebuerger Sprooch beschäftegen. Haaptsächlech sinn dat Tréier (digital Dictionnairen), Mainz (Grammatik, Sproochgeschicht), Hannover. Mat Sheffield besteet d'Kooperatioun éischter am Kader vum Enseignement an der Formatioun vum Bachelor fir d'Englescht.

En envisagéierte Colloque hei zu Lëtzebuerg konnt wéinst der Pandemie bis elo net organiséiert ginn.

Ze dinn:

- mat der Analys vun der geschwatener Sprooch an der Publikatioun vum Sproochenatlas virufueren
- e Colloque all zwee oder dräi Joer virgesinn, ënner der Leedung vum Institut fir Luxemburgistik vun der Universitéit

## 5. Etüd vun der Jugendsprooch a -kommunikatioun

Strategie, Mesure 14:

*Déi nei technologesch a kommunikativ Méiglechkeeten, wéi SMSen a sozial Netzwierker, hunn de Gebrauch vun der lëtzebuergescher Schrëftsprooch erhéicht, och a virun allem bei der Jugend. Dofir ass et vun Interessi, de Jonken hir reell schrëftsproochlech Praktiken aus dem Alldag méi genee ënner d'Lupp ze huelen. Eng grouss ugeluechten Etüd soll Abléck bréngen, wéi d'Jugend als digital natives schreift an allgemeng kommunizéiert, am Kontext vun hiren technologeschen a méisproochege Kompetenzen. Unhand vun engem Documentaire sollen op eng méi uspriechbar Aart a Weis d'Aspekter vu Jugendsprooch a Jugendkommunikatioun vermëttelt ginn.*

Aktuell:

Am Hierscht 2022 huet eng Doktorandin op der Universitéit ugefaange mat enger Etüd iwwer d'Sprooch vun de Jugendlechen, a Kooperatioun mat dem ZLS an dem CEPAS.

Ze dinn:

- de Suivi vun dëser Etüd garantéieren
- d'Jugendsprooch ass net statesch, dofir muss de kontinuéierleche Suivi dovunner an d'Missioune vum ZLS an der Uni koordinéiert ginn

## 6. Literaturconcours fir d'Kannerliteratur

Strategie, Mesure 20:

*An de leschte Joren ass am Beräich vun der Kannerliteratur vill zu Lëtzebuerg entstanen, vun etabléierten hin zu Nowuess-Auteuren, déi an der Lëtzebuerger Sprooch schreiwen. Fir d'lëtzebuergesch Auteuren nach méi present an der Educatioun ze maachen an eng gewëssen Aktualitéit an den Thematiken ze garantéieren, gëtt e Literaturconcours an d'Liewe geruff, iwwer deen neit Textmaterial an Optrag gi gëtt. Zousätzlech ginn d'Geschichten op enger digitaler Plattform ugebueden, wou een zum Beispill duerch Liesunge vun den Auteure selwer och d'Héierverstoe kann op authentesch Weis üben.*

Aktuell:

Fir dëse Concours am Beräich vun der Kannerliteratur, solle Bicher oder Texter an Optrag fir d'Schoul ginn, a spezifesche Beräicher, an deenen e Besoin festgestallt gëtt, zum Beispill kuerz Texter op Lëtzebuergesch, déi d'Elteren, d'Grousselteren oder d'Personal an de Crèchë kéinten de Kanner virliesen, oder aktuell kuerz Liestexter fir de Primaire an de Secondaire.

Ze dinn:

- didaktescht Material, dat feelt, ausschaffe loossen

## 7. Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur

Strategie, Mesure 31:

*Dokteren, Psychotherapeuten an Apdikter, gradewéi déi reglementéiert Gesondheetsberuffer musse laut Gesetz déi dräi administrativ Sprooche vum Grand-Duché, dorënner also och Lëtzebuergesch, verstoen oder sech engagéieren, fir sech déi néideg Kenntnisser an dëse Sproochen nodréiglech unzëeegnen. De Gesondheetsminister huet d'Recht, d'Sproochekenntnisser duerch de Collège médical iwwerpréiwen ze loossen. Vill Efforte ginn elo schonn an de verschiddene Spideeler gemaach, fir Lëtzebuergeschcoursë fir hiert Personal unzebidden. Dës Coursen hu generell e grousse Succès. Donieft ass de Ministère am Gaang ze iwwerleeën, zesumme mat der Fédération des hôpitaux luxembourgeois (FHL) an dem Collège médical, wéi dës Offer nach kann erweidert ginn.*

Aktuell:

Am LOD, op ***med.lod.lu*** gëtt am medezinesche Beräich gewisen, wéi ee sech am Lëtzebuergeschen an op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch ausdréckt, wann et ëm Bobboen, Krankheeten, Behandlungen a Fleeg geet.

D'Fachbegrëffer gi mat engem Beispillsaz op Lëtzebuergesch a mat der Iwwersetzung an déi aner Sprooche vum LOD virgestallt.

D'Coursen an de Spideeler konnte wéinst der Pandemie net gehale ginn ewéi geplangt.

Ze dinn:

- eng Hëllefstellung fir Patienten, déi sproochlech Problemer hunn, fir sech mam Dokter oder mam Personal an de Spideeler ze verstännegen
- Coursë fir d'Personal an de Spideeler, sur place an och via Internet mat Blended learning
- d'Méiglechkeet schafen, datt Chercheure vun der Universitéit dierfen d'sproochlech Relatioun tëscht Patient an Dokter analyséieren

## 8. Eeler Leit

Strategie, Mesure 34:

*Och fir déi eeler Leit kann d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg eng Erausfuerderung sinn. Fir hinnen den Informatiounszougang ze erliichteren, ginn eng ganz Partie Broschüren an Internetsitten an den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch ugebueden. Et ginn den eelere Persounen och Lëtzebuergeschcoursen offréiert. Etüden iwwer d'Integratioun vun eelere Leit mat Migratiounshannergrond sollen ausserdeem hëllefen, den net-Lëtzebuerger Residenten d'Integratioun an eis Strukture fir den drëtten Alter ze erliichteren.*

Aktuell:

Souwuel d'Offer u méisproochegen Internetsitten ewéi och u méisproochege Broschüren ass ausgebaut ginn. Déi eeler Leit profitéiere vun all de ville Formatiounen, déi elo méiglech sinn.

Ze dinn:

- geziilte Mesurë fir all déi Leit, déi vun hire Kompetenzen hier net gutt eens gi mat den digitale Medien oder déi kee gudden Zougang dozou hunn
- eng Etüd ass néideg iwwer déi spezifesch Besoinen an deem Beräich, speziell déi vu Leit mat Migratiounshannergrond a vu Frontalieren

## 9. Conclusiounen aus der Ëmsetzung vun der Strategie 2017

Op deene heite Punkte musse sech Objektiver gesat ginn:

- méi Präsenz vum Lëtzebuergeschen an den europäesche Sproocheprogrammer an Iwwersetzung vun den europäeschen Traitéen op Lëtzebuergesch
- Zesummenaarbecht mat der Unesco, fir an hire Publikatiounen d'Lëtzebuergescht als eegestänneg Sprooch ze definéieren an ze analyséieren
- Instanzen an den Nopeschlänner an a Regiounen, an deene vill Lëtzebuerger liewen, fir iwwer Lëtzebuergesch a Lëtzebuergesch léieren ze forméieren
- Ausbau vun der Präsenz vum Lëtzebuergeschen a vun de Coursë fir LaF an de Grenzgebidder
- eng mobil Ausstellung iwwer d'Lëtzebuergescht an d'Sproochen zu Lëtzebuerg fir d'Kanner aus de Grondschoulen
- informatesch Méiglechkeeten ewéi Sproocherkennung, Traductiounen an de Spellchecker bei Office
- spezialiséiert Glossairen, och mat Illustratiounen
- e Colloque all zwee oder dräi Joer ënner der Leedung vum Institut fir Luxemburgistik vun der Universitéit
- de Suivi vun der Evolutioun vun der Jugendsprooch
- didaktescht Lies- a Lauschtermaterial fir d'Kannerbetreiungsstrukturen, d'Grondschoulen, d'Lycéeën, déi ëffentlech international Schoulen an d'Erwuessenebildung
- Offere fir Persounen, déi manner gutt mat digitale Medie kënnen ëmgoen, oder keen Zougang do drop hunn
- Hëllef schafe fir Patienten, déi sproochlech Problemer hunn, fir sech mam Dokter oder mam Personal an de Spideeler ze verstännegen
- Coursë fir d'Personal an de Spideeler, och via Internet a mat Blended learning
- Recherche iwwer d'sproochlech Relatioun tëscht Patient an Dokter

## B. D'Sproocheronn 2022

Déi ëffentlech Diskussiounen an der Sproocheronn hunn d'Bierger vum Land mam Minister zesummebruecht:

- 7. Juni: Terre-Rouge-Gebai um Belval
- 9. Juni: Lycée classique d'Echternach
- 14. Juni: Lycée Michel-Rodange an der Stad
- 16. Juni: Lycée Edward Steichen zu Clierf
- 10. Oktober mat Schülerinnen a Schüler an der EIDE, der École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette
- an um Online Forum op www.lux.lu


Déi dräi Theemeberäicher waren déi heiten:

1. Lëtzebuergesch léieren
2. Lëtzebuergesch am Alldag
3. Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert

Den ausféierleche Rapport vun der Sproocheronn steet an der Annex C.

## 1. Sproocheronn um Belval am Terre-Rouge-Gebai


dënschdes, de 7. Juni 2022




Sproocheronn 2022 um Belval: *Lëtzebuergesch léieren*




Sproocheronn 2022 um Belval: *Lëtzebuergesch am Alldag*





Sproocheronn 2022 um Belval: *Lëtzebuergesch am 21. Jh*

## 2. Sproocheronn zu Iechternach am Iechternacher Kolléisch

donneschdes, den 9. Juni 2022




Sproocheronn 2022 zu Iechternach: *Lëtzebuergesch léieren*




Sproocheronn 2022 zu Iechternach: *Lëtzebuergesch am Alldag*




Sproocheronn 2022 zu Iechternach: *Lëtzebuergesch am 21. Jh*

## 3. Sproocheronn an der Stad am Lycée Michel Rodange

dënschdes, de 14. Juni 2022

Hei koume keng spezifesch Proposen zum Theema: *Lëtzebuergesch am 21. Jh.*





Sproocheronn 2022 an der Stad: *Lëtzebuergesch léieren*




Sproocheronn 2022 an der Stad: *Lëtzebuergesch am Alldag*

## 4. Sproocheronn zu Clierf am Lycée Edward Steichen

donneschdes, de 16. Juni 2022




Sproocheronn 2022 zu Clierf: *Lëtzebuergesch léieren*




Sproocheronn 2022 zu Clierf: *Lëtzebuergesch am Alldag*




Sproocheronn 2022 zu Clierf: *Lëtzebuergesch am 21. Jh*

## 5. Sproocheronn mat de Schülerinnen a Schüler vun der École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette

méindes, den 10. Oktober 2022, zu Déifferdeng

Hei war d'Diskussioun net no Theemeberäicher differenzéiert.



## 6. Sproocheronn um Online Forum

Um Forum um Internetsite www.lux.lu konnten d'Bierger hir Meenungen a Propositiounen eraginn. Hei koume keng spezifesch Proposen zum Theema: *Lëtzebuergesch am 21. Jh.*




Sproocheronn 2022 online: *Lëtzebuergesch léieren*




Sproocheronn 2022 online: *Lëtzebuergesch am Alldag*

## 7. Conclusioune vun der Sproocheronn

### Lëtzebuergesch léieren

Crèche

- Lëtzebuergesch soll déi éischt Kontaktsprooch sinn
- Sproochkompetenze vun den Educateuren/Educatricë vill méi préiwen
- Däitsch an eventuell Englesch och fërderen, Lëtzebuergesch méi fërderen

Grondschoul

- Fuerderung no méi Lëtzebuergesch: Lëtzebuergesch ass besonnesch wichteg virun allem fir Kanner, déi net an der lëtzebuergescher Spillschoul waren
- et gëtt e grousse Besoin u Léiermaterial (LaF), grad och an den ëffentlechen internationale Schoulen
- LaF brauch méi Wochestonnen an den ëffentlechen internationale Schoulen, méi mëndlech Coursen.
- Lëtzebuergesch soll och an anere Fächer gebraucht ginn an am Periscolaire, z. B. fir eng *Reading competition*
- Alphabetiséierung soll op Lëtzebuergesch méiglech sinn
- Wäert op richteg Aussprooch a korrekte Vocabulaire a korrekt Grammaire leeën
- Erhale vu Lidder, Gebräicher a Mondaarten
- Rechtschreiwung obligatoresch/net esou wichteg (d'Meenunge si gedeelt)

Lycée

- méi Literatur op Lëtzebuergesch
- e grousse Besoin u Léiermaterial (LaF) fir Jugendlecher, och an den ëffentlechen internationale Schoulen
- d'Méiglechkeet fir d'Schüler an d'Schülerinnen, Froen am Cours op Lëtzebuergesch ze stellen, z. B. an der Mathé
- Schoulfächer ewéi Chimie a Physik asw. ganz op Lëtzebuergesch enseignéieren
- méi sproochespezifesch Klassen
- méi Wochestonne fir LaF an den ëffentlechen internationale Schoulen, méi mëndlech Coursen
- Lëtzebuergesch och an anere Fächer gebrauchen an am Periscolaire
- d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschléiere vermëttelen
- Lëtzebuergesch als L2 oder L3 an den ëffentlechen internationale Schoulen erméiglechen

Erwuessenebildung

- méi multikulturell Klassen
- méi grouss Offer u Coursen, méi strukturéiert Coursen, den Zougang zu de Coursë sollt vereinfacht ginn
- extra Sproochcoursë fir däitschsproocheg Leit
- Coursë fir Leit, déi schoulesch net esou staark sinn
- Intensivcoursen all Dag
- online Coursen, och fir ënnerwee op d'Schaff
- Offer bis Niveau C1, an e richtege Programm fir den Niveau C1
- Offer och an de Grenzgebidder
- Congé linguistique fir d'Elteren
- méi Léierpersonal néideg, besseren Encadrement vum Léierpersonal nom ZLSK
- Coursen an de Betriber: d'Kompetenzen nom Sproochcours kontrolléieren
- méi modern Formater fir Lëtzebuergesch ze léieren; Duolingo op Lëtzebuergesch, Babbel ass och eng Alternativ
- méi Offer fir informellt Léieren: Sproochecaféen, *Pratique Langues en Ligne*

**Lëtzebuergesch am Alldag**

Méi Visibilitéit a méi Prestige

- Mondaarte an Diversitéit vum Lëtzebuergeschen erhalen a respektéieren, och am Schreiwen
- all d'Formulairen och op Lëtzebuergesch
- Lëtzebuergesch op méi Plazen (Apdikt, asw.)
- ëffentlech Beschëlderunge fir Plazen an och d'Flouernimm am Respekt vun der Schreifweis
- Friemwierder sollten net tel quel iwwerholl ginn, et sollte lëtzebuergesch Wierder dofir fonnt ginn (z. B. *Kannernascht* fir *Crèche*)
- offiziell Texter sollten all op Lëtzebuergesch publizéiert ginn
- offiziell Internetsäite sollten zumindest eng Wëllkommsäit op Lëtzebuergesch hunn
- eng zentral Plaz fir all Material iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

Lëtzebuerger Medien

- dat sinn d'Multiplicateure vun der Sprooch, si hunn en ze vill groussen däitschen Afloss, an dacks keng gutt Diktioun an Ussprooch
- eng besser Ausbildung fir Speaker a Speakerinnen um Radio (och fir d'Spriechtechnik)
- méi Lëtzebuergesch an der geschriwwener Press

Bicher:

- positiv: déi vill Publikatioune vu Bicher an och vun Hörbicher op Lëtzebuergesch
- kritiséiert: Literaturiwwersetzungen, déi ze schwéier si fir Leit, déi d'Sprooch léieren
- néideg: adaptéiert an differenzéiert Lies- a Lauschtertexter fir Leit, déi Lëtzebuergesch léieren

Spellchecker vu Microsoft:

- wgl. d'Qualitéit verbesseren

Fir besser Lëtzebuergesch ze léieren:

- Lëtzebuergesch schwätze mat Apprenanten an Apprenanteën
  Et gouf dacks bedauert, datt Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger automatesch an eng aner Sprooch wiesselen, amplaz de Leit d'Chance ze ginn, sech op Lëtzebuergesch auszedrécken
- Propositioun fir eng Spéngel erauszebrénge mat *Ech schwätze Lëtzebuergesch*
- Konzept vum *Sproochebuddy* mat dem entspriechenden Internetsite
- Mammesproochler an Net-Mammesproochler sollen am Fräizäitberäich méi zesummebruecht ginn
- Serien ewéi Capitani notzen, fir Lëtzebuergesch ze léieren
- Synchronisatioun vun ausländnesche Filmer inklusiv Ënnertitele virundreiwen
- Appen entwéckelen, fir d'Sprooch ze léieren

**Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert**

- Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch
- E grousse Stellewäert kruten déi regional Mondaarte vum Lëtzebuergeschen attribuéiert. Variatioune sollen erhale bleiwen (z. B. Millermoler), och bei den Uertsnimm.
  D'Färderung soll um Niveau vun de Gemenge geschéien, eventuell duerch Coursen, Dialekttheater asw.
  Eng grouss Suerg ass och d'Dokumentatioun vun den Mondaarte vum Lëtzebuergeschen.
- Gefaart gëtt eng Parallelgesellschaft vu Leit, déi kee Kontakt mam Lëtzebuergeschen hunn
- D'Unerkennung als eege Sprooch ass wichteg, d'Unerkennung als offiziell EU-Sprooch gouf ugeschwat
- Kritiséiert goufen d'System-Messagen um Computer op Lëtzebuergesch, déi den Ament voller Feeler sinn. Et misst duerfir gesuergt ginn, datt déi orthografesch korrekt sinn
- D'Sproocherkennung op Lëtzebuergesch war och e Sujet z. B. Siri, Alexa, Spellchecker fir SMSen, Speech-to-text
- Informatesch Outile schafen an adaptéieren

# C. Aus de ministeriellen Departementer

## 1. Reunioun vum Comité interministériel

De Comité interministériel, deen de Commissaire fir d'Lëtzeburger Sprooch assistéiert, huet sech 2022 ënnert der Presidence vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch getraff, fir iwwer déi Mesuren ze schwätzen, déi fir d'Lëtzebuerger Sprooch an de staatlechen Administratiounen néideg sinn. All ministeriellen Departement huet seng Positioun dozou bäigedroen.

Déi weesentlech Punkten, déi ervirgehuewe goufen, sinn déi heiten:

**Lëtzebuergesch léieren**

- Beamte sollen d'Méiglechkeet kréien, a Lëtzebuergeschcoursen ze goen:
  - D'Coursë si séier voll an et besteet e Mangel u Léierpersonal.
  - Fir d'Lëtzebuergeschcoursë stinn net genuch Formateuren zur Verfügung.
  - Et brauch ee méi där Coursen.
  - Et sollte verstäerkt Lëtzebuergeschcoursen ugebuede ginn, an och an de Ministèrë sur place, well e grousse Besoin do ass.
  - E-Learning-Coursë wiere gutt.
- Et soll ee sech kënne verbesseren.
  - Coursë fir Orthografie a Grammatik sinn néideg.
  - Et ginn dringend méi Formatioune gebraucht fir ze léieren, fir sech à l'aise am Schreiwen op Lëtzebuergesch ze spieren.
  - Perfectionnements-Coursen am Lëtzebuergesche wiere wënschenswäert.
- Et besteet eng grouss Demande, notamment bei de Grenzgänger, fir Lëtzebuergesch ze léieren.
  - Informatiker sinn dacks franséischsproocheg a ginn a Coursen, fir Lëtzebuergesch ze léieren.
  - 60 Prozent vun de Gesondheetsberuffler kommen aus den Nopeschlänner.
- Fir de Congé linguistique
  - Et gëtt et eng grouss Demande.
  - D'Gesetz misst reforméiert ginn.

**Visibilitéit a Gebrauch**

- Et gëtt ëmmer méi op Lëtzebuergesch kommunizéiert:
    - Um Ministère ass d'Ëmgangssprooch Lëtzebuergesch.
    - Lëtzebuergesch gëtt ëmmer méi an der Kommunikatioun benotzt.
    - D'Rieden an d'Question-parlementairë sinn op Lëtzebuergesch.
    - Wann et Froe vum Public op Lëtzebuergesch sinn, da gëtt ëmmer op Lëtzebuergesch geäntwert.
    - Ëmmer méi Bierger pochen drop, mat de Beamte Lëtzebuergesch ze schwätzen an och ze schreiwen.
    - Informatiounsversammlunge ginn op Lëtzebuergesch gehalen (mat Iwwersetzung op Franséisch).
    - Den Internetsite vum Ministère ass nieft Franséisch och op Lëtzebuergesch / Et gëtt eng ofgespeckte Versioun vum Internetsite op Lëtzebuergesch.
    - D'Iwwersetzung vum Internetsite gëtt inhouse gemaach.
- Villes bleift méisproocheg:
    - Kommunikatiounen, déi méi formell sinn, Communiquéen, Dossier-de-pressen asw. si meeschtens op Franséisch.
    - D'Sitte benotze véier Sproochen, déi dräi vum Land an Englesch, well de Public cible lëtzebuergesch an international ass.
    - Well de concernéierte Public meeschtens eréischt zanter kuerzer Zäit am Land ass, sinn déi offiziell Kommunikatiounen an der Reegel net op Lëtzebuergesch.
    - D'Mediecampagnë lafen dräisproocheg, op Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch.
    - Et ass dacks net méiglech, a méi Sproochen ze kommunizéieren, well net genuch personell Ressourcen do sinn.
- Iwwersetzunge sinn dacks schwiereg ze realiséieren:
    - Et feelt un der néideger orthografescher Sécherheet.
    - Problematesch gëtt et mat den technesche Wierder.
    - D'Juristen dinn sech schwéier, fir déi richteg Tournuren op Lëtzebuergesch ze fannen, wann et ëm Begrëffer aus de Gesetzer geet.
    - Déi franséisch juristesch Tournurë sinn dacks schwéier ze iwwersetzen.
    - Schwiereg bleift de Gebrauch vum Lëtzebuergesche bei komplexe juristesche Sujeten.

- Et si vill detailléiert Glossairen ausgeschafft ginn:
    - D'Iwwersetzunge vun der Terminologie si vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch iwwerpréift ginn.
    - D'Ekipp vum LOD verdéngt e grousse Merci, well si ëmmer do ass, wann Hëllef gebraucht gëtt.
- Et ass net einfach fir eeler Leit mat verschiddene Migratiounssproochen, fir mateneen ze schwätzen.
- Et ass wichteg, Lëtzebuergesch op EU-Niveau besser no vir ze bréngen. Den Objektiv dovunner muss kloer sinn.

**Lëtzebuergesch virundreiwen**

- Fir all Internetsite soll eng Versioun op Lëtzebuergesch kommen.
- Et ass e grousse Problem - dee muss geléist ginn - fir Kandidaten ze fannen, déi Lëtzebuergesch schwätzen.
- En eegene Spellchecker fir Microsoft ass néideg.
- Fir Patiente sollt et eng Aart Interprète oder Mediateur ginn, dee bei all Kommunikatioun asprange kann.
- Et mussen iwwerall Glossairen erstallt ginn an dës sollten ëffentlech accessibel sinn.
- Eng geschlechtersensibel Approche fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass néideg, fir Texter kënnen ze verfaassen.

## 2. Conclusioune vun de ministeriellen Departementer

**Wichteg Objektiver sinn déi heiten:**

- méi Coursen iwwer d'Orthografie an iwwer Lëtzebuergesch als Friemsprooch, och sur place an iwwer Internet
- thematesch Glossairen ausschaffen
- Spellchecker a Sproocherkennung
- spezifesch Coursen an de Spideeler
- en Interprète oder Mediateur, dee bei all Kommunikatioun tëscht Patient an Dokter asprange kann
- eng gemeinsam Sprooch fir eeler Leit mat Migratiounshannergrond
- de Congé linguistique reforméieren, a festleeën, wat no der Formatioun gekonnt muss ginn
- Lëtzebuergesch op EU-Niveau besser no vir bréngen

# D. Vun den Experten

## 1. Observatoire vu Kanner a Jugend a vun der Schoul







**Lëtzebuergesch léieren**

- *Sprungbrettfunktion* Lëtzebuergesch-Däitsch a Fro stellen
- Schoulerfolleg moosse bei Kanner, déi Lëtzebuergesch doheem geléiert hunn, a bei deenen, déi dat net gemaach hunn. Spezialiséiert Studie maachen iwwer d'Fro vun der Alphabetiséierungssprooch
- de kulturelle Raum ass staark germanofon
- Lëtzebuergesch ännert sech immens séier
- et gëtt net genuch spezialiséiert Personal; Fro vun der Strategie, fir Leit ze rekrutéieren
- Integratioun: Lëtzebuergesch gëtt net an allen Accueil-Strukture geschwat
- Fro, ob d'Zil vu Chancëgläichheet ëmgesat ginn ass
- d'Demande fir Coursen ass immens grouss, ze wéineg Personal, d'Demande aus dem noen Ausland ass grouss; dofir d'Chance vum Blended learning notzen, Inhouse learning, méi Zilgruppen
- Ënnerscheeder an der Sprooch: Wéi gi mer domadder ëm?
- fir Crèchë gëtt et keen ausgeschafftent Material, et feelt didaktescht Material: Wéi kann ee mat klenge Kanner Lëtzebuergesch léieren? Kanner gi spilleresch mat Sprooch ëm a switchen dauernd vun enger Sprooch an déi aner
- dialektal soll een net enseignéieren; am *Héichlëtzebuergeschen* ënnerriichten

**Lëtzebuergesch am Alldag**

- den INL ass fir d'Léieren zoustänneg, den ZLS fir d'Norméierung
- Alldag mat ville Sproochen
- Lëtzebuerg ass e multilinguaalt Land
- Campagne fir Toleranz fir Auslänner, déi Lëtzebuergesch léieren
- d'Mondaarte vum Lëtzebuergesche solle bäibehale ginn
- et brauch eng national Norm fir d'Schreifweis esouwéi fir d'Landkaart
- Coursë méi subventionéieren
- Familljen informéieren, datt, wa si d'Sprooch léieren, d'Chancen an der Schoul méi grouss sinn ze reusséieren
- d'Eltere musse méi abezu ginn
- Etüd: wéi een Impakt huet Lëtzebuergesch an der Schoul?
- Fro, wéi et mat de Langue-véhiculairen ass

## 2. Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch









**Lëtzebuergesch léieren**

- den ZLS ass éischten Adressat, fir nei Wierder ze froen, mee wéi ass d'Prozedur? Et ginn dräi Institutiounen dofir. E Public vote? Beispiller: *Maison relais*, *Precoce*
- Froe vun der Langue véhiculaire an der Schoul a vun der Alphabetisatioun op Lëtzebuergesch; et gi Problemer, Däitsch a Lëtzebuergesch auserneenzehalen
- Rechtschreiwung soll zu engem groussen Deel fräiwëlleg bleiwen; Lëtzebuergesch Orthografie soll keng Hürd sinn
- ZLS an INL solle Grondwuertschatz ausschaffen an definéieren
- am Master misst d'Basis fir d'Enseignéiere vum Lëtzebuergesche geluecht ginn, well den Enseignant éischter Lëtzebuergesch als Friemsprooch enseignéiert ewéi Literatur
- et bräicht ee méi *Print on demand* beim ZLS, méi Subside fir Iwwersetzungen
- d'Accessibilitéit vu Lëtzebuerger Literatur ass net garantéiert

**Lëtzebuergesch am Alldag**

- d'Demande u Servicer beim ZLS misst agegrenzt ginn: Mondaarten, nei Wierder, extra Coursen. Den ZLS brauch méi an eventuell manner spezialiséiert Personal
- Spezialiste fir Mondaarte vum Lëtzebuergesche si schwéier ze fannen, et gëtt keen Knowhow. Daten, déi do sinn, solle valoriséiert ginn, e Variatiounsatlas ass wichteg an en ëffentlech zougängleche Korpus
- wichteg Partner sinn RTL, 100,7, Chamber an och d'Lëtzebuerger Editeuren
- op www.lux.lu sollen all Publikatiounen ugewise ginn
- d'Äntwerte vum ZLS op grammatesch Ufroe sollte publizéiert ginn
- Spezialisatioun als lëtzebuergeschen Iwwersetzer (Dolmetscher, schrëftlech Iwwersetzungen)
- et ass wichteg, legislativ Texter ze iwwersetzen
- zweesproocheg Gemengesitten an eng sproochlech Uniformisatioun
- grouss Demande, virun allem vun de Medien, fir Coursë vu gudder Lëtzebuerger Sprooch, awer op eng onverkrampften Aart a Weis

## 3. Institut fir Luxemburgistik op der Universitéit vu Lëtzebuerg






**Lëtzebuergesch léieren**

- viru sécherstellen, datt tëscht den Acteure gutt geschafft gëtt, méi Transparenz
- ZLS: Standard a Critèrë fir d'Lëtzebuergescht
- Froe firwat esou vill Frontaliere Lëtzebuergesch léieren, a wat heescht dat fir d'Sprooch
- Lëtzebuergesch am Gesondheetssecteur: Accès fir d'Fuerschung, iwwer d'Kommunikatioun tëscht de Patienten an den Dokteren
- Lëtzebuergesch als Alphabetiséierungsprooch: e Pilotprojet

**Lëtzebuergesch am Alldag**

- Fro vun de Carrièrë mam lëtzebuergesche Masterdiplom, an der Fuerschung?
  Dat muss de Schüler vermëttelt ginn, och an den ëffentlechen internationale Schoulen
- méi Offer u Coursen am Enseignement, déi net fir LaF sinn
- e Statut fir de Bachelor an der Formation des adultes
- an der Chamber méi oppe Kommunikatioun vun alle Säiten
- keng Fetischiséierung vun der Schrëftsprooch
- Unisposte finanzéieren, extern Finanzéierung, Stëftung
- technologesch Entwécklung matmaachen
- Dokumentatioun vum Schwätze vun eelere Leit, mat enger ëffentlecher Campagne an enger mobiller Sproochkabinn

## 4. D'Conclusioune vun den Experten

**Allgemeng:**

- viru sécherstellen, datt tëscht den Acteure gutt geschafft gëtt, mat Transparenz
- an der Chamber ass eng méi oppe Kommunikatioun vun alle Säiten néideg
- et ass wichteg, legislativ Texter op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen
- Gemengesitte sollten a mindestens zwou Sprooche sinn inklusiv Lëtzebuergesch
- et gëtt eng sproochlech Uniformisatioun vun de Gemengesitte gefrot

**Etüde maachen iwwer**

- den Impakt vum Lëtzebuergeschen an der Schoul
- de Schoulerfolleg bei Kanner, déi Lëtzebuergesch doheem geléiert hunn a bei deenen, déi et net gemaach hunn

- d'Fro vun der Alphabetiséierungssprooch, déi sougenannte *Sprungbrettfunktion* Lëtzebuergesch-Däitsch,
- d'Problemer, Däitsch a Lëtzebuergesch auserneenzehalen
- d'Roll vun de Langue-véhiculairen
- Lëtzebuergesch an den Accueil-Strukturen: Ass d'Zil vu Chancëgläichheet ëmgesat?
- d'Frontalieren: Firwat léieren esou vill Leit Lëtzebuergesch?
- d'Fro, wat et heescht fir d'Lëtzebuergescht, wann esou vill Leit et léieren

**Enseignement**

- d'Eltere musse méi abezu ginn
- d'Eltere mussen informéiert ginn, datt, wa Kanner d'Lëtzebuerger Sprooch léieren, d'Chancen an der Schoul méi grouss sinn ze reusséieren
- spezifescht didaktescht Material fir d'Crèchen
- Rechtschreiwung soll zu engem groussen Deel fräiwëlleg bleiwen
- méi Offer u Coursen am Enseignement, déi net fir d'Léiere vu Lëtzebuergesch als Friemsprooch sinn

**Coursen an der Erwuessebildung**

- d'Demande ass immens grouss, och aus dem noen Ausland,
    - ze mann Personal: Strategien hannerfroen, fir Léierpersonal ze rekrutéieren
    - Coursë méi subventionéieren
    - d'Chance vum Blended learning notzen
    - Inhouse learning an de Betriber
    - méi Zilgruppe viséieren
- gutt Lëtzebuergesch schwätzen a schreiwen
    - Demande fir Coursë fir Lëtzebuergesch ze léieren, awer op eng onverkrampften Aart a Weis
    - grouss Demande vun de Medien
- Lëtzebuerg ass e multilinguaalt Land, mat ville Sproochen; et gi Campagnë gebraucht fir:
    - Toleranz
    - Gedold mat deenen, déi Lëtzebuergesch léieren

**Norméierung a Visibilitéit vun der Sprooch**

- eng national Norm gëtt gefuerdert, esou wéi fir d'Landkaart.
    - wéi e Standard a wéi eng Critèrë fir d'Lëtzebuergescht?
    - Mondaarte vum Lëtzebuergesche solle bäibehal ginn, dialektal soll een net enseignéieren
    - wéi eng Prozedur soll geholl gi fir nei Wierder, wéi eng Roll hunn do derbäi den ZLS an de CPLL? Ass e *Public vote* nëtzlech?
    - ZLS an INL solle Grondwuertschatz ausschaffen an definéieren

- Publikatiounen a Literatur
  - Print on demand beim ZLS
  - méi Subside fir Iwwersetzungen
  - op www.lux.lu sollen all d'Publikatiounen op Lëtzebuergesch an iwwer d'Lëtzebuergescht ugewise ginn
  - d'Accessibilitéit vun der Lëtzebuerger Literatur ass net garantéiert (esoubal d'Bicher net méi am Verkaf sinn, wat dacks séier geschitt)

- ZLS:
  - den ZLS brauch méi Personal, eventuell manner spezialiséiert Leit
  - d'Äntwerte vum ZLS op grammatesch Ufroe sollte gesammelt a publizéiert ginn
  - technologesch Entwécklung matmaachen

- Universitéit a Recherche
  - am Master d'Basis fir d'Enseignéiere vum Lëtzebuergeschen als Friemsprooch leeën
  - eng Spezialisatioun als Lëtzebuergesch-Iwwersetzer (Dolmetscher, schrëftlech Iwwersetzungen)
  - Lëtzebuergesch am Gesondheetssecteur: Accès fir d'Fuerschung iwwer d'Kommunikatioun tëscht de Patienten an den Dokteren
  - Carrièren:
    - wat sinn d'Carrièrë mam Masterdiplom?
    - et brauch een e Statut fir de Bachelor an der Erwuessenebildung
    - Carrièren an der Fuerschung? Unisposten iwwer extern Finanzéierung vun enger Stëftung

- d'Schwätze vun eelere Leit muss dringend dokumentéiert ginn, mat enger ëffentlecher Campagne an eventuell enger mobiller Sproochkabinn

# Annexen

## A. Loi du 20 juillet 2018 relative à la promotion de la langue luxembourgeoise (extraits)

**Art. 1er.**

La politique de la langue luxembourgeoise est une approche transversale du Gouvernement qui vise à :

1° renforcer l'importance de la langue luxembourgeoise ;

2° soutenir l'utilisation et l'étude de la langue luxembourgeoise ;

3° encourager l'apprentissage de la langue et de la culture luxembourgeoise ;

4° promouvoir la culture en langue luxembourgeoise.

Un plan d'action sur la langue luxembourgeoise, désigné ci-après « plan d'action », détermine les lignes directrices permettant la mise en œuvre de cette politique par le Gouvernement et les institutions créées par la loi.

Le plan d'action adopté par le Gouvernement porte sur une période de vingt ans. Tous les cinq ans sa mise en œuvre est évaluée et le plan d'action révisé, le cas échéant.

**Art. 3.**

Il est institué, sous l'autorité des ministres ayant l'Éducation nationale et la Culture dans leurs attributions, ci-après dénommés « ministres », un commissaire à la langue luxembourgeoise, ci-après dénommé « commissaire ».

Le commissaire est appelé à contribuer à la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise et à proposer au Gouvernement un projet de plan d'action et après adoption du plan d'action par le Gouvernement, à superviser et coordonner sa mise en œuvre.

**Art. 5.**

Il est institué un Centre pour le luxembourgeois, dénommé ci-après « Centre » […]

La dénomination luxembourgeoise du Centre est « Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ».

**Art. 6.**

Le Centre contribue à la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise et constitue un organisme de contact et d'information en la matière.

Le Centre peut, de sa propre initiative ou à la demande du Gouvernement, être chargé d'étudier les questions en rapport avec la politique de la langue luxembourgeoise.

Dans l'exercice de ses missions, le Centre :

1° publie les règles relatives à l'orthographe et à la grammaire de la langue luxembourgeoise ;

2° élabore et met à jour des outils linguistiques ;

3° répond aux questions ayant trait à l'orthographe, la grammaire, la phonétique et le bon usage de la langue luxembourgeoise ;

4° procède, sur demande des ministres, à la traduction de documents officiels et de communications officielles destinés à être publiés.

Les règles visées à l'alinéa 3, point 1, sont soumises pour avis au Conseil permanent de la langue luxembourgeoise créé à l'article 11.

Le Centre peut être chargé par les ministres d'autres missions dans le domaine de la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise.

**Art. 11.**

(1) Il est créé un Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, dénommé ci-après « CPLL ».

(2) Le CPLL est un organe consultatif qui est entendu en son avis par le Gouvernement sur les questions suscitées par la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise.

Le CPLL donne son avis sur les questions concernant les règles régissant l'orthographe et la grammaire de la langue luxembourgeoise, la phonétique et le bon usage de la langue luxembourgeoise. À cette fin, lui sont soumis pour avis par le Centre, les règles visées à l'article 6, alinéa 3, point 1.

Le CPLL est demandé en son avis sur tous les projets et propositions de loi concernant la langue luxembourgeoise et la situation langagière au Grand-Duché de Luxembourg.

(3) Le CPLL publie un rapport annuel.

(4) La dénomination luxembourgeoise du CPLL est « Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch ».

# B. Kuerz Geschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch

Lëtzebuergesch gëtt scho laang Zäit an der Géigend ëm den haitege Grand-Duché geschwat, mee et ass net geschriwwe ginn. Dofir si Quellen iwwer d'Lëtzebuergescht virum 19. Joerhonnert ganz seelen.

D'Méisproochegkeet ass do dergéint gutt beluecht. Scho fir d'11. Joerhonnert weisen Dokumenter, datt den Enseignement an der Abtei Neimënster op Däitsch an op Franséisch gehale gouf. Lëtzebuerg bestoung du laang aus engem franséischsproochegen Deel, dem Quartier wallon, an engem germanofonen, dem Quartier allemand, an deem d'Leit dat geschwat hunn, wat si selwer als *onst Däitsch, Lëtzebuerger Däitsch* bezeechent hunn.

Lëtzebuerg huet vill vu sengem Territoire missen ofginn, virun allem 1839 beim éischte Vertrag vu London, duerch deen déi haiteg Province de Luxembourg un d'Belsch gefall ass. Et gouf du quasi keng franséischsproocheg Leit méi zu Lëtzebuerg, an awer huet Franséisch sech als Sprooch vun der Administratioun, vun enger gesellschaftlecher Elite a vum Kolléisch gehalen.

Lëtzebuergesch hat kee Statut, stoung och net an de Constitutioune vum 19. Joerhonnert, déi festgehalen haten, datt Franséisch an Däitsch d'Sprooche vum Land wieren. Mee et gouf ugefaangen, op Lëtzebuergesch ze schreiwen, a verschiddenen Zeitungsartikelen, an engem éischte Buch vum Antoine Meyer, engem éischten Dictionnaire vum François Gangler an a bemierkenswäerte literaresche Kreatioune vun den dräi Auteuren, Dicks alias Edmond de la Fontaine, Michel Lentz a Michel Rodange, dee mam Reenert en nationalen Epos geschaf huet. Do derbäi koumen déi éischt Propositiounen, fir dem Lëtzebuergeschen eng kohärent Schreifweis ze ginn.

Offiziell war dat ni, an der Chamber gouf viru Franséisch geschwat, a keen hätt dru geduecht, vum Lëtzebuergeschen als Sprooch ze schwätzen. Dat sollt sech eréischt no den zwee Weltkricher änneren. Am Zweete Weltkrich haten déi däitsch Besatzer probéiert, de Lëtzebuerger kloer ze maachen, datt si a Wierklechkeet Däitscher wieren. Doduerch koum nom Krich eng Ofgrenzung zu der däitscher Sprooch, déi derzou gefouert huet, datt nom Zweete Weltkrich no an no méi Lëtzebuergesch geschriwwe gouf. Schliisslech ass am Sproochegesetz vun 1984 Lëtzebuergesch als Sprooch vum Land festgehale ginn: *Art. 1er. Langue nationale. La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois (Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues).*

An der Suite vun deem Gesetz si verschidden Institutiounen an Organer entstanen, déi sech dem Lëtzebuergeschen ugeholl hunn. Déi staark Immigratioun huet derzou gefouert, datt déi agewandert Kanner Lëtzebuergesch net méi ***einfach esou*** geléiert hunn, an et hu misse Coursen an didaktesch Wierker entwéckelt ginn, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze enseignéieren. Och bei den Erwuessenen am Land an an de Grenzregiounen ass d'Demande fir Lëtzebuergeschcoursen ëmmer méi grouss ginn.

Duerch déi Entwécklungen ass d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft vum Land ëmmer méi diskutéiert ginn, wouropshin d'Regierung 2017 reagéiert an eng Strategie ugeholl huet, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze färderen. Eng éischt Konsequenz dovu war d'Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. Domadder goufen d'Ziler vun der Strategie confirméiert: de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch stäerken, d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etüd vun der Lëtzebuerger Sprooch virundreiwen, d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur färderen, d'lëtzebuergeschsproocheg Kultur promovéieren.

Dat Gesetz huet och d'Missioune vun de verschiddenen Acteuren definéiert:

De Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch schafft en Aktiounsplang iwwer d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen aus, proposéiert deen der Regierung a kuckt dono, wéi déi festgehale Mesuren ëmgesat ginn.

Den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass zoustänneg fir Reegelwierker a fir d'sproochlech Outilen. Seng Originne louchen am *Dictionnaire pratique de la langue luxembourgeoise,* un deem zanter dem Joer 2000 geschriwwe gouf an aus deem dono de *Lëtzebuerger Online Dictionnaire* (LOD) entstanen ass.

De Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, CPLL) gëtt säin Avis zu all Froen iwwer d'Sproochepolitik an iwwer d'Reegelwierker.

Eng méi komplett Geschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch ass um Site www.lux.lu ze fannen an och an der Publikatioun iwwer d'Lëtzebuerger Orthografie op www.zls.lu.

# C. De Rapport vun der Sproocheronn 2022

Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch förderen

## RAPPORT IWWER D'SPROOCHERONN 2022



**INDEX**

1. **Aféierung**
2. **D'Ziler vum Aktiounsplang**
3. **D'Sproocheronn**
4. **Ofschloss**

## 1. AFÉIERUNG

D'Méisproochegkeet ass eng vun de grousse Méiglechkeeten, Chancen an och Erausfuerderunge vum Lëtzebuerger Land. D'Nieftaneen an d'Matenee vu méi Sproochen am Alldag vun den allermeeschte Bierger sinn typesch fir eist Land; et ass e Räichtum, mee och muenchmol eng Barrière. D'zentraalt Element vun dësem Sproochemix war an ass nach ëmmer Lëtzebuergesch – souwuel als Integratiounssprooch wéi och als Kommunikatiounsmëttel am Alldag. Dës Regierung huet Efforte gemaach, fir de Status vum Lëtzebuergesche weider opzewäerten a konsequent d'Färderung vun der Sprooch ze garantéieren. Dat soll kuerz- a virun allem laangfristeg geschéien, natierlech virun allem an der Educatioun an an der Kultur, mee och an allen anere Beräicher vum ëffentleche Liewen.

Lëtzebuergesch ass um Niveau vun der Regierung an der Kompetenz vum Educatiounsminister Claude Meisch. Hien huet an enger breeder Consultatioun d'Meenung vun de Bierger am Land héieren, déi et erlaben, hir Positioun mat an den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuergescht eranzehuelen, dee vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch ausgeschafft gëtt an op dëse Pilieren opbaut:

- de Mesurë vum Strategiepabeier, deen d'Regierung 2017 festgehalen hat, a vun den Erfarunge vun Administratiounen an Experten, déi bei der Ëmsetzung vun deene 40 Mesurë gemaach gi sinn;
- der Sproocheronn, déi den Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet ginn huet, aktiv matzediskutéieren iwwer d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Fir dës Sproocheronn ware véier Biergerowenter mam Minister uechter d'Land organiséiert ginn, um Belval, zu Iechternach, an der Stad Lëtzebuerg an zu Clierf. Jiddwereen konnt am Online-Forum op www.lux.lu aktiv ginn, fir seng Meenung ze schreiwen a sech mat anere Bierger auszetauschen. De Minister huet sech och mat de Schüler getraff an iwwer d'Lëtzebuergescht ausgetosch an der EIDE, der École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette.

D'Proposen, d'Resultater, d'Ureegunge vun der Sproocheronn ginn an dësem Dokument zesummegefaasst. Dëse Pabeier steet domadder fir eng ganzheetlech Strategie zu Gonschte vun der lëtzebuergescher Sprooch.

## 2. D'ZILER VUM AKTIOUNSPLANG

An de leschte Joren huet den Educatiounsminister Gesetzer a Projeten ausgeschafft an ëmgesat, fir d'Lëtzebuergescht virunzedreiwen an der Nationalsprooch dee Stellewäert ze ginn, dee si am Kontext vun der Sproochendiskussioun verdéngt.

D'Regierung huet 2017 d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a Literatursprooch ënnerstrach, déi dunn an d'Gesetz vun 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch agedroe gouf.

Nieft dem Lëtzebuergeschen ass och d'Méisproochegkeet eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Traditionell si Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch d'Sprooche vum Land, mee do dernieft ginn am Alldag nach aner Sprooche genotzt. Zesumme präge si d'Identitéit vum Land an droen zu der gesellschaftlecher a sozialer Kohäsioun bäi. Dofir bedeit d'Promotioun vum Lëtzebuergesche gläichzäiteg och d'Promotioun vun der Méisproochegkeet.

De Strategiepabeier vun der Regierung mat de 40 Mesurë vun 2017 war en entscheedend Dokument an huet et erlaabt, mëttel- an och laangfristeg Initiativen an de System, an d'Gesellschaft eranzebréngen, déi der Entwécklung vum Lëtzebuergeschen hëllefen. Dëse Strategiepabeier gouf op Regierungsniveau ausgeschafft; et war eng Kooperatioun tëscht den ënnerschiddleche Ministèren ënner der Leedung vun der Educatioun an der Kultur. Et hunn awer och aner Ministèren hir Proposen am Kontext vun der Färderung vum Lëtzebuergesche mat erabruecht, fir e kohärenten an duerchduechte Strategiepabeier ze schreiwen.

## D'REGIERUNG VISÉIERT VÉIER GROUSS ZILER AN ENGAGÉIERT SECH KONKREET, FIR:

### 1. de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze stäerken

D'Visibilitéit an d'Evolutioun vum Lëtzebuergesche leie ville Bierger um Häerz a sinn heefeg d'Theema vun Diskussiounen. D'Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht soll konsequent opgeschafft a komplettéiert, a staatlech Internetsitte sollen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn.

### 2. d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etüd vun der Lëtzebuerger Sprooch virunzedreiwen

Et goufe wichteg Pisten opgemaach a fir d'Zukunft definéiert, déi virdru laang Zäit broochlouchen. Dës hu keng Auswierkungen op den Alldag vum Bierger, mee fir d'Entwécklung vun der Sprooch ass de Statut op nationalem an op europäeschem Plang wichteg. Lëtzebuergesch kënnt an d'Constitutioun stoen a gëtt op europäeschem Niveau als Sprooch unerkannt.

Déi konsequent Norméierung vun Orthografie a Grammaire ass den interesséierte Bierger nobruecht ginn. D'Lëtzebuerger Sprooch brauch en Dictionnaire, op der Basis vum aktuelle Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD), dee kontinuéierlech komplettéiert an aktualiséiert gëtt. Dozou gehéieren d'Méiglechkeete vun enger effikasser Recherche. An och spezialiséiert Dictionnairë si wichteg, esou wéi deen op *med.lod.lu* fir de medezinesche Beräich, an deem et ëm Bobboen, Krankheeten, Behandlungen a Fleeg geet.

De Conseil permanent de la langue luxembourgeoise (CPLL) ass de Rechtschreifrot vum Lëtzebuergeschen, deen eng wichteg Berodungsfunktioun fir d'Regierung huet.

D'Zesummenaarbecht mat der Universitéit an de kulturellen Instituter garantéiert, datt iwwer d'Lëtzebuergescht gefuerscht gëtt an datt d'Archivéierung vun den Dokumenter a vum Sproochgebrauch séchergestallt ass. Dernieft gëtt och mat auslänneschen Universitéiten zesummegeschafft.

### 3. d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze fërderen

Op ënnerschiddlechen Niveaue goufen an der Educatioun Mesurë geholl, fir d'Lëtzebuergeschléieren ze ënnerstëtzen. Dat ass nach laang net ofgeschloss a gëtt virun ausgebaut.

Am Beräich vun der Erwuessenebildung ass d'Demande fir Lëtzebuergeschcoursë reegelrecht explodéiert; eleng an de Coursen am Institut national des langues an an deenen, déi mat der Formation des adultes zesummen ugebuede ginn, schreiwe sech pro Joer 7.000 bis 8.000 erwuessen Apprenanten an. Fir déi erwuesse Schüler entwéckelt den INL speziellt Léiermaterial, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze enseignéieren, an et gëtt elo eng Internet-Plattform www.llo.lu, mat där ee kann iwwerall op der Welt gratis Lëtzebuergesch léieren.

Donieft gëtt am Schoulberäich konsequent d'Lëtzebuerger Sprooch bei de Kanner a Jugendleche gefërdert, sief et iwwer:

- e spilleresch Eruntaaschten un d'Sprooch beim klenge Kand (Crèche, Precoce),
- d'Ausschaffe vu Materialie fir Coursen am Lëtzebuergeschen an der Grondschoul an an den ënneschte Klasse vum Secondaire,
- en obligatoresche Cours am Lëtzebuergeschen op der 4e fir all d'Schüler,
- d'Offer un Orthografiescoursen am Lycée, vun deenen all Schüler ka profitéieren, wann en dat wënscht,
- obligatoresch Coursen am Lëtzebuergeschen an extra ausgeschafft Léiermaterial fir déi Schüler, déi als Jugendlech an d'Land kommen an déi a sougenannten Insertiounsklasse scolariséiert ginn,
- d'Implementéierung vum Lëtzebuergeschen als obligatoresch Sprooch am Curriculum vun den internationale Schoulen, dëst esouwuel um Niveau vun der Grondschoul ewéi och am Secondaire.

#### 4. d'lëtzebuergeschsproocheg Kultur ze promovéieren

Am Beräich vun der Kultur zu Lëtzebuerg gi méi geziilt Projeten a Lëtzebuerger Sprooch ënnerstëtzt. Et gëtt nei Präisser fir Kreatiounen a Lëtzebuerger Sprooch a fir Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch.

De Strategiepabeier vun der Regierung steet op Lëtzebuergesch an op Franséisch op de Sitten:

https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/actualites/articles/2017/03-mars/09-promotioun-sprooch/strategiepabeier.pdf

https://gouvernement.lu/dam-assets/fr/actualites/articles/2017/03-mars/09-promotioun-sprooch/170309-article-strategie-luxembourgeois-_2_.pdf

Déi 40 Mesuren aus dem Strategiepabeier an d'Conclusiounen aus hirer Ëmsetzung ginn an der Annex D presentéiert.

## 3. D'SPROOCHERONN

An eiser méisproocheger Gesellschaft spillt d'Lëtzebuergescht eng wichteg Roll. Den Interessi vun de Leit, déi Lëtzebuergesch léiere wëllen, wiisst zënter Jore konstant. Esou wéi 2017 an der Strategie vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch festgehalen, sollen d'Mesuren an deem Beräich e klore Kader kréien, mat engem Aktiounsplang, dee bis Enn 2022 virleie soll.

Den Aktiounsplang baséiert op de Conclusioune vun de Bierger an der Sproocheronn 2022, dem Input vum Comité interministériel, deen de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch assistéiert, an op de Resultater vun der Ëmsetzung vun der Strategie vun 2017.

Wéi bei der Sproocheronn 2017 kruten d'Bierger och 2022 nees Geleeënheet, fir sech aktiv an d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sproochepolitik anzebréngen. Dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, ass et wichteg, d'Bierger mat anzebannen:

„Fir datt d'Lëtzebuerger Sprooch lieft, muss den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch och partizipativ entstoen. En Aktiounsplang kann nëmmen e Succès sinn, wann d'Bierger sech mat de Mesuren, déi mer fir déi nächst 2 Joerzéngte wëlle festhalen, kënnen identifizéieren."


D'Bierger konnten op zweeërlee Aart a Weis un der Sproocheronn deelhuelen: Tëschent dem 7. Juni an dem 16. Juni 2022 goufen op véier Plazen am Land Biergerforen organiséiert, um Belval, zu Iechternach, an der Stad an zu Clierf. Op dëse véier Owenter haten d'Bierger d'Wuert a konnten hiert Uleies matdeelen. D'Diskussioune goufe strukturéiert no dräi Theemeberäicher ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch:

1. Lëtzebuergesch léieren
2. Lëtzebuergesch am Alldag
3. Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert

D'Bierger konnten och um Online-Forum op www.lux.lu aktiv ginn a sech mat anere Bierger austauschen. D'Leit konnte sech an déi verschidden thematesch Beräicher eraklicken, hir Meenunge schreiwen an op aner Commentairë reagéieren.

D'Soiréeë waren esou opgedeelt, datt noeneen dräi méi global Theemen am Beräich vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft diskutéiert goufen. Déi verschidden Theemeberäicher goufen op virtuelle Post-itte festgehal an affichéiert.

Meenungen an Erfarunge vun allen Alterskategorië goufe gelauschtert, fir méiglechst vill Perspektiven ze sammelen. D'Suggestioune vun de Bierger goufen allkéiers op der Leinwand *en direct* zesummegefaasst, fir en allgemenge Fazit vun de Soiréeë kënnen ze zéien.


ZESUMME FIR ENG LIEWEG LËTZEBUERGER SPROOCH
SCHAFFT MAT UM 20-JORESPLANG FIR D'PROMOTIOUN VUM LËTZEBUERGESCHEN
WAT MENGT DIR
SPROOCHERONN
Op 4 Plazen am Land. Kommt an diskutéiert mat eis.
07.06.2022
Dënschdeg | 19 Auer
Terre-Rouge-Gebai
Belval
09.06.2022
Donneschdeg | 19 Auer
Lycée classique d'Echternach
Iechternach
14.06.2022
Dënschdeg | 19 Auer
Lycée Michel-Rodange
Lëtzebuerg
16.06.2022
Donneschdeg | 19 Auer
Lycée Edward Steichen
Clierf
ONLINE FORUM
Hei kënnt Dir Propose maachen, Meenungen austauschen an zesummen diskutéieren.
WWW.LUX.LU
LUX .lu
lux.lu
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

ÉISCHT THEEMA: LËTZEBUERGESCH LÉIEREN

Bei dësem Theema konnt diskutéiert ginn, wéi Lëtzebuergesch an der Crèche, an der Grondschoul, am Lycée an an der Erwuessenebildung geléiert a gefërdert soll ginn. D'Participantë konnten Inhalter an Theeme proposéieren, déi an de Schoule behandelt solle ginn. Si konnte Virschléi maachen, wéi d'Léiere vum Lëtzebuergesche fir auslännesch Kanner a Jugendlecher ka verbessert ginn.




Sproocheronn um Belval: *Lëtzebuergesch léieren*





Sproocheronn zu Iechternach: *Lëtzebuergesch léieren 1*




Sproocheronn zu Iechternach: *Lëtzebuergesch léieren 2*




Sproocheronn an der Stad: *Lëtzebuergesch léieren*



Sproocheronn zu Clierf: *Lëtzebuergesch léieren*

### 1. Diskussiounssujet Lëtzebuergesch léieren

Am Beräich vun der Färderung vum klenge Kand gëtt verstäerkt op d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch gesat (Precoce). An de Crèchë soll Lëtzebuergesch déi éischt Kontaktsprooch sinn.

Lëtzebuergesch ass besonnesch wichteg an der Grondschoul, virun allem fir Kanner, déi net an der lëtzebuergescher Spillschoul waren. Duerfir sollt an der Grondschoul méi Lëtzebuergesch enseignéiert ginn, d'Lëtzebuergescht misst méi Plaz an eng méi wichteg Roll kréien, wéi dat bis elo am nationale Schoulcurriculum de Fall ass. D'Kanner sollte fréi dofir sensibiliséiert ginn, fir dann dës Kompetenzen zu engem spéideren Zäitraum ausbauen ze kënnen an ze schäerfen. Duerfir misst d'Stonnenzuel klammen an d'Kanner sollte motivéiert ginn, Lëtzebuergesch ze léieren.

De Stellewäert vun der Orthografie an de Schoule war e grousse Sujet an der Sproocheronn. Verschidde Leit op der Sproocheronn fuerderen, datt d'Schüler schonn an der Grondschoul richteg schreiwe léiere sollen, datt d'Lëtzebuerger Orthografie scho virum C4 vermëttelt gëtt, anerer fuerdere souguer, datt et en obligatorescht Fach soll ginn.

An erëm anerer fannen d'Orthografie ze kompliziéiert, ze wëssenschaftlech an et wären ze vill Ännerungen am Reegelwierk. Trotzdeem soen och dës Leit, d'Orthografie wär am private Beräich net esou wichteg, misst awer an der Schoul geléiert ginn.

Op der Sproocheronn gouf ausdrécklech de Wonsch geäussert, datt an der Grondschoul Lidder iwwer d'Gebräicher erhale solle ginn (z. B. heesche goen). Dës sollen dokumentéiert ginn.

D'Fro vun der Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch gëtt och permanent gestallt.

Et wär méi ausgebilt Personal néideg. An deem Zesummenhang koum och d'Revendicatioun op, fir d'Formateuren/Formatricë besser ze bezuelen an och fir méi Material fir esou Initiative wéi d'Poterdëscher (z. B. Textsammlungen, Fotoen, Comicken asw.) zur Verfügung ze stellen. Et gouf de Wonsch ausgedréckt, méi didaktescht Material auszeschaffen.

D'Fërderung vum Lëtzebuergeschen an den (onofhängegen) internationale Schoule sollt och virugedriwwe ginn.

Am Lycée gëtt sech méi Literatur op Lëtzebuergesch erwaart. Lëtzebuergesch wär op der 4e méi einfach ze enseignéiere wéi op der 7e. Dozou wär awer méi Zousazmaterial (Literatur) néideg.

Um Niveau vun der Erwuessenebildung gi sech méi multikulturell Klasse gewënscht. Et gi méi Coursen an e richtege Programm fir den Niveau C1 gefuerdert. D'Offer allgemeng u Coursen uechter d'Land sollt klammen, d'Coursë solle méi strukturéiert sinn, den Zougang dozou sollt vereinfacht ginn. Anerer hätte gär méi extra Sproochcoursë fir däitschsproocheg Leit. Fir all dës Coursë kënnen ze garantéieren, ass méi Léierpersonal néideg.

Lëtzebuergeschcoursë sollten och an de Grenzgebitter, wéi Däitschland an der Belsch, ugebuede ginn. Dozou kënnt och eng verstäerkt Ënnerstëtzung fir regional Veräiner.

Loutrenge freet no Hëllef, déi néideg wär, fir méi Lëtzebuergeschcoursë kënnen ze organiséieren. Eng enk Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerg wär néideg, fir Lëtzebuergeschcoursen an de Schoulen unzebidden.

Wat d'Beruffswelt ubelaangt, ass festgestallt ginn, datt d'Sproocheléieren Zäit an Talent brauch. D'Kompetenze missten nom Sproochcours duerch en Exame kontrolléiert ginn. D'Sproochviraussetzunge misste kloer definéiert sinn an et misst e méi héijen Niveau an de Coursen erreecht ginn.

Verschidde Leit fuerderen e besseren Encadrement vun de Leit, déi en ZLSK (Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur) hunn. A punkto INL-Zertifikatioun gëtt bemängelt, datt Examensbeispiller feelen.

Et besteet och e grousse Besoin u Léiermaterial (LaF) fir Jugendlecher.

Et gouf sech Suergen ëm d'Sproochkompetenz vun den Educateuren/Educatricë gemaach, déi d'Lëtzebuergescht op engem gudden Niveau solle vermëttelen. Hei war et de Wonsch, datt an der Schoul d'Léierpersonal nach méi Wäert op eng richteg Aussprooch an de korrekte Vocabulaire leeë soll.

Déi richteg lëtzebuergesch Wierder sollten nees richteg agesat ginn (z. B. Seechomes amplaz Ameis).

D'Iddi ass och opkomm, méi ***klassesch*** Wierder, Ausdréck, am LOD ze markéieren an ze weisen.

Am Kader vu Lëtzebuergesch als Friemsprooch, gëtt sech awer och Gedanke gemaach ëm d'Plaz vun de Mondaarte vum Lëtzebuergeschen an der Schoul, an der Grondschoul, awer och am Lycée. Et gi sech Froe gestallt, wéi ee Lëtzebuergesch sollt ënnerriichten. Wou ginn d'Mondaarte situéiert?

An der Schoul an den Net-Sprooche-Coursë sollt d'Méiglechkeet fir d'Schüler an d'Schülerinne geschaf ginn, Froen op Lëtzebuergesch ze stellen. Op dës Manéier ginn déi fachlech Problemer méi einfach a besser geléist. Dëst ass z. B. de Fall an der Mathé. Anerer fuerderen, datt d'Schoulfächer ewéi Chimie a Physik ganz op Lëtzebuergesch gehal ginn. Dozou missten dann och déi entspriechend Léiermaterialien ausgeschafft ginn.

Op d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch gëtt ëmmer erëm gepocht. Dowéinst wär et ëmsou méi wichteg, och dëst de Leit mat Migratiounshannergrond méi no ze bréngen. De Congé linguistique fir d'Eltere géif an dës Richtung schwätzen. Och misst méi didaktescht Material an deenen entspriechende Sproochen ugebuede ginn.

ZWEET THEEMA: LËTZEBUERGESCH AM ALLDAG

Hei konnt een diskutéieren, wéi Lëtzebuergesch am professionellen an ëffentleche Kader soll thematiséiert an ausgeschafft ginn. Dat betrëfft zum Beispill d'Fro, wéi een d'Sprooch a wëssenschaftleche Kontexter kann erfuerschen, mee och d'Reegelung vun der Schreifweis oder d'Fro, wéi Lëtzebuergesch an der Ëffentlechkeet ka visibel an accessibel gemaach ginn.




Sproocheronn um Belval: *Lëtzebuergesch am Alldag*




Sproocheronn zu Iechternach: *Lëtzebuergesch am Alldag*




Sproocheronn an der Stad: *Lëtzebuergesch am Alldag*




Sproocheronn zu Clierf: *Lëtzebuergesch am Alldag*

### 2. Diskussiounssujet Lëtzebuergesch am Alldag

E grousst Theema, dat ville Leit um Häerz läit, ass d'Visibilitéit vum Lëtzebuergeschen. Dacks gouf de Wonsch geäussert, datt nach méi Lëtzebuergesch an der Ëffentlechkeet present soll sinn. Méi Visibilitéit bedeit méi Unerkennung vun der Sprooch. Et gëtt méi Visibilitéit am Alldag gefrot, sief dat z. B., fir all d'Formulairen op Lëtzebuergesch ze maachen oder andeems Lëtzebuergesch op méi Plazen oder esouguer iwwerall benotzt gëtt (Apdikt asw.). Dobäi ginn ë. a. och déi ëffentlech Beschëlderungen an d'Flouernimm viséiert, an den Asaz vum Lëtzebuergeschen an de Medien.

Et gëtt drop higewisen, datt méi Visibilitéit fir d'Lëtzebuergescht virun allem fir de lëtzebuergeschsproochege Public immens wichteg wär an eng Chance fir d'Orthografie bedeite géif.

Friemwierder sollten net tel quel iwwerholl ginn (z. B. Precoce, Maison relais, Crèche), et sollte lëtzebuergesch Wierder dofir fonnt ginn (z. B. Kannernascht).

Kritiséiert gouf op enger Sproocheronn, datt déi lëtzebuergesch Nimm fir d'Bushaltestellen zum Deel ze komplizéiert an och deelweis falsch geschriwwe sinn (z. B. *Kiirch* amplaz richteg *Kierch*).

Dem Lëtzebuergesche sollt am Allgemenge méi Prestige attribuéiert ginn. De Sproochecongé kéint eng Mesure an déi richteg Richtung sinn.

Offiziell Texter sollten all op Lëtzebuergesch publizéiert ginn; duerfir wär vill Aarbecht gefuerdert, fir de ganze Vocabulaire opzebauen.

An och d'Internetsäite sollten all eng Wëllkommsäit op Lëtzebuergesch hunn.

Da gouf de Wonsch fir eng zentral Plaz geäussert, fir all dat Material iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch, dat et gëtt, ze zentraliséieren. Dëst sollt op *www.lux.lu* geschéien an zur Verfügung gestallt ginn.

Kritik goung un d'Lëtzebuerger Medien, déi als Multiplicateure vun der Sprooch fungéieren an en ze vill groussen däitschen Afloss am Lëtzebuergeschen (z. B. Fuerbunn, Infos, asw.) um Niveau vum Vocabulaire a vun der Struktur zouloossen. D'Sprooch misst besser gefleegt ginn, och um Niveau vun der Diktioun, vun der Aussprooch. Et gëtt eng besser Ausbildung fir Speaker a Speakerinnen um Radio (z. B. Aussprooch) gefuerdert. Eng Lëscht mat Standardaussproochen (z. B. vun Nimm) kéint hei hëllefen. Déi geschriwwe Press misst méi op Lëtzebuergesch publizéieren.

Op der Sproocheronn gouf och proposéiert, datt Archivmaterial vun RTL sollt als Beispill fir d'Lëtzebuergescht vu virun 20 bis 25 Joer gëllen, als pedagogesch Ënnerstëtzung.

Et gouf sech positiv geäussert iwwer déi vill Publikatioune vu Bicher a mëttlerweil och iwwer d'Erauskomme vu méi Hörbicher op Lëtzebuergesch. Kritiséiert goufen awer d'Literaturiwwersetzungen, déi zum Deel ze schwéier si fir Leit, déi d'Sprooch léieren.

Bei Toolen ewéi dem Spellchecker vu Microsoft gëtt sech gewënscht, d'Qualitéit ze verbesseren.

Op der Sproocheronn ass däitlech erauskomm, datt méi modern Formater, fir Lëtzebuergesch ze léieren, gesicht musse ginn. Et koume ganz vill Iddien op, fir Lëtzebuergesch am Alldag ze léieren. Op all Sproocheronnowend koum d'Fuerderung, fir Duolingo op Lëtzebuergesch erauszebréngen. An deem Sënn sollte méi grouss Plattforme genotzt ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Babbel ass och eng Alternativ.

Et gouf och iwwer den Ëmgang mat Apprenanten/Apprenanteën debattéiert. D'Participantë ware sech esou wäit eens, datt een hinne misst méi Geleeënheet ginn, baussent hire Sproochecoursë Lëtzebuergesch ze üben, an datt een eréischt bei Kommunikatiounsschwieregkeeten d'Sprooch wiessele soll. Et gouf bedauert, datt d'Lëtzebuerger automatesch an eng aner Sprooch wiesselen, esoubal se mat enger Persoun schwätzen, déi net fléissend Lëtzebuergesch schwätzt. Heiduerch kréien d'Leit, déi d'Sprooch wëlle léieren, net d'Méiglechkeet, fir Lëtzebuergesch an de reelle Situatioune baussent dem Klassesall ze praktizéieren. Sensibiliséierungsinitiativen ewéi ***Schwätz Lëtzebuergesch mat mir*** géifen an dës Richtung goen.

Mammesproochler an Net-Mammesproochler sollen am Fräizäitberäich méi zesummebruecht ginn an dës Aktioun sollt och public gemaach ginn. Dëst ass eng änlech Initiativ wéi ***Guide for one day***. Sproochecaféë sinn och eng wichteg Struktur fir Leit, déi d'Sprooch léiere wëllen an déi Kontakt siche mat Lëtzebuerger, déi hinnen dobäi hëllefe wëllen.

Et ass iwwer Initiativen diskutéiert ginn, ewéi z. B. eng Spéngel erauszebrénge mam Text „Ech schwätze Lëtzebuergesch" oder „Ech léiere Lëtzebuergesch"; anerer hunn no engem Bracelet mam Hiweis, datt ee Lëtzebuergesch mat engem schwätze soll, gefrot. Da koum d'Iddi op fir e „Lëtzebuergeschcours an der Kichen" mat traditionelle Rezepter. Et gouf iwwer en Tiktok-Challenge geschwat an iwwer d'Konzept vum *Sproochebuddy* mat dem entspriechenden Internetsite.

D'Offer, fir Lëtzebuergesch ze léieren, sollt méiglechst flexibel gestalt ginn an a méi klengen Dose vermëttelt ginn. Lëtzebuergesch kéint een och mat Filmer a Serien ewéi Capitani léieren. D'Synchronisatioun vun auslännesche Filmer op Lëtzebuergesch (inklusiv Ënnertitelen) sollt virugedriwwe ginn. Et sollte méi Appen, fir d'Sprooch ze léieren, geschaf ginn, fir Lëtzebuergesch op eng méi spilleresch Aart a Weis kennen ze léieren (z. B. mat Challengen). Lëtzebuergesch kann een och mat de Medien (RTL), Youtube, Podcasten asw. léieren. An d'Präsenz vum Lëtzebuergeschen an de soziale Medien ass och grouss; et wär wichteg, hei Qualitéitskontrolle virzegesinn (Orthografie).

An deem ganzen Zesummenhang gëtt och de Wonsch fir méi flott, modernt Léiermaterial op Lëtzebuergesch geäussert.

Ee Participant vun der Sproocheronn huet op d'Vulnerabilitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Unesco-Astufung higewisen. Lëtzebuergesch gëllt als vulnerabel a misst all 2 oder 3 Joer vun auslänneschen Experten objektiv analyséiert ginn.

DRËTT THEEMA: LËTZEBUERGESCH AM 21. JOERHONNERT

An dësem Beräich gouf diskutéiert, wéi d'Lëtzebuerger Sprooch am méisproochegen Alldag soll agesat ginn a wou Kommunikatiounsproblemer virleien. Hei war den alldeegleche Gebrauch vum Lëtzebuergesche vun Interessi, awer och de kulturellen Aspekt vun der Sprooch.




Sproocheronn 2022 um Belval: *Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert*




Sproocheronn 2022 zu Iechternach: *Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert*




Sproocheronn 2022 zu Clierf: *Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert*

### 3. Diskussiounssujet: Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert

Dëst Theema war bewosst breet gefächert, fir de Participanten d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer Uleiessen ze schwätzen, déi hinne perséinlech um Häerz leien. Fir d'Sproocheronn an der Stad, am Lycée Michel-Rodange, ass keen Tableau mat Post-itten iwwer „Lëtzebuergesch am 21. Joerhonnert" affichéiert, well dëse Sujet deels an déi aner Theemen iwwergaang ass a well den zäitleche Kader et net méi zougelooss huet.

Et gouf allgemeng nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch gepocht, virun allem a Schoulen, Maison-relaisen asw. E ganz grousse Stellewäert kruten déi regional Mondaarten attribuéiert. Variatioune sollen erhale bleiwen (z. B. Millermoler), och bei den Uertsnimm. Eng grouss Suerg ass allerdéngs d'Dokumentatioun vun de Mondaarte vum Lëtzebuergeschen an hir Färderung um Niveau vun de Gemengen, eventuell duerch Coursen, Dialekttheater asw.

Am Sproochentest fir d'Nationalitéit sollt d'Gespréich méi interaktiv sinn, et sollt méi an d'Richtung vun engem Spontangespréich lafen. Den Niveau A2 ass eng gutt Basis, d'Kenntnisser kënnen duerno awer verdéift ginn.

Gefaart gëtt eng Parallelgesellschaft vu Leit, déi kee Kontakt mam Lëtzebuergeschen hunn.

Et gouf och iwwer d'Lëtzebuergescht op EU-Niveau diskutéiert. D'Unerkennung als eege Sprooch ass wichteg, d'Unerkennung als offiziell EU-Sprooch gouf och ugeschwat. Gläichzäiteg ass an dësen Diskussiounen de wichtege Stellewäert vun de Mondaarte vum Lëtzebuergeschen opkomm.

Kritiséiert goufe Computerprogrammer (z. B. vu Microsoft) op Lëtzebuergesch, déi den Ament voller Feeler sinn. Et misst duerfir gesuergt ginn, datt déi orthografesch korrekt sinn.

D'Sproocherkennung op Lëtzebuergesch war och e Sujet, z. B. Siri, Alexa, Spellchecker fir SMSen, Speech-to-text.

Sproocheronn EIDE, École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette

Méindeg, den 10.10.2022




Proposen:

- méi Coursen d'Woch
- méi spannend Coursen
- méi mëndlech Coursen
- Bicher, déi un d'Schüler ugepasst sinn
- Bicher, fir Lëtzebuergesch ze léieren, net just Blieder a PPT
- et brauch ee méi Méiglechkeeten, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen
- Fro: méi (laang) Lëtzebuergesch an der Schoul (Lycée) wéinstens als Optiounscours?
- Firwat musse mer schreiwe léieren?
- et wier wichteg, méi Infoen iwwer d'Optioune fir d'Zukunft zu Lëtzebuerg ze kréien
- fir d'Schüler ass de Lëtzebuergeschcours keng Prioritéit, well se d'Sprooch am Alldag net wierklech brauchen
- méi Informatioun iwwer Lëtzebuergesch op der Studentefoire
- Am Ausland wier et ganz selbstverständlech, d'Nationalsprooch an enger International School ze léieren

- Iddi: Reading Competition an der Schoul
- et brauch méi Coursen, fir datt een d'Sprooch och richteg/fléissend schwätze kann
- d'Léieren an d'Schwätze si wichteg fir d'Identitéit
- léieren ze schwätzen, ier een d'Rechtschreiwung an déi ganz Grammaire léiert
- vill Wäert op Widderhuelung leeën, fir datt d'Basis och sëtzt (z. B. wéi ee sech presentéiert)
- et ass wichteg, datt och ausserhalb vun der Schoul Lëtzebuergesch geschwat gëtt
- mëndlech ass wichteg, et brauch awer och eng Basis am Schreiwen
- Niewefächer op Lëtzebuergesch (Sciences humaines, VIESO): Dat kéint ze schwéier sinn, well vill Schüler d'Sprooch net gutt genuch kënnen.
- Méi Fächer op Lëtzebuergesch an den Accu-Klassen
- et wier wichteg, mee et géif sécherlech net jidderengem gefalen
- et ass net gutt, datt ee fir vill Aarbechtsplazen e gudden Niveau am Lëtzebuergesche brauch, deen een awer an der Schoul nëmme schlecht erreecht
- onlogesch: Lëtzebuergesch an der Spillschoul geléiert an (elo) an der Primärschoul muss een Däitsch léieren
- dacks gëtt op eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch zeréckgegraff, well ee wëllt, datt jiddereen ee versteet (zum Beispill am Sportscours)
- Offer jo, mee keen Zwang (dann ass ee méi motivéiert)
- méi Filmer op Lëtzebuergesch
- méi Coursen an der Primärschoul, do méi e grousse Fokus drop leeën
- Periscolaire Aktivitéiten op Lëtzebuergesch
- richteg schreiwe léiere brauch adäquat Material
- net richteg Lëtzebuergesch an der Schoul geléiert (am lëtzebuergesche System)
- Material fir ze léieren op Lëtzebuergesch (Sport)
- Engagement a Veräiner (hëlleft beim Léieren)
- d'Méiglechkeet misst gi sinn, véier Sproochen ze maachen oder eng ewechzeloossen, wann ee Lëtzebuergesch wielt
- de Cours am Lëtzebuergeschen nach méi eescht huelen
- et ass eng Erausfuerderung, d'Sprooch ze léieren, mee et ass wichteg

D'PROPOSEN AM ONLINE-FORUM:

Déi ganzen Zäit iwwer war den Online-Forum op www.lux.lu geschalt, wou ee Proposen iwwer déi dräi Theeme konnt eraginn. Hei sinn déi wichtegst.




Online Forum: *Lëtzebuergesch léieren*

Kommentar 1:

> *Avoir des cours intensifs 5 jours par semaine en soirée, après 18h00. Du lundi au vendredi à l'INL ou online*
>
> *Pouvoir étudier jusqu'au niveau C1/C2*
>
> *Pouvoir étudier les niveaux les plus avancés par petits groupes s'il n'y a pas assez d'étudiants. Les cours sont parfois remis à plus tard par les centres de formations quand il n'y pas assez d'étudiants alors que certains étudiants veulent aller aux plus hauts niveaux.*

Kommentar 2:

> *Gudde Moien, ech fannen dass d'Lëtzebuergescht grad an de Schoule méi Opmierksamkeet geschenkt soll kréien. Als Schüler kann ech aus Erfarung soen, dass vill Kanner a Jugendlecher Lëtzebuergesch schwätze wéi se wëllen, ouni sech weider mat der Sprooch ze beschäftegen oder sech ze verbesseren. Dee Fall kënnt och bei Proffe vir, an doduerch hunn d'Proffen dann eng éischter negativ Wierkung op d'Sproochentwécklung vun de Schüler. Grad am Enseignement misst d'Nationalsprooch awer perfekt beherrscht ginn, fir dem Schüler e gutt Beispill/Virbild ze sinn (zemools bei Proffen, déi Lëtzebuergesch enseignéieren).*
>
> *Och am Stonneplang misst d'Lëtzebuergesch vill méi vertrueden a geférdert ginn. Ech fannen, déi*

*eng Stonn op Septième an elo och op Quatrième ass e Witz, well d'Schüler en intensive Kontakt mat der grammatesch korrekter Sprooch sollen hunn, deen se mat Sécherheet am Lëtzebuergeschcours kréichen.*

*Vill Leit hunn sech a leschter Zäit schlecht Gewunnechten ugëeegent wei zum Beispill den iwwerdriwwene Gebrauch vu wou. Als Beispillssaz: „Dat sinn dach déi Leit, DÉI mer gëschter an der Stad gesinn hunn! " Dëse Saz ass korrekt, mee vill Leit fänken un, den zweeten DÉI mat WOU ze ersetzen: „Dat sinn dach déi Leit, WOU mer gëschter an der Stad gesinn hunn!" Wat natierlech komplette Kabes ass a genau sou falsch Gewunnechte solle gestoppt a verbessert ginn.*

*Ech fannen, dass et der Schoul hir Aufgab ass, dem Schüler déi schlecht Gewunnechten ofzewinnen an dem Schüler eng grammatesch korrekt Uwendung unzewinnen. Dobäi däerf net nëmmen déi richteg sproochlech Uwendung mee och déi grammatesch gefërdert ginn.*

*Obwuel Lëtzebuergesch meng Mammesprooch ass, hunn ech nach ëmmer Problemer mat der Grammatik, also wéi verschidde Wierder geschriwwe ginn. Dës ass och bei villen anere Lëtzebuerger de Fall.*

*Obwuel ech mech elo intensiv mat der lëtzebuergescher Sprooch (Grammatik) beschäftegen, ass déi korrekt grammatesch Uwendung eng kleng Erausfuerderung. An dëser mickreger Lëtzebuergeschstonn, déi een dann op Septième a Quatrième huet, ginn de Schüler villäicht grammatesch Reegele bäibruecht, mee wéi schonn an engem Kommentar erwäänt, ass den intensive Kontakt mat der Grammatik wichteg, an do ginn déi mickreg Stonnen net duer, zemools net, fir sech déi Grammatik anzeprägen.*

*Ech mengen, ech hu meng Iddien, fir dass d'Leit (Proffen a Schüler) an de Schoule grammatesch korrekt Lëtzebuergesch applizéieren a Schüler korrekt Lëtzebuergesch léieren, elo kloer gesot. Ech wollt als Ofschloss nëmmen nach soen, dass een hei am Land d'Gefill kritt, dass Lëtzebuerger Kultur a Sprooch ëmmer méi u Wichtegkeet verléieren, wat mech zimmlech fäerdeg an och rose mécht. Dofir musse mer ufänken, d'Leit (déi keng Lëtzebuerger sinn) eis wonnerbar Sprooch bäizebréngen, an hinnen eis fantastesch Kultur méi no bréngen.*

*Merci fir Är Opmierksamkeet an ech hoffen, dass ech iergendee mat dësem Kommentar erreeche kann.*

Kommentar 3:

*D'Recherche iwwert d'Sproocheléieren, an och d'Erfarung vun der Gemeinschaft vu Polyglotten a Sproochekenner um Internet, weist, dass déi bescht an och héchstwarscheinlech déi eenzeg Manéier, fir eng Sprooch richteg schwätzen ze léieren, stännegen, interessanten Input ass, esouwuel lauschteren ewéi liesen.*

*Alles aneres (Grammaire, vun de Schüler ze fréi verlaangen, sech an der neier Sprooch auszedrécken, asw.) ass méi oder wéineger verlueren Zäit, well een dobäi aner Kompetenze fërdert, oder ganz einfach feelerhaft Gewunnechten opbaut.*

*Dee gréisste Problem fir Lëtzebuergesch ass, dass et net genuch zougänglecht Material op Niveau A1 bis B2 gëtt, wat och fir Erwuessener interessant ass. Ab B2 ginn et vill Podcasten a Radiosender ewéi 100komma7. Lëtzebuerger Schrëftmedien esou wéi Bicher, vun deenen et der souwisou net vill gëtt, sinn a menger Erfarung ze schwéier esouguer fir B2. Vun de soziale Medien emol net ze schwätzen, virun allem, well déi meescht Lëtzebuerger keng Standardschreifweis an emol kee Standardvocabulaire benotzen.*

*Den Audio vun der Serie Schwätzt Dir Lëtzebuergesch vum INL ass e gudden Ufank, mee et bräicht een nach vill, vill méi Audio- a Videomaterial op nidderegem Niveau (A1-A2) wann ee wëllt, dass d'Leit einfach a massiv Lëtzebuergesch léieren. E gutt Beispill dofir sinn d'Bicher Lingua Latina Per Se Illustrata vum Dän Hans Orberg oder YouTube-Kanäler ewéi Dreaming Spanish vum Pablo Ramon. Zemools dat lescht Format wier warscheinlech fir den ZLS zu Lëtzebuerg net schwéier nozemaachen.*

Kommentar 4:

*Si nous voulons donner au luxembourgeois une place de choix ou plutôt le sauver de l'extinction, il faudra introduire une forme "plus ou moins contraignante" à son apprentissage. C'est à dire:*

- *au niveau des jeunes:*

  *1/ renforcer l'apprentissage du luxembourgeois à l'école. Le grammaire (comme le solfège pour la musique) doit être enseigné*

  *2/ nommer des professeurs de luxembourgeois certifiés pour enseigner la lange dans les écoles.*

- *au niveau des adultes:*

  *3/ inciter les entreprises à pousser leur personnel dans l'apprentissage de la langue.*

  *4/ conditionner la nationalité à un apprentissage certifiant du luxembourgeois*

  *5/ standardiser, améliorer le cursus et les supports pédagogiques. A titre de témoignage, je suis les cours de luxembourgeois dans le cadre de la Ville de Luxembourg. Le passage de niveau n'est pas soumis à une évaluation. De plus, le module A2 est actuellement trop dense pour être maitrisé en 1 an. Idem pour B1. Du coup, la différence de niveau entre élèves est important et la maîtrise globale pas assurée.*

*La sauvegarde de la langue ne doit pas donner la priorité au nombre de personnes "ayant" suivi des cours mais plutôt à la vraie pratique quotidienne de la langue.*



Online Forum: *Lëtzebuergesch am Alldag*

Kommentar 1

*'n Owend. Ech hunn dëse Bericht fortgeschéckt an op déi Aart a Weis Äre Forum kenne geléiert.*

*Wat mech perséinlech stéiert ass follgenden Ëmstand:*

*De Lëtzebuerger Steierzueler héiert eenzeg an eleng engleschsproocheg Musek souwuel um 100Komma7 wéi op RTL; an dobäi steet jo awer den L am Numm fir eppes Konkreetes.*

*Speziell fir eisen Nationalfeierdag hunn déi zwee Senderen net vill Lëtzebuergesches virzebréngen. Wann ech bedenken, wou all déi Opnamen aus der Villa Louvigny verschwonne sinn! Mir hunn esou vill Schéines an eisem Repertoire opzeweisen. Wuerfir kënnt keen op déi Iddi, eis Kultur erëm iwwer d'Antenne lafen ze loossen?*

*Wann d'Sprooch ze héieren ass, gëtt et fir d'Schüler, déi Lëtzebuergesch léieren, och vill méi einfach, d'Aussprooch emol ze héieren.*

*Eis Künstler am Gesang ewéi Theater sollen ënnerstëtzt ginn an net déi auslännesch mat eise Suen.*

*Ech géing mech riseg freeën, emol matzediskutéieren.*

*Déi Eeler hunn Zäit, fir Radio ze lauschteren, wärend déi Jong an der Schoul sinn oder scho schaffen. Wann ech am Auto sëtzen, lauschteren ech nëmme Lëtzebuergesches iwwer den USB-Stick; a wann ech den Text kennen, sangen ech mat. Nëmmen esou bleiwen d'Stécker erhalen. Ëmmer an ëmmer erëm widderhuelen.*

*Bis dann eng Kéier hoffentlech.*

Kommentar 2

*D'lëtzebuergescht Verb wäerten gëtt zwar normalerweis, anescht wéi dat däitscht werden, gebraucht fir eng Méiglechkeet oder en Doute iwwert d'Zukunft auszedrécken. Esou steet et och am LOD. Mee dat ass net ëmmer de Fall.*

*Vun Aalst hier fënnt een op Lëtzebuergesch Sätz esou wéi „Ech wäert e bréngen, Här Kinnek, zielt duerop." Dat seet de Bier zum Kinnek am Rodange sengem Reenert. Natierlech gëtt et ëmmer Ongewëssheet iwwert d'Zukunft, mee et ass an deem Fall sech schwéier virzestellen, dass een als Äntwert op e Befeel vum Kinnek wëllt en Doute oder och nëmmen eng Hoffnung ausdrécken, ob een elo wierklech dat mécht, wat ee gefrot gouf.*

Kommentar 3

*Ech hätt zwou Remarke fir Lëtzebuergesch am Alldag.*

*Éischtens muss een sech bewosst sinn, datt et am Lëtzebuergesche selwer vill Diversitéit gëtt, a fir datt déi erhale gëtt, muss een Effort gemaach ginn, fir dorops hinzeweisen, datt d'Schreifweis nëmmen een Outil ass.*

*Wann ech hekt oder mar amplaz vun haut oder muer soen, schwätzen ech kee falscht Lëtzebuergesch.*

*Ech hu grad ugefaangen, a soziale Reinsertiounszenteren a fir gréisser Entreprisë Lëtzebuergeschcoursen ze ginn, an ee vun de Problemer mat eiser Orthografie ass, datt ugeholl gëtt, dat jiddwereen eng Basis am Däitschen oder am Franséischen huet an e Wuert wéi Coiffeur wäert verstoen. Zweetens muss een de Leit erklären, déi kee Franséisch schwätzen, datt bei Clienten den t net ausgeschwat gëtt, well et aus enger Sprooch kënnt, déi si net kennen, mee iergendswéi mussen se d'Etymologie kennen, fir kënne richteg ze schreiwen.*

*Orthografiesreegele vun engem Dag op deen aneren ze imposéieren huet ni richteg fonctionéiert an et misst ee vläicht drun denken ze akzeptéieren, datt eis Sprooch esou geschriwwe gëtt, wéi se geschwat gëtt, an datt d'Ausssprooch vun de Buschtawen eng gréisser Wichtegkeet huet.*

*Zweetens muss een e gemeinsaamt Zil hunn; mir kënne keng Regierung hunn, déi op eemol decidéiert, datt Englesch néideg ass als Kommunikatiounssprooch, well et méi international ass; an deem Fall wieren Amsterdam a Paräis och keng international Stied. Wat ee méi mat Lëtzebuergesch a Kontakt kënnt, wat ee méi Loscht huet et ze léieren.*

*Mir mussen akzeptéieren, datt d'Schwätzeléieren eng Prioritéit ass. An eis Strategien, fir de Leit Lëtzebuergesch bäizebréngen, adaptéieren.*

Kommentar 4

*Dat géif ech och ganz wichteg fannen! Ech wënsche mir, datt meng Kanner fir d'éischt hir Mammesprooch Lëtzebuergesch an der Schoul léieren an dono eréischt all aner Sproochen als Friemsprooch. Et ass vill wäert, propper Franséisch an Englesch ze schwätzen, mee net méi gradesou vill, wann ee seng Mammesprooch net richteg geléiert hutt.*

Kommentar 5

*Moien, als Enseignant an als Awunner vun der Stad muss ech besuergt feststellen, dass mer amgaang sinn, eis Dräisproochegkeet ze verléieren.*

*Schoulesch gesi sinn d'Resultater grad an den ënneschte Klasse vum Lycée (classique) katastrophal (Hallschent vun der Klass ongenügend, e gudden Deel versteet Däitsch als Unterrechtssprooch knapps, an d'Ëmgangssprooch Lëtzebuergesch ass och plazeweis just nach fragmentaresch ze verstoen). D'Ursaach läit bei der Tatsaach, dass elo Eltere massiv Drock maachen, wann et dorëms geet, an de Classique ze kommen, obwuel d'Kompetenzen net do sinn. D'Léierpersonal wëllt sech keng Problemer siche goen, an déi Kommissioun, déi tranchéiere soll, entscheet zu 90% fir d'Elteren. Virun e puer Joer ware ronn 30-35% vun de Schüler am Classique, elo ass et ronn d'Hallschent mat esou groussen Defiziten, dass déi sproochlech Produktiounen net méi ze verstoe sinn.*

*Als Enseignant an engem Haaptstadlycée sinn déi Entwécklungen ëmsou méi frappant, wann een elo nach ausserhalb vum Schoulgebai kuckt, wéi eis Stad sech entwéckelt. Offensichtlech ouni statistesch Daten, mee mat vill Beobachtung kann ee feststellen, dass mer en enormen Zouwuess vu franséischsproochege Leit an deene leschte Jore kritt hunn am Géigesaz zu allen aneren Nationalitéiten. Dat huet natierlech en Impakt op eis Schoulbevëlkerung an op eis Stäerkten a Schwächten. De géigewäertege System ass awer net op déi Sproochefamill ausgeluecht, wat een un den uewe genannte Konsequenze gutt ka gesinn.*

*Net dass de Problem emol net adresséiert gëtt, et geet elo och nach an déi falsch Richtung andeems mer Crèchen op Franséisch fërderen an elo wëllen op Franséisch alphabetiséieren, anstatt verstäerkt an d'Richtung vun deene Sproochen ze goen, déi defizitär sinn, nämlech Lëtzebuergesch, Däitsch a mat Aschränkungen och Englesch.*

*Dass déi nei Europaschoulen dee Problem solle behiewen, schéngt op den éischte Bléck eng gutt Iddi, mee an den traditionelle Schoule bleift de Problem. Hei mussen onbedéngt nei Moossname getraff ginn ewéi zum Beispill den Ausbau vun ALLET-Klassen oder ganz Filièrë vu Klassen, déi sproochlech Aschränkungen hunn.*

Kommentar 6

*Ech hu vill ze di mat Leit, déi Lëtzebuergeschcoursë beluecht hunn.*

*Et ass esou, wéi hei schonn een et beschriwwen huet. Wann se 3 Joer Cours hannert sech hunn, kënnen se d'Sprooch net praktizéieren a si verléieren esou dat, wat se mat vill Méi geléiert hunn. Langue véhiculaire ass Franséisch an Englesch.*

*Ech fannen déi Iddi dofir flott vun de Sproochecaféen.*

*Ech ville mech meeschtens wéi en Auslänner a mengem Land. Ech wunnen an der Haaptstad.*

Kommentar 7

*Gudde Moien, ech gesinn a mengem Beruff vill Gruppe Kanner. An de private Crèchen ass de Gros vum Personal an de Kanner francophone. Déi Kanner léiere kee Lëtzebuergesch méi, an der Schoul schwätzen se weider ënnert sech just Franséisch. Si héiere Lëtzebuergesch just am Cours an déi Erwuessen tendéiere vill dozou, och do Franséisch ze schwätzen, well dat oft (op mannst an de Klassen an der Stad an am Süden) vu méi Kanner verstane gëtt. Resultat ass, dass vill Kanner guer net wierklech Lëtzebuergesch léieren. Ech gesinn, dass et net méi esou ass wéi soss, wou d'Kanner um Enn vun*

*der Grondschoul Lëtzebuergesch konnten. Si sinn net méi genuch am Alldag domat a Kontakt, fir et wierklech ze festegen, an esoubal aus der Schoul eraus, sinn se jo souwéisou oft guer net méi domat a Kontakt.*

*Ech hunn d'Erfarung gemaach, dass vill Jugendlecher, déi an enger lëtzebuergescher Primärschoul waren, herno mol guer net méi uginn, Lëtzebuergesch kënnen ze schwätzen, well se et verléiert hunn duerch ze wéineg Gewunnecht, et ze schwätzen.*

*Jo, et gi vill Erwuessener déi Lëtzebuergeschcoursë besichen, mee ass dat net just fir kënne Fonctionnaire ze ginn oder et kënnen an de CV ze schreiwen? An der Realitéit gëtt et awer herno guer net praktizéiert, och well mir Lëtzebuerger direkt iwwerall Franséisch schwätzen an oft net vill Wäert op eis Sprooch leeën. Merci*

Kommentar 8

*Gudde Moien, vill Leit, déi Lëtzebuergesch léieren oder wëlle leieren, ziele mir, dass se wéineg Geleeënheet hunn, et ze schwätzen, well mir all d'Gewunnecht hunn, direkt a Butteker oder wann een anzwousch urifft, Franséisch ze schwätzen.*

*Ech fannen et wichteg, dass een d'éischt mat Lëtzebuergesch ufänkt, fir dass deen aneren et ka léieren an iwwerhaapt emol esou ze signaliséieren, dass een normalerweis Lëtzebuergesch géif schwätzen. Well et sinn och vill Auslänner, déi mengen, et wär net néideg, Lëtzebuergesch ze léieren, well souwéisou jidderee Franséisch schwätzt. Merci*

Kommentar 9

*Gudde Mëtteg, wann ech schonn d'Méiglechkeet kréien, fir eng perséinlech Meenung ze äusseren, da lass!*

*Ech fannen et einfach schrecklech, wéi d'Verb wäerten mëssbraucht gëtt, fir de Futur auszedrécken! Souwäit ech weess, dréckt wäerten en Doute aus a keng Zukunft. Da lauschtert dach de Radio oder d'Televisioun an dann zielt emol, wéi vill Mol wäert gebraucht gëtt, ob dat vu Politiker oder vu Journalisten ass! Kann da kee vun Iech, déi verantwortlech si fir eis Sprooch, dat ënnerbannen, emol an deene verschiddene Redaktiounen dorop opmierksam maachen? Oder ass dat egal, ass dat déi lieweg Verännerung vun eiser Sprooch? Wéi ginn d'Auslänner domat ëm, déi eng Reegel an der Grammatik ze léieren an da just de Contraire an de Medien héieren?*

*Dat ass en Theema, dat mech richteg opreegt. Ech wär frou, eppes doriwwer vun Iech ze héieren.*

*Mat léiwe Gréiss*

Kommentar 10

*Gudde Moien, ech fannen dat ee ganz pertinente Constat. Ech si schockéiert, datt esou vill Leit déi Confusioun mam Futur maachen an et mécht dacks d'Apprenanten duercherneen. Onbedéngt am LOD dat richtegstellen, wgl.*

Kommentar 11

*Et ginn eng sëllege Busarrêten uechter d'Land, déi Kierch oder Bei der Kierch heeschen. Leider fënnt een oft Kiirch oder Bei der Kiirch geschriwwen. Wéi kann een dat besser an de Gréff kréien?*

Kommentar 12

*Gudde Mëtteg,*

*ech schaffe bei der ASTI am Projet Pratique Langues en Ligne.*

*Do hu Persounen, déi an engem Sproochecours sinn oder waren, Geleeënheet, Konversatioun ze maachen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch. Et ass kee Sproochecours. Keng Grammaire, Orthografie, Vocabulaire, etc.*

*Fir deelzehuelen als Apprenant muss een an de Sproochen den A1 gemaach hunn. Eemol an der Woch huet den Apprenant Geleeënheet, fir eng Stonn mat engem Benevole Konversatioun ze maachen.*

*Et ass ee Projet, dee ganz vill an Usproch geholl gëtt. All neie Benevole, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen, ass wëllkomm.*

*Léif Gréiss*

## 4. OFSCHLOSS

An dësem Dokument hu mir den Tour gemaach a verschidde Meenungen, Initiativen, Froen an Doleancen, déi an eiser Gesellschaft mat der Lëtzebuerger Sprooch zesummenhänken, zesummegefaasst.

D'Efforte vun der Regierung sinn dran opgefouert, d'Aussoe vun den interesséierte Bierger bei den Diskussiounsronnen an um Internetforum resuméiert. Dat erlaabt en allgemengen Iwwerbléck a sollt zu engem nohaltege Konzept vun enger duerchduechter an akzeptéierter Férderung vun der Nationalsprooch féieren.

Esou eng politesch Demarche, déi op dem Abezéie vun der Gesellschaft an der Participatioun vun engagéierte Bierger baséiert, gëtt dem fundamentale Charakter vun der Diskussioun iwwer d'Lëtzebuergescht an de Multilinguismus an eisem Land gerecht.

# D. Ëmsetze vun der Strategie vun 2017

Joresrapport 2020-2021 vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch, aktualiséiert am Oktober 2022

**Eng Strategie fir d'Lëtzebuerger Sprooch**

De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an de Staatssekretär am Kulturministère, Guy Arendt, hunn den 9. Mäerz 2017 d'Strategie vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch virgestallt.

Doranner sinn nieft den allgemengen Ziler fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen och 40 Mesurë proposéiert ginn, fir derzou bäizedroen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch sech entwéckelt an datt se dokumentéiert ass.

De Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch zitt mat dësem Rapport e Bilan vun den Aarbechten, déi bis haut am Kader vun där Strategie geleescht gi sinn.

D'Joren 2020 an 2021 ware vun der Coronapandemie gepräägt. An dësem Beräich ewéi a villen aneren ass et esou, datt se virum Hannergrond vun engem Gesondheetsnoutstand net déi éischt Prioritéit haten. D'Restriktiounen am gesellschaftlechen a berufflechen Zesummeliewen hunn derzou gefouert, datt verschidde Projeten hu missen no hanne gestallt ginn. Nawell ass et a ville Beräicher, déi vun der Strategie viséiert goufen, ganz séier virugaang. An dat, obschonns déi vum Minister gewënschten ëffentlech Consultatioun huet misse bis 2022 waarden.

Am Bilan hei ginn déi 40 Mesuren ënner d'Lupp geholl, an d'Realisatioun dovunner mat engem Faarwescheema a fënnef Stufe charakteriséiert:

| | | |
|---|---|---|
| **Déi Mesure ass ëmgesat.** | **7** | **17,5 %** |
| **Dës Mesure ass ëmgesat, mee se muss ëmmer erëm ugepasst ginn.** | **18** | **45 %** |
| **Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.** | **14** | **35 %** |
| **D'Preparatiounen hunn ugefaangen, an et geet elo richteg lass.** | **1** | **2,5 %** |
| **Hei ass nach kaum eppes geschitt.** | **0** | |

**Eng laangfristeg Sproochen- a Kulturpolitik**

*D'Regierung erkennt d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch un. Och wann et scho vill Moossname ginn, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze férderen, wëll d'Regierung hiert Engagement fir d'Sprooch nach eng Kéier verstäerken. Mee och d'Méisproochegkeet ass eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Nieft dem Lëtzebuergeschen, dem Däitschen an dem Franséische sinn am Alldag nach aner Sproochen am Gebrauch. Zesumme präge si d'Identitéit vun eisem Land an droen e weesentlechen Deel zur sozialer Kohäsioun bäi. Dofir engagéiert d'Regierung sech mat der Promotioun vum Lëtzebuergeschen och gläichzäiteg fir d'Promotioun vun der Méisproochegkeet.*

**Véier staark Engagementer vun der Regierung**

D'Regierung viséiert véier grouss, iwwergräifend Ziler an engagéiert sech konkreet, fir:

1. *de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze stäerken;*
2. *d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etüd vun der Lëtzebuerger Sprooch virunzedreiwen;*
3. *d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze férderen;*
4. *d'lëtzebuergesch-sproocheg Kultur ze promovéieren.*

Mam Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, dat eestëmmeg an der Chamber gestëmmt gouf, gëtt den Engagement ënnerstrach, fir d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft ze stäerken an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze sécheren.

Loi du 20 juillet 2018 relative à la promotion de la langue luxembourgeoise

Art. 1er.

*La politique de la langue luxembourgeoise est une approche transversale du Gouvernement qui vise* à:

1° *renforcer l'importance de la langue luxembourgeoise ;*
2° *soutenir l'utilisation et l'étude de la langue luxembourgeoise ;*
3° *encourager l'apprentissage de la langue et de la culture luxembourgeoise ;*
4° *promouvoir la culture en langue luxembourgeoise. [...]*

**(1) En Aktiounsplang fir eng Sproochen- a Kulturpolitik ronderëm d'Lëtzebuergescht**

*Well dëst praktesch all d'Beräicher vun der Ëffentlechkeet an och all d'Ministèrë concernéiert, ass d'Regierung der Meenung, datt een sech dofir muss eng eenheetlech Strategie ginn, déi vun alle gedroe gëtt an op déi se all hischaffen. D'Festhale vu gemeinsamen an iwwergräifende Richtlinne sollen e kohärente Suivi vun der Lëtzebuerger Sprooch erméiglechen. Dës Strategie fir d'Férdere vun der Lëtzebuerger Sprooch wäert zesumme mat allen Acteure vun eiser Gesellschaft ausgeschafft ginn, an an engem Aktiounsplang fir d'Férderung vun der Lëtzebuerger Sprooch festgehale ginn.*

Dëst ass am Gesetz vum 20. Juli 2018 festgehalen, als 20-Joer-Aktiounsplang, am zweeten an drëtten Alinea vum éischten Artikel:

> *Un plan d'action sur la langue luxembourgeoise, désigné ci-après « plan d'action », détermine les lignes directrices permettant la mise en œuvre de cette politique par le Gouvernement et les institutions créées par la loi.*
>
> *Le plan d'action adopté par le Gouvernement porte sur une période de vingt ans. Tous les cinq ans sa mise en œuvre est évaluée et le plan d'action révisé, le cas échéant.*

De Prinzip vum transversalen 20-Joer-Aktiounsplang ass am Gesetz festgehalen. Dee gëtt zesumme mat allen Acteure vun eiser Gesellschaft ausgeschafft, well praktesch all d'Beräicher vun der Ëffentlechkeet an och all d'Ministèrë concernéiert sinn. Dee Plang soll vun en alleguer gedroe ginn, an déi iwwergräifend Richtlinne sollen e kohärente Suivi vun der Lëtzebuerger Sprooch erméiglechen.

Et gouf 2021 eng grouss Campagne, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen an d'Leit dobausse mat drun ze bedeelegen. D'Campagne ***wuertschatz.lu*** huet vum 21. Juni 2021 un de Public opgeruff, Wierder a Spréch, déi an de Vergiess gerode sinn, ze sammelen an se eranzeginn. Zil ass et, de Räichtum vun der Sprooch ze weisen an op eng flott a faarweg Aart a Weis ze presentéieren.

Nodeems de Minister déi Campagne lancéiert hat, hunn am éischte Mount iwwer 11.000 Persounen de Site besicht. Bal 1.400 E-Maile sinn erakomm an hunn iwwer 2.300 Spréch gemellt.

Op Facebook louch de Gesamt-Reach bei 108.132; och do koumen eng 200 Spréch eran. Och op Instagram mat iwwer 2.000 an op Twitter mat bal 10.000 Reaktioune war den Interessi grouss.

All déi Spréch gi beim ZLS gekuckt a ginn dann am LOD publizéiert oder esouguer an engem neie Band III vun der Serie Lëtzebuerger Wuertschatz opgegraff an erkläert.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

### (2) E Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch

> *Fir dësen Aktiounsplang auszeschaffen an der Regierung hiren Engagement fir d'Lëtzebuergescht nach weider ze stäerken, gouf de Poste vun engem Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch geschafen. Seng Missioun wäert et sinn, d'Ministèrë vun der Educatioun an der Kultur am Hibléck op d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen ze beroden an d'Efforten an deem Beräich vun alle Ministèren an Administratiounen ze koordinéieren. De Commissaire soll ënner anerem de besteeënde Mesuren an Efforten e Kader ginn, d'Koherenz vun de sproochlechen Iwwerleeungen assuréieren, de Suivi vun de Mesuren institutionaliséieren, an den Dialog tëschent deenen eenzelen Interessenten, déi sech mam Sproochgebrauch respektiv der Kultur zu Lëtzebuerg beschäftegen, opbauen, koordinéieren an um Liewen halen. De Commissaire gëtt a senger Aarbecht vun engem interministerielle Comité begleet a kann iwwer dee Wee och mat Missioune beoptraagt ginn.*

Dës Funktioun gouf am Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch geschaf.

*Le commissaire à la langue luxembourgeoise*

*Art. 3. Il est institué, sous l'autorité des ministres ayant l'Éducation nationale et la Culture dans leurs attributions, ci-après dénommés « ministres », un commissaire à la langue luxembourgeoise, ci-après dénommé « commissaire ».*

*Le commissaire est appelé à contribuer à la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise et à proposer au Gouvernement un projet de plan d'action et après adoption du plan d'action par le Gouvernement, à superviser et coordonner sa mise en œuvre.*

*Le commissaire établit un rapport d'activités annuel et peut, sur demande du Gouvernement ou de sa propre initiative, établir un rapport thématique.*

*Art. 4. Le commissaire est nommé, sur proposition du Gouvernement en conseil, par le Grand-Duc pour un mandat renouvelable de sept ans.*

Op Propositioun vum Regierungsrot ass den Här Marc Barthelemy den 1. Oktober 2018 Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch genannt ginn.

De Commissaire ass zoustänneg fir d'Ausschaffen an d'Ëmsetze vun engem 20-Joer-Aktiounsplang ronderëm d'Lëtzebuergescht a gëtt begleet vun engem interministerielle Comité. D'Membere vun dësem Comité aus de verschiddene Ministèrë sinn de 17. Dezember 2018 iwwer Arrêté grand-ducal nominéiert ginn. De Commissaire huet de Comité 2019 an 2022 am grousse Krees zesummegeruff; wärend der Pandemie gouf sech iwwer déi elektronesch Medien ausgetosch.

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(3) En „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht"**

*Ronderëm de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch gëtt en „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht" geschafen. Zu sengen Aufgabe gehéieren d'Etüd an d'Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg, an d'Sproochpromotioun, souwuel an der Lëtzebuerger Gesellschaft wéi am europäeschen an internationale Kontext. Den Zentrum schafft enk mat den aneren Acteuren an deem Beräich (CNL, CNA, Uni Lëtzebuerg…) zesummen. Seng Mataarbechter wäerte sproochlech a kulturell Experten aus verschiddene Beräicher sinn (Linguistik, Sproochegeschicht, Educatioun, Kultur…).*

Och den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) gouf mam Gesetz vun 2018 geschafen:

*Le Centre pour le luxembourgeois*

*Art. 5. Il est institué un Centre pour le luxembourgeois, dénommé ci-après « Centre », placé sous l'autorité des ministres et sous la direction d'un directeur. Le directeur peut être assisté par un directeur adjoint auquel il peut déléguer certaines de ses attributions et qui le remplace en cas d'absence.*

*La dénomination luxembourgeoise du Centre est « Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ».*

*Une autre dénomination peut être conférée au Centre par voie de règlement grand-ducal.*

*Art. 6. Le Centre contribue à la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise et constitue un organisme de contact et d'information en la matière.*

*Le Centre peut, de sa propre initiative ou à la demande du Gouvernement, être chargé d'étudier les questions en rapport avec la politique de la langue luxembourgeoise.*

*Dans l'exercice de ses missions, le Centre :*

1. *publie les règles relatives à l'orthographe et à la grammaire de la langue luxembourgeoise;*
2. *élabore et met à jour des outils linguistiques ;*
3. *répond aux questions ayant trait à l'orthographe, la grammaire, la phonétique et le bon usage de la langue luxembourgeoise ;*
4. *procède, sur demande des ministres, à la traduction de documents officiels et de communications officielles destinés à être publiés.*

*Les règles visées à l'alinéa 3, point 1, sont soumises pour avis au Conseil permanent de la langue luxembourgeoise créé à l'article 11.*

*Le Centre peut être chargé par les ministres d'autres missions dans le domaine de la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise.*

Den Här Luc Marteling ass zanter dem 1. Juli 2019 den Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch. Den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) këmmert sech ëm d'Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch an hir Promotioun zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus. En dreift de Gebrauch an d'Etüd vun der Lëtzebuerger Sprooch virun an dokumentéiert och d'Lëtzebuerger Sprooch, absënns hir Geschicht, hir Mondaarten an de villsproochege Kontext. Den Zenter organiséiert och Ausstellungen a Konferenzen.

Héichspezialiséiert Personal: D'Aktivitéiten an d'Ekipp vum fréiere Service vum Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD), deen am Kulturministère funktionéiert hat, sinn an den ZLS integréiert ginn. Den Effectif ass vun 10 op 15 Leit an d'Luucht gaang. D'Ekipp besteet aus héichspezialiséierte Leit, dorënner Linguisten, Historiker, e Lexikograf an e Computerlinguist.

De Lëtzebuerger Online Dictionnaire bleift d'Haaptaktivitéit vum ZLS, et kommen awer nach aner Aufgaben dobäi.

Den ZLS huet am November 2019 e kohärent Reegelwierk mat alle Grondreegele vun der Lëtzebuerger Orthografie erausbruecht. Zanter der Rentrée 2020 zielt just dës completéiert an aktualiséiert Orthografie.

Am Kader vun der Promotioun vum Lëtzebuergesche gi Wierder, Ausdréck a Spréch, déi e bëssen an de Vergiess gerode sinn, nees fir den alldeegleche Sproochgebrauch presentéiert.

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(4) Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Verfassung**

*An eiser méisproocheger a multikultureller Gesellschaft huet d'Lëtzebuerger Sprooch e ganz besonnesche Stellewäert: Si ass Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch zougläich. Dëse Stellewäert gëllt et net nëmmen ze erhalen, mee och ze stäerken. Dofir ass d'Regierung der Meenung, datt d'Lëtzebuergescht als Nationalsprooch an der Verfassung soll verankert ginn. Gläichzäiteg ass awer och d'Sproochevilfalt e prägnante Facteur vun eiser kultureller Identitéit an dem gesellschaftlechen Zesummenhalt zu Lëtzebuerg.*

*D'Regierung ass der Meenung, datt d'Lëtzebuergescht als Nationalsprooch an der Verfassung sollt verankert ginn. Op der enger Säit gëllt et, de besonnesche Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch ze erhalen an ze stäerken. Op der anerer Säit zielt och déi alldeeglech Sproochevilfalt zu der kultureller Identitéit an der gesellschaftlecher Verbonnenheet zu Lëtzebuerg.*

Nodeems gewosst war, datt et net zu enger grousser Verfassungsreform kënnt, mee punktuell Ännerungen am Grondgesetz vun 1868 gemaach ginn, huet missen ofgewaart ginn, bis d'Chamber iwwer dësen Entworf ofstëmmt. Dat ass eng éischte Kéier de 25. Januar 2022 geschitt, fir dësen Text an d'Constitutioun ze schreiwen:

*Art. 4. (1) La langue du Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.*

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

**(5) Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau**

*D'Regierung wäert mat den europäeschen Institutiounen Negociatiounen ophuelen, fir mat hinnen en Accord iwwer en „arrangement administratif" ze fannen, esou wéi en an de Conclusioune vun dem EU-Conseil ënner der Lëtzebuerger Presidence 2005 festgehale gouf.*

*All Bierger soll esou d'Recht kréien, sech op Lëtzebuergesch un d'europäesch Institutiounen ze adresséieren, an eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien.*

*D'Zil vun der Demarche vun der Regierung ass, datt d'lëtzebuergesch Praxis, wéi se am Gesetz vun 1984 festgehale ginn ass, um EU-Niveau soll appliziéiert ginn. Konkreet heescht dat, datt d'franséisch Sprooch och weiderhin d'Sprooch vun den offiziellen nationalen an europäeschen Dokumenter wäert bleiwen, an och d'Aarbechtssprooch am Echange tëscht dem Lëtzebuerger Staat an den europäeschen Institutioune soll sinn.*

Den Ament huet Lëtzebuergesch kee Statut an der Europäescher Unioun. All aner Sproochen, déi an Europa geschwat ginn, hunn awer e Statut: Si ginn als offiziell Landessproochen oder als Minoritéitesproochen unerkannt. Lëtzebuergesch ass weeder dat eent nach dat anert.

D'Regierung huet, mat Hëllef vun der Vertriedung vun der Europäescher Kommissioun, mat verschiddenen europäeschen Institutioune Kontakt opgeholl, fir mat hinnen en Accord iwwer en „arrangement administratif" ze fannen, esou wéi et an de Conclusioune vun dem EU-Conseil ënner der Lëtzebuerger Presidence 2005 festgehale gouf.

All Bierger soll d'Recht kréien, sech op Lëtzebuergesch un d'europäesch Institutiounen ze adresséieren, an eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien. Déi franséisch Sprooch soll awer weiderhin d'Sprooch vun den offiziellen nationalen an europäeschen Dokumenter bleiwen, an och d'Aarbechtssprooch am Echange tëscht dem Lëtzebuerger Staat an den europäeschen Institutiounen.

Wichteg ass et, verschidde legal Texter zu Lëtzebuerg op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, z. B. d'Constitutioun, wichteg Gesetzer oder och den Traité vu Maastricht, woubäi déi franséisch Versioun déi bleift, déi am Zweiwelsfall zielt.

Eng Note vun den zoustännege Ministeren ass vun den dofir kompetente Beamten ausgeschafft ginn an den 22. Juli an d'Regierung komm, déi déi heiten Decisioune geholl huet:

*Le Gouvernement décide :*

- *de faire traduire en langue luxembourgeoise la Constitution du Grand-Duché et le Traité européen ;*
- *de transmettre la traduction du Traité européen en langue luxembourgeoise au Conseil de l'Union européenne afin qu'elle puisse être versée aux archives du Conseil, aux termes de l'article 55, paragraphe 2 TUE ;*
- *d'entamer les démarches pour rendre possible la contribution financière des institutions européennes aux activités de recherche, d'enseignement et de publication relatives à la langue luxembourgeoise ;*
- *d'explorer les possibilités de la mise en place d'une procédure afin que chaque citoyen puisse s'adresser aux institutions européennes en luxembourgeois et recevoir une réponse dans cette langue ;*
- *de rendre accessible gratuitement l'outil d'apprentissage en autonomie sur Internet dans les prochains mois et de viser une certification payante à distance en fonction des domaines de compétences et des niveaux définis par le Cadre européen commun de référence pour les langues ;*
- *d'élargir le dispositif de conventions avec des autorités et institutions de la Grande Région afin de permettre l'organisation de cours de luxembourgeois à l'étranger et des épreuves de certification à distance.*

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

*Nieft dësen iwwergeuerdente Mesuren huet d'Regierung eng ganz Rei vun Initiativen ergraff, fir d'Roll vum Lëtzebuergeschen – ëmmer am Kontext vun der méisproocheger Situatioun am Land – an der Gesellschaft ze stäerken. Duerch dee Pak vu Moossname sollen déi véier Ziler erreecht ginn an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur kohärent an nohalteg geséchert ginn. D'Mesurë cibléieren all Kéier ënnerschiddlech Zilgruppen, souwuel wat de Contenu wéi och den Alter ugeet.*

## DE STELLEWÄERT VUN DER LËTZEBUERGER SPROOCH STÄERKEN

### (6) Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht

*D'Archivaarbecht an d'Ausstelle vun de bedeitendste sproochhistoreschen Dokumenter ass eng weider wichteg Aufgab, fir de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen an der Sproochevilfalt ze erhéijen. D'Sproochegeschicht vum Land soll mat Hëllef vun Erklärunge visualiséiert ginn, zum Beispill iwwer de Wee vun enger Ausstellung, fir ze weisen, wéi sech eis Sproochesituatioun am Kontext vun der gewuessener a geliefter Méisproochegkeet entwéckelt huet. Zilpublikum sollen esouwuel Awunner vu Lëtzebuerg, Frontaliere wéi och Touriste sinn, déi eppes iwwer eis Sprooch wëlle gewuer ginn.*

Am Optrag vum Educatiounsminister huet sech en Aarbechtsgrupp drëm gekëmmert, e Konzept vun enger Ausstellung iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch auszeschaffen. De Kulturministère huet d'Zouso ginn, fir dëse Projet mat der Hëllef vun de véier Kulturinstituter CNL, BNL, ANL an CNA ze ënnerstëtzen. Déi zoustänneg Experte vun der Universitéit an aus den zoustännegen Associatiounen hunn och hir Mataarbecht confirméiert.

Dës Ausstellung soll och ëmmer de Lien mat der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg maachen an et soll speziell d'Entwécklung vun de verschiddene Sproochen zu Lëtzebuerg beliicht ginn.

Fir dës Ausstellung sinn zwou Variante virgesinn:

- Eng permanent Ausstellung, nieft der Kathedral an der Stad, no 2026.
- Eng mobil Ausstellung fir an d'Schoulen an an d'Gemengen, déi 2023 prett ass.

Dës Ausstellung soll net statesch ginn, mee interaktiv mat Workshoppen. An der Ausstellung gëtt aus dëse Sujeten ausgewielt:

- Geschicht vum Land
- Geschicht vun der Lëtzebuerger Sprooch a vun der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg
- Entwécklung vun der Lëtzebuerger Schrëftsprooch
- Lëtzebuerger Sprooch an der Politik
- Lëtzebuerger Sprooch an der Literatur an an den Iwwersetzungen
- Lëtzebuerger Sprooch an de Medien, inklusiv nei Medien an Internet
- Lëtzebuerger Sprooch am Film
- Lëtzebuerger Sprooch an der Musek an an de Lidder
- Lëtzebuerger Sprooch an der Schoul an an der Erwuessenebildung
- Lëtzebuerger Lexikografie, Dictionnairen
- Lëtzebuerger Sprooch an hir Mondaarten, eventuell och Jéinesch
- Lëtzebuergesch an der Groussregioun
- Lëtzebuergesch an der Welt
- Actioun Lëtzebuergesch an hir Virgänger
- Recherche iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

D'Ausstellung riicht sech u Leit, déi hei gebuer sinn, un déi, déi heihinnergeplënnert sinn, un Touristen, u Lycéesschüler a Studenten. Si all solle kënne mat op eng partizipativ Rees goen an dobäi Äntwerten op hir Froe kréien:

- Wou kënnt d'Lëtzebuerger Sprooch hier?
- Wéi eng Mondaarte ginn et a gouf et?
- Wat bedeit Lëtzebuergesch fir d'Identitéit vum Land?
- Wou a firwat gëtt Lëtzebuergesch benotzt?
- Wéi eng Sprooche gi soss nach am Land geschwat a gebraucht?
- Wéi ass den Afloss vun de Sproochen ënnereneen?

E besonnesche Fokus vun der LOD-Ekipp läit um Dokumentéiere vun ale Wierder. Dofir ass eng Lëscht opgestallt gi vun den zum Deel vereelzte Wierder, déi bis elo nach net am LOD ze fanne waren, awer heefeg an der Online-Versioun vum Luxemburger Wörterbuch (LWB) gesicht ginn. Déi Wierder goufen de Richtlinne vum LOD no opgeschafft. Dobäi goufen nëmmen déi Sënner zeréckbehalen, déi verschidde Mammesproochler och haut nach kennen. Déi „nei" Artikele sinn all mam LWB verlinkt. Esou kann den interesséierte User kamoud tëschent deenen zwee Dictionnairen hin- an hiersurfen.

De Sproochhistoriker am ZLS gëtt sech och mat de Lëtzebuerger Flouernimm of a mat ausgewielten Etymologien.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

### (7) Iwwersetze vu staatlechen Internetsitten op Lëtzebuergesch

> *Opgrond vum Gewiicht vum Franséischen als wichtegst administrativ Sprooch ginn d'Internetsitte vun de Ministèren an de staatleche Servicer aktuell haaptsächlech, wann net esouguer exklusiv, op Franséisch ugebueden. Fir de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am Kontakt mat de Bierger auszebauen, soll d'Lëtzebuergescht an Zukunft op de staatlechen Internetsäiten eng fest Plaz kréien. Dofir wëllt d'Regierung verschidden Online-Contenuen, déi fir de Grand public relevant sinn, an d'Lëtzebuergescht iwwersetzen.*

D'Iwwersetzungen op Lëtzebuergesch vum Fachvokabular vun de staatlechen Instituter ass op ville Plazen amgaang. Am Comité interministériel ass d'Demarche festgehale ginn, wéi déi verschidden Administratioune kënnen e Glossaire mat spezifeschen Terme bei den ZLS eraginn, fir datt do déi lëtzebuergesch Ausdréck a Schreifweisen nogekuckt ginn.

Fir eng Partie Ministèren ass dat ofgeschloss.

Och fir de ganzen Impakt vun der Corona-Pandemie op Lëtzebuergesch kënnen ze beschreiwen, gouf en extrae Glossaire opgestallt, de Covid-19-Glossaire www.lod.lu/covid-19/.

Domat goufen op ee Coup ëm déi 300 Wierder beschriwwen, déi duerch d'Coronakris an de Gebrauch koumen oder méi an de Gebrauch koumen. Dorënner sinn natierlech vill Anglizismen: Cluster, Drivethrough, Homeschooling, Screening ... De But vun deem Glossaire war an ass et, déi aussergewéinlech Situatioun um sproochleche Plang gräifbar ze maachen, well se esou besser beschriwwe ka ginn.

Virun allem an de Méint vum Lockdown hat dee Glossaire vill Succès: Am Mee 2020 gouf e bal 8.000 Mol consultéiert.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

## D'NORMÉIERUNG, DE GEBRAUCH AN D'ETÜD VUN DER LËTZEBUERGER SPROOCH VIRUNDREIWEN

### (8) LOD-Webportal

*De Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD), deen 2004 vum Kulturministère an d'Liewe geruff gouf, wäert am Laf vun 2018 ofgeschloss ginn an integral, och am Open Data, accessibel sinn. De Virdeel vun engem Online-Dictionnaire ass, datt dëse permanent aktualiséiert ka ginn an esou dauernd op sproochlech Phenomeener an Entwécklunge reagéiere kann. Nieft dem Dictionnaire sollen d'Funktiounen um LOD-Webportal weider ausgebaut ginn.*

De Lëtzebuerger Online Dictionnaire LOD ass e méisproochegt Wierderbuch, an deem lëtzebuergesch Wierder op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch iwwersat an duerch Beispiller op Lëtzebuergesch illustréiert sinn. Donieft gëtt et och Verben- an Adjektivtabellen an en Audiosfichier, fir d'Aussprooch kënnen ze lauschteren.

Den Interessi fir d'Lëtzebuerger Sprooch beim Grand public weist sech un de Frequentatiouns-Zuele vum ***Lëtzebuerger Online Dictionnaire*** (***LOD***, ***lod.lu***): Bannent engem Joer sinn net manner ewéi 9 Millioune Wierderbuch-Artikele gekuckt ginn. An der Moyenne ginn all Dag 2.500 Leit op de Site. An de Vakanzen an de Weekend ass et gewéinlech méi roueg ewéi an der Woch, wou alt Spëtzte vun ëm déi 3.500 Useren den Dag erreecht ginn. Op esou Deeg ginn dann och iwwer 40.000 Artikelen opgeruff.

Op Ufro kann ee sech och en anert Format ufroen. Aktuell sinn am LOD iwwer 30.000 Artikelen (Lemmaen). Den LOD gëtt permanent aktualiséiert. Et kommen ëmmer nees nei Fonctioune bäi.

De linguisteschen Inhalt vum Dictionnaire konnt iwweregens och duerch eng Rei Publikatioune valoriséiert ginn: ***D'Lëtzebuerger Verben*** an déi éischt Bänn vun der Buchserie ***Lëtzebuerger Wuertschatz*** goufen an der Haaptsaach mat LOD-Date gefiddert.

Den LOD ass Open Data. Vun 2018 un ass den Datesaz online.

- **Gebäerdesprooch-Videoen**

Fir d'Lëtzebuerger Sprooch nach méi zougänglech ze maachen, gouf eng fënneft Iwwersetzungssprooch an den LOD opgeholl, an zwar d'Gebäerdesprooch. Op Initiativ vun an an Zesummenaarbecht mat der Associatioun ***Hörgeschädigten Beratung SmH*** ginn déi 1.000 beléiftsten LOD-Wierder a kuerze Videoen an der Gebäerdesprooch gewisen. Déi Clippe kënnen op www.lod.lu bei de betraffenen Artikele gekuckt ginn. Se ginn och zur Verfügung gestallt, fir op anere Plattforme fräi kënne genotzt ze ginn.

- **Dyslexie-frëndlech Schrëft**

Am Beräich Accessibilitéit gouf e Schrëtt méi ënnerholl: Den LOD-Site kann an enger Schrëft (*OpenDyslexic*) gekuckt ginn, déi bei verschiddenen Dyslexie-Symptomer beim Liesen hëlleft.

- **Template-Artikelen**

Mat sougenannten Template-Artikele kréien d'Utilisateuren e besseren Abléck an d'Aarbecht an an de Workflow vum LOD. Déi Zort vun Artikel weist d'Wuert eleng mat senger grammatescher Kategorie. Well do en Deel vun de Relecturesprozeduren ewechfält, ka méi séier reagéiert ginn, wann opfält, datt e wichtegt Wuert feelt. D'Utilisateure kréien also matgedeelt, datt e Wuert an der Maach ass, a ginn och gewuer, wéi een et schreift.

- **Phoneetesch Transkriptiounen**

An Zesummenaarbecht mam *Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft* vun der Uni Lëtzebuerg ginn d'IPA-Transkriptioune vun den LOD-Wierder progressiv bäigesat. Nieft den Audio-Dateien, déi ee bei all Wuert ka lauschteren, kann ee sech deemno och elo op eng aner Manéier iwwer d'Aussprooch vum Lëtzebuergeschen op www.lod.lu informéieren.

- **Perspektiven**

50.000 Beispillsätz stinn dem Public am LOD zur Verfügung; déi kënne geschwënn net just gelies, mee och gelauschtert ginn.

Den ZLS huet, zesumme mat externe Partner, och ugefaangen, konkreet un enger Sproocherkennung fir d'Lëtzebuergescht ze schaffen (Speech-to-text). Dobäi hëllefen natierlech d'Daten aus dem LOD.

Am Summer 2022 gouf d'Versioun 3.0 vum Dictionnaire online gesat, Enn 2023 koumen och déi entspriechend Appen am App-Store vun Apple a bei Google Play eraus. Déi nei Versioun bitt e sëllege méi Sichméiglechkeeten, esou datt den LOD weider hëlleft, d'Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a Literatursprooch ze positionéieren.

Op den LOD soll och weider an der Ëffentlechkeet higewise ginn – zum Beispill op de Walfer Bicherdeeg. Bicher, déi mat der Hëllef vun LOD-Donnéeë realiséiert goufen, sinn awer och schonn um Lëtzebuerger Stand op der Frankfurter Buchmesse gewise ginn.

Den LOD bleift en Haaptfokus vum ZLS an et ass jo evident, datt en Dictionnaire vun enger dynamescher Sprooch ni ka ganz ofgeschloss ginn. Nawell gëtt iwwer eng pabeiers Versioun nogeduecht.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (9) Norméierung vun Orthografie a Grammaire

Eng weider Prioritéit ass d'Opschaffen an d'Vermëttlung vu sproochstrukturellen Aspekter vum Lëtzebuergeschen. Heizou gehéieren d'Norméierung vu grafeschen a grammatikaleschen Elementer vun der Sprooch.

De Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch suergt dofir, datt déi Theemefelder vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi nach net gekläert sinn, sou séier wéi méiglech opgeschafft ginn. Op Basis dovunner hält de Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise) eng eenheetlech Orthografie fest, déi am Kader vun engem koordinéierten Text publizéiert gëtt.

D'Schreifweis vun der Lëtzebuerger Sprooch gouf den 10. Oktober 1975 iwwer en Arrêté ministériel offiziell festgeluecht. Mam Règlement grand-ducal vum 30. Juli 1999 ware verschidde Reegele vereinfacht oder ergänzt ginn.

Am November 2019 ass e vervollstännegt Reegelwierk vun der Regierung festgehale ginn, dat vun engem Aarbechtsgrupp ënner der Leedung vum Commissaire ausgeschafft, vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ZLS finaliséiert a vum Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, CPLL) positiv aviséiert gouf.

D'Reegelwierk iwwer d'Schreifweis D'Lëtzebuerger Orthografie ass gratis vum ZLS u jiddweree verdeelt a verschéckt ginn, deen dono gefrot huet. Well d'Nofro ganz grouss war, huet direkt e puer Mol mussen nogedréckt ginn. 2022 ass ewell déi 5. Oplo erauskomm. Den Inhalt ass dee selwechte bliwwen, un de Reegelen huet sech nämlech näischt geännert; just d'Kapitel iwwer déi lëtzebuergesch Schreifweis vun agebiergerten englesche Verbe gouf ausgebaut an e puer Klengegkeete goufe méi prezis formuléiert.

#### D'Verbebuch

D'Flexioun vun de Verben am Lëtzebuergeschen ass alles anescht ewéi einfach. Dofir huet den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch en aktualiséiert Verbebuch erausbruecht – als Nofollger vum sougenannte grénge Verbebuch (*Les verbes luxembourgeois* vun 2005), dat jorelaang gutt Déngschter geleescht huet. Dat neit Wierk mam Titel *D'Lëtzebuerger Verben* soll eng praktesch Hëllef beim Konjugéiere ginn.

Eppes iwwer 6.000 Verbe sinn am Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD) verzeechent, all mat enger Konjugatiounstabell. Dat war d'Basis fir dat neit Verbebuch, dat de Lieser vun der Lëscht mat de Stammzäiten allkéiers bei eng komplett Verbtabell féiert: Net manner ewéi 82 Mustertabellen (an der Reiefolleg Hëllefsverben, Modalverben, Vollverben) presentéieren déi ganz Panoplie vun der Flexioun. Fir d'Mustertabelle goufe virun allem Verben ausgewielt, déi besonnesch heefeg am LOD opgeruff ginn.

#### Grammaire de la langue luxembourgeoise

Dës „blo" Grammaire gouf iwwerschafft a bleift disponibel.

Zanter 15 Joer gehéiert déi Grammaire (op Franséisch) zu de Standardwierker, wann et ëm d'Lëtzebuerger Sprooch geet. D'Wierk vun den Auteure Josy Braun, Marianne Johanns-Schlechter, Josée Kauffmann-Frantz, Henri Losch, Geneviève Magnette-Barthel zesumme mam Jackie Messerich vum Projet Moien war vergraff a gouf dofir vun der Dr. Caroline Döhmer an der Dr. Judith Manzoni-Luxenburger fir den ZLS un déi aktuell Orthografie ugepasst. D'Grammaire vun der Lëtzebuerger Sprooch ass also weider ze kréien, parallel dozou huet den ZLS ugefaangen, un enger eegener, ganz neier Grammaire ze schaffen.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

**(10) Helpline fir Froe ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch**

> *De Service vum LOD, dee sproochlech Ënnerstëtzung ubitt fir d'Ëffentlechkeet (Hëllef iwwer SMS, Telefon oder E-Mail) wéi och fir d'Verwaltungen (Iwwersetzungen, Verbesserungen, Wuertlëschten), gëtt weider gefërdert.*

Et kommen eng zéng Appeller era pro Woch wéinst orthografesche Froen, fir Bestellungen (Orthografie-Bicher, Postkaarten ...) oder fir soss Renseignementer ëm d'Lëtzebuerger Sprooch ze kréien.

Déi meescht Nofroen a Commandë kommen an der Tëscht per E-Mail: Wäit iwwer dausend waren et der zejoert, mat Proposen, Réckmeldungen, Froen a Bestellungen.

Den Ortho-Service per SMS funktionéiert net méi, well et ze dacks Problemer gouf mat Accenten, Treemaen, Guillemeten ...

Heiansdo kommen och Leit am ZLS laanscht, fir Renseignementer ze kréien, an der Coronazäit awer nëmmen nach ganz seelen.

Iwwer déi sozial Medien (Twitter, Facebook, Instagram) erreecht den Zenter och eng Partie Leit, wat natierlech zu neien Echangë féiert.

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(11) Online-Portal vun de Fërdermoossname fir d'Lëtzebuerger Sprooch**

> *De Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch suergt fir d'Verëffentlechung vun enger kompletter Bestandsopnam vun de Moossname fir d'Lëtzebuerger Sprooch. Et gouf eng national Plattform geschafen, wou all Formatiounen, Projeten a finanziell Hëllefe verëffentlecht ginn.*

De Service vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch huet esou eng national Plattform ënner www.lux.lu geschaf.

Op dësem Site fënnt ee follgend Informatiounen:

- D'Haaptacteuren an der Promotioun fir d'Lëtzebuerger Sprooch gi mat hire Missioune virgestallt.
- Et gëtt sech mat der Geschicht vum Lëtzebuergesche beschäftegt.
- Déi nëtzlech Linken op kulturell Institutiounen an op Sproochecoursë stinn op deem Site.
- Et ass méiglech, sech un de Commissaire ze adresséiere mat Doleancen, wéi zum Beispill doriwwer, datt d'Offer vun de Lëtzebuergeschcoursen net duergeet, zu Lëtzebuerg an och am Ausland, oder iwwer de Gebrauch oder Net-Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an den ëffentleche Servicer ...

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(12) Ëffentlechkeetsaarbecht vun der Fuerschung**

*Wëssenschaftlech a qualitativ Informatiounen iwwer d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg mussen op eng verständlech Manéier fir d'breet Ëffentlechkeet opbereet ginn. Duerch eng direkt Kooperatioun tëschent dem „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht" an dem „Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft" vun der Uni Lëtzebuerg gi Fuerschungsanalysen a -resultater no bausse gedroen. Esou gi Synergië geschafen, fir d'Fuerschung zu der Lëtzebuerger Sprooch an der Literatur méi siichtbar ze maachen a besser an der Gesellschaft ze verankeren.*

Reegelméisseg Virliesungsreie mat Virträg ronderëm spezifesch Theemen aus dem Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ginn dem interesséierte Public d'Méiglechkeet, d'Sproochfuerscher an -experten ze begéinen a sech mat hinnen auszetauschen.

D'Universitéit huet, am Kader vum Studieprogramm fir de Master an der Lëtzebuerger Sprooch, eng Virliesungsrei zesummegestallt mat Virträg iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur.

D'Uni huet dës Virträg an enger adaptéierter Form fir de grousse Public ugebueden, am CAPE an an de Rotonden. Deelweis sinn dës Virträg duerch Corona an d'Waasser gefall oder hu misse verluecht ginn.

Vu verschiddene Virträg ass eng vereinfachten a gekierzte Versioun geschriwwen an op www.kulturgeschicht.lu publizéiert ginn.

D'Universitéit huet eng App entwéckelt, fir déi geschwate Sprooch vun haut ze erfaassen: *https://infolux.uni.lu/schnessen/*

*„**Schnëssen** ass déi éischt App, fir d'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an all hire Facettë mat Toun-Opnamen ze erhiewen an ze dokumentéieren. [...]*

*Bei der Schnëssen-App handelt et sech ëm e Crowdsourcing-Projet. Dat bedeit, datt mat Hëllef vun der App Daten aus der Bevëlkerung vun de Leit selwer gesammelt ginn. Fir e méiglechst ëmfaassend Bild vum Lëtzebuergesche vun haut ze kréien, ass et wichteg, datt méiglechst vill Leit aus all den Ecker vum Land matmaachen. Matmaache ka jiddereen, ob al oder jonk, Mann oder Fra, Mammesproochler*in oder Net-Mammesproochler*in, Resident oder Net-Resident. Déi eenzeg Viraussetzung ass, datt Dir Lëtzebuergesch schwätze kënnt. [...]*

*De Projet huet méi wéi just een Zil. Dat wichtegst ass sécherlech eng ëmfaassend Dokumentatioun vum facettëräiche Lëtzebuergesche vun haut. Des Weidere fléissen déi erhuewen Daten an Dissertatiounsprojeten, un deenen aktuell op der Universitéit Lëtzebuerg geschafft gëtt, an. Laangfristeg soll awer och en neie Lëtzebuerger Sproochatlas entstoen, woubäi déi aktuell Date mat deene vum Ufank vum 20. Joerhonnert verglach kënne ginn. Op dës Manéier gëtt et méiglech, d'Entwécklung vun der Sprooch aus de leschten honnert Joer nozevollzéien."*

D'Resultater vun den Analysen iwwer d'Sprooch, déi iwwer d'Schnëssen-App vun der Uni gesammelt ginn, sinn an der App disponibel. Se ginn och an engem Sproochenatlas publizéiert, vun deem déi éischt Säiten online sinn: https://infolux.uni.lu/neie-letzebuergesche-sproochatlas-online/

De viregte *Luxemburgischer Sprachatlas* ass vun 1963 a baséiert op Sproochdate vun der Zäit virum Zweete Weltkrich. Op deem neie Site kann een déi Donnéeë vun deemools mat deene vun haut vergläichen a feststellen, a wéi engem Mooss sech eis Sprooch verännert huet.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (13) Kooperatioun mat Universitéiten am Ausland

*Och op universitairem Niveau gi Fërdermoossname fir d'Lëtzebuerger Sprooch lancéiert. Mam „Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft“ vun der Uni Lëtzebuerg existéiert hei am Land eng Fuerschungsequipe, déi sech mat ganz spezifeschen Elementer vun der Sprooch an der Kultur auserneesetzt a reegelméisseg interessant Donnéeë liwwert. Kooperatioune mat Universitéiten am Ausland ginn erhalen a wa méiglech ausgebaut (z. B. Center for Luxembourg Studies zu Sheffield). Eng besonnesch Bedeitung kënnt dobäi der Kooperatioun mat Universitéiten an der Groussregioun zou.*

Et besti Kontakter mat auslänneschen Universitéiten, déi sech mat der Lëtzebuerger Sprooch beschäftegen. Haaptsächlech sinn dat Tréier (digital Dictionnairen), Mainz (Grammatik, Sproochgeschicht), Hannover. Mat Sheffield besteet d'Kooperatioun éischter am Kader vum Enseignement an der Formatioun vum Bachelor fir d'Englescht.

Eng méi staark Kollaboratioun mat de genannten Universitéite wier méiglech, awer och zum Beispill mat deene vu Metz, Namur, Köln... Da kann och e Colloque zu Lëtzebuerg organiséiert ginn.

Et ass ze bemierken, datt d'Departement vum Lëtzebuergesche vun der Universitéit zanter e puer Joer e Colloque vun der Luxemburgistik iwwer Webex organiséiert, mat interessante Bäiträg vu Spezialiste vun der Universitéit vu Lëtzebuerg, awer och vun aneren Universitéiten.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

### (14) Etüd vun der Jugendsprooch a -kommunikatioun

*Déi nei technologesch a kommunikativ Méiglechkeeten, wéi SMSen a sozial Netzwierker, hunn de Gebrauch vun der lëtzebuergescher Schrëftsprooch erhéicht, och a virun allem bei der Jugend. Dofir ass et vun Interessi, de Jonken hir reell schrëftsproochlech Praktiken aus dem Alldag méi genee ënner d'Lupp ze huelen. Eng grouss ugeluechten Etüd soll Abléck bréngen, wéi d'Jugend als digital natives schreift an allgemeng kommunizéiert, am Kontext vun hiren technologeschen a méisproochege Kompetenzen. Unhand vun engem Documentaire sollen op méi uspriechend Aart a Weis d'Aspekter vu Jugendsprooch a Jugendkommunikatioun vermëttelt ginn.*

Eng Etüd iwwer d'Sprooch vun deene Jonken ass schwiereg, well ee Jugendlecher versammelen a matenee schwätze loosse muss, ouni Erwuessener derbäi. Da muss een dat Ganzt nach ophuelen an analyséieren.

Bei Mannerjärege mussen d'Eltere hire schrëftlechen Accord ginn.

Déi Etüd huet am Hierscht 2022 ugefaangen, mat enger Doktorandin op der Universitéit. Et ass eng Kooperatioun tëscht dem ZLS, dem CEPAS an der Uni. Fir d'Analys vun der Jugendsprooch soll sech op Messagen op WhatsApp oder iwwer sozial Medie baséiert ginn.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

## D'LÉIERE VUN DER LËTZEBUERGER SPROOCH A KULTUR FËRDEREN

### AM KLENGKANDBERÄICH

#### (15) Lëtzebuergesch an de Betreiungsstrukturen

*D'Fachleit bestätegen, datt kleng Kanner Sproochen op eng natierlech an intuitiv Manéier léieren. D'Regierung wëllt dës formidabel Chance notzen a féiert e Programm fir eng méisproocheg Erzéiung fir Kanner vun 1 bis 4 Joer an. Vu September 2017 u gëtt an alle Crèchen a Betreiungsstrukturen, déi CSA-Déngschtleeschter sinn, souwuel Lëtzebuergesch wéi och Franséisch geschwat. Qualifizéiert a speziell ausgebilten Erzéier féieren d'Kanner spilleresch un déi zwou Sproochen erun, woubäi si dem Alter an den individuelle Besoine vun deene ganz Klenge Rechnung droen. Esou kommen déi kleng friemsproochlech Kanner systematesch a Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch, wat hinnen hëlleft, sech an déi Lëtzebuerger Gesellschaft ze integréieren a spéider an der Grondschoul op Däitsch liesen a schreiwen ze léieren.*

Et ass wichteg, datt eiser offizieller Méisproochegkeet Rechnung gedroe gëtt. An de Crèchë ginn d'Kanner spilleresch u Lëtzebuergesch a Franséisch erugefouert. Haut kommen all Kanner, och déi, déi mat enger anerer Éischtsprooch doheem opwuessen, an de Betreiungsstrukturen a Kontakt mam Lëtzebuergeschen a mam Franséischen.

Et ass e ***Référencier pédagogique*** ausgeschafft an e ***Référent pédagogique*** agefouert ginn, deen d'Sproochekonzept an enger Struktur koordinéiert.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### AN DER GRONDSCHOUL_

#### (16) Lëtzebuergesch am Cycle 1

*D'Lëtzebuerger Sprooch behält déi wichteg Plaz, déi si och elo schonn am Cycle 1 vun der Grondschoul (Éducation précoce an Éducation préscolaire) huet. Fir d'Léierpersonal a sengen Efforten ze ënnerstëtzen, gëtt d'Léierwierk „Lëtzebuergesch an der Spillschoul" fir de spillereschen Ëmgank an déi éischt (schoulesch) Erfarunge mam Lëtzebuergeschen am Cycle 1 iwwerschafft. Didaktesch a pädagogesch Methode ginn un d'Sproocherealitéit vum Land ugepasst. Zousätzlech gi „best practices"-Fichen erstallt.*

An der Crèche ginn d'Kanner u Lëtzebuergesch a Franséisch erugefouert. Dat franséischt Ëmfeld ass a ville Fäll eng Realitéit an dofir hunn d'Kanner hei vill Kontakt mat Franséisch.

Am Cycle 1 ass dann traditionell dacks e Lach gewiescht, well do kee Franséisch méi present war. Déi geléiert Kompetenze si verluer gaangen. Et gëtt elo méi Wäert op dat mëndlecht Franséisch geluecht, mee et ass och wichteg, datt d'Kanner Zäit hunn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Am Cycle 1 gëtt de Fokus op Lëtzebuergesch, dann op Franséisch an op d'Méisproochegkeet gesat. Am Cycle 1 erlaabt de Programm Phonologesch Bewosstheet mam Sila, d'Kanner iwwer d'Lauschteren, de Reim an d'Silb lues a lues och un den Ulaut an de Laut am geschwate Wuert erunzeféieren: sila.script.lu

Mee et ass kloer, datt et ganz vill verlaangt ass, a fënnef Joer zwou an eng hallef Sproochen ze léieren. Déi Sprooche komme séier openeen an d'Kanner musse genuch Zäit hunn derfir.

D'Léierwierker Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg sinn an dräi Bänn um Internetsite https://men.public.lu publizéiert.

Best-practices-Fichë sollte fir d'Rentrée 2020/2021 fäerdeg sinn, mee do huet Corona fir Verspéidung gesuergt. Et ass elo eng Versioun mat 15 Aktivitéite fäerdeg, déi d'Enseignanten als PDF kréien. No an no solle 40 bis 50 Aktivitéite beschriwwe ginn.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

**(17) Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF)**

*Et ginn e Programm a passend Léiermaterialien ausgeschafft, fir „Lëtzebuergesch als Friemsprooch" bei jonke Kanner ze enseignéieren. Am Mëttelpunkt steet d'Entwécklung vu mëndleche Kompetenzen (rezeptiv an aktiv), mat Hëllef vu flottem Billermaterial an Audioopnamen. No enger Pilotphas an der École Internationale de Differdange an an de Classes étatiques vun den DPI-Strukture gëtt d'Material systematesch fir all d'Klassen an der Grondschoul entwéckelt.*

Et besteet eng Programmkommissioun fir de Programm an den ëffentlechen internationale Schoulen, fir déi obligatoresch Coursen am Lëtzebuergesche vum Cycle 1 vun der Grondschoul bis op d'5e am Secondaire, a fir déi fakultativ Lëtzebuergeschcoursë vu 4e bis 1e.

Do sinn déi concernéiert Schoulen dra vertrueden, allkéiers mat engem Delegéierte fir d'Grondschoul an engem Delegéierte fir de Secondaire:

- EIDE : École Internationale Differdange et Esch-sur-Alzette
- EIGT: École Internationale Gaston Thorn, Luxembourg-Ville
- EIMAB : École internationale Mersch Anne Beffort
- EIMLB : École internationale Mondorf-les-Bains
- LESC: Lycée Edward Steichen International School, Clervaux
- LLIS : Lënster Lycée International School, Junglinster

Déi Programmkommissioun huet e Programm fir all déi Klassen ausgeschafft a bekëmmert sech och ëm dat didaktescht Material, op Basis vun Erfarungen an de verschiddene Schoulen, virun allem am Pilotprojet am EIDE.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

**(18) Méisproocheg Léiermaterialien**

> *Fir d'Rentrée 2017-2018 ginn an der Grondschoul en iwwerschaffte Programm fir d'Lëtzebuergescht an eng Rei nei, méisproocheg asetzbar Materialien ageféiert. Dës vum Educatiounsministère ausgeschaffte Materialie kënne souwuel eenzel an de verschiddene Sproochecoursen (Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch) agesat gi wéi och hëllefen, allgemeng d'Reflexioun an d'Diskussioun iwwer Sproochen unzereegen. D'Materialien erméiglechen en differenzéierten Ëmgang mat de Sproochen a si vilfälteg an de Klassen asetzbar: Ureege vu Spriechuläss bei de Kanner, éischte Kontakt mam Wuertschaz a Sproochtraining, Entdeckung vun der Sprooch am ëffentleche Raum (Identifizéiere vu Sprooch op de Schëlter, …), Begleetmaterial, fir Schreif- a Lieskompetenzen am Kader vun der Alphabetiséierung ze fërderen…*

Um Site vum Script https://heydoo.lu/lu stinn eng Rei vun Aarbechtsmaterialie fir de plurilinguale Gebrauch, zum Beispill Gesangbicher, Meng éischt 300 Wierder asw.

Um Site https://sila.script.lu/lu fënnt een eng Online-Konferenz iwwer d'phonologesch Bewosstheet an och vill Léiermaterial, dat derzou gehéiert.

An da si mat der Pandemie eng ganz Partie vun Aktivitéite fir den Homeschooling ausgeschafft an op de Site https://schouldoheem.lu gesat ginn. Dat ass och interessant fir d'Elteren.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

**(19) Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Grondschoulen**

> *D'Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtege Facteur fir d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft. Dofir soll och jiddwer Jonken, deen zu Lëtzebuerg eng international Schoul besicht, an sengem schoulesche Parcours kënne Lëtzebuergesch léieren. Dat iwwerschafftent Gesetz iwwer d'Privatschoule wäert dofir d'Obligatioun fir all international Schoulen aféieren, Lëtzebuergeschcoursë fir sämtlech Schüler an hir Programmer opzehuelen. Den Educatiounsministère schafft e kohärent Konzept fir déi Coursen aus.*

An den ëffentlechen internationale Schoulen ass Lëtzebuergesch obligatoresch.

D'Aarbechten um Gesetz iwwer d'Privatschoule sinn amgaangen. De Prinzip vun den obligatoresche Lëtzebuergeschcoursen ass och an de Privatschoule virgesinn.

Wéi dat am Detail ausgesäit, muss a Gespréicher mat de concernéierte Schoule gekläert ginn, déi am nächste Joer virgesi sinn.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

**(20) Literaturconcours fir d'Kannerliteratur**

> *An de leschte Joren ass am Beräich vun der Kannerliteratur vill zu Lëtzebuerg entstanen, vun etabléierten hin zu Nowuess-Auteuren, déi an der Lëtzebuerger Sprooch schreiwen. Fir d'lëtzebuergesch Auteuren nach méi present an der Educatioun ze maachen an eng gewëssen Aktualitéit an den Thematiken ze garantéieren, gëtt e Literaturconcours an d'Liewe geruff, iwwer deen neit Textmaterial an Optrag gi gëtt. Zousätzlech ginn d'Geschichten op enger digitaler Plattform ugebueden, wou een zum Beispill duerch Liesunge vun den Auteure selwer och d'Héierverstoe kann op authentesch Weis üben.*

Et gi jo eng Partie Präisser fir Literatur zu Lëtzebuerg, déi d'Fondation Servais (Prix Servais), de Kulturministère (nationale Literaturconcours, Prix Batty Weber all 3 Joer) oder d'Editeure verginn.

Fir e spezifesche Concours am Beräich vun der Kannerliteratur ze organiséieren, ass a Gespréicher mam Kulturministère a mam Script e kloren Objektiv gesat ginn: Et geet drëm, Bicher oder Texter an Optrag ze gi fir d'Schoul, a spezifische Beräicher, an deenen e Besoin festgestallt gëtt, zum Beispill kuerz Texter op Lëtzebuergesch, déi d'Elteren, d'Grousselteren oder d'Personal an de Crèchë kéinten de Kanner virliesen, oder aktuell kuerz Liestexter fir de Fondamental an de Secondaire.

Déi éischt Editioun vun deem Concours ass 2022 ugelaf:

https://script.lu/sites/default/files/publications/2022-06/KJLP%20Affiche%20a%20Flyer.pdf

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

**AM LYCÉE_**

**(21) Ergänzungsmaterial am Beräich vum LaF**

> *Och am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique gi weider Ressourcen a Mesurë geschafen, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF) nach méi zilorientéiert ze enseignéieren. D'Léierwierk Wat gelift? vun 2011, dat de Volet LaF speziell fir Jugendlecher am Teenager-Alter viséiert, gëtt iwwerschafft an ergänzt.*

Fir Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk ass keen Update virgesinn, well mëttlerweil allgemeng de Konsens besteet, datt d'Publikatioune vum INL Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? (cf. Mesure 27) besser gëeegent si fir d'Schoulklassen.

Ganz wichteg ass awer d'Professionalisatioun vun den Enseignanten, fir d'Lëtzebuergeschcoursë vu Proffen halen ze loossen, déi eng Ausbildung an där Sprooch hunn. Dat ass méiglech doduerch, datt vun 2010 u geziilt Detenteure vum Master am Lëtzebuergesche rekrutéiert gi sinn, déi zanterhier de Stage pédagogique fir Professer am Lëtzebuergeschen ofgeschloss hunn.

D'Stonnenzuel op den Integratiounsklassen am Secondaire, déi Classes d'insertion genannt ginn a Jonker ophuelen, déi hir Grondschoul net hei am Land gemaach hunn, ass vun dräi op fënnef Stonnen d'Woch eropgesat ginn. Jee no Profil an Alter vum Jonke ginn et verschidden Typpe vu Klassen, an deenen haaptsächlech deemno ënnerscheet gëtt, ob de Schüler scho Franséisch kann oder net. Déi zoustänneg Programmkommissioun fir d'Lëtzebuergescht am Secondaire aktualiséiert ëmmer erëm d'Programmer an d'Léierwierker.

An der **Formation professionnelle** huet de Script Léierwierker ausgeschafft, déi et de Schüler erlaben, sech mat der fachlecher Terminologie a verschiddene Sproochen an och am Lëtzebuergeschen ze familiariséieren.

Déi komplett Serie *Staark fir d'Liewen – prett fir däi Beruff* wäert aus fënnef Publikatioune bestoen, vun deenen der bis elo dräi publizéiert gi sinn:

Band 1: *Gebäude und Handwerk*

Band 2: *Commerce*

Band 3: *Industrie*

De Band 4: *Natur und Agrikultur* ass fäerdeg geschriwwen an aktuell schafft e Grafiker um Layout. Dëse Band kënnt am Laf vum Schouljoer 2022/23 eraus.

De Band 5: *Kunst und Design* gëtt am Moment inhaltlech ausgeschafft a wäert am Laf vum Schouljoer 2023/24 erauskommen.

Déi ganz Serie ass konzipéiert, fir als Zousazmaterial am Enseignement général (ENGE) vun der Formation professionnelle kënnen agesat ze ginn, virun allem an de Modullen Éducation à la santé (EDSAN), Éducation à la citoyenneté (EDUCI) an natierlech och an de Sproochen.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

**(22) Fërderung vun de Lieskompetenzen**

> *Duerch d'Opschaffe vu bekannte Lëtzebuerger Texter sollen am Lycée literaresch Kenntnesser an doriwwer eraus allgemeng Lieskompetenze vermëttelt ginn. Dat 2014 publizéiert Liesbuch Lies de bal mat flotte klasseschen a modernen Texter gëtt konzeptuell iwwerschafft an duerch eng didaktesch Dimensioun erweidert. Et gi Fiches pédagogiques entwéckelt, déi dem Léierpersonal hëllefen, Hannergrondinformatiounen zu den Texter, Auteuren an den thematesche Schwéierpunkter opzebereeden.*

Fir d'Buch Lies de bal gi momentan keng Iwwerleeunge gemaach fir didaktesch Fichen, well dat Buch fir de Cours op 7e virgesi war an an Zukunft op der 7e keng Lëtzebuergeschcoursë méi sinn. Op den ieweschte Klassen, op deenen elo Lëtzebuergeschcoursë sinn, ass et net virgesinn, dëst Buch anzesetzen.

De Script leet seng Schwéierpunkten op de Programm an d'Material fir déi nei Lëtzebuergeschcoursen op den ieweschte Klassen. Do kréien d'Schüler en allgemengt Wëssen iwwer Lëtzebuerg. Dobäi gëtt sech op dräi Haaptvolete konzentréiert:

- Allgemengt Wëssen iwwer d'Lëtzebuerger Land an d'Gesellschaft: Hei gi wichteg Etappe vun der Lëtzebuerger Geschicht, wichteg Perséinlechkeeten oder och Traditiounen ugeschniddn. Och iwwer aktuell Theemen an d'Liewen zu Lëtzebuerg gëtt diskutéiert.
- D'Lëtzebuerger Sprooch: D'Grondreegele vun der Schreifweis vum Lëtzebuergesche ginn am obligatoresche Lëtzebuergeschcours enseignéiert an a kreative Schreifübungen trainéiert. Et gi sproochlech Feeler opgegraff, déi d'Schüler an den Diskussiounen am Cours maachen, fir hir mëndlech Ausdrocksfäegkeet ze verbesseren.

Donieft ginn d'Sproochegeschicht, d'Roll vun de verschiddene Sproochen an der Gesellschaft an och d'Méisproochegkeet behandelt.

- D'Lëtzebuerger Kultur: An dësem Deel kënnen ënner anerem d'Literatur, d'Musek oder och de Film zu Lëtzebuerg am Cours beschwat ginn, sou datt d'Schüler en Iwwerbléck iwwer d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg kréien. Déi verschidden Theeme gi mat Texter aus der lëtzebuergeschsproocheger Literatur oder mat Aktualitéitstexter verbonnen, déi dann Diskussiounsbasis an de Coursë sinn.

Donieft huet de Script mam ZLS eng nei kommentéiert Reeditioun erausgi vum Michel Rodange sengem Reenert, deen 2022 seng 150 Joer feiert. Et ass och eng Iwwersetzung online publizéiert op www.lux.lu.

Fir déi nei obligatoresch Stonn fir d'Optiounscoursen am Lëtzebuergeschen a fir d'Coursen am Lëtzebuergeschen als 4e Langue vivante op der A-Sektioun ass e Reader vu literareschen Texter a Lëtzebuerger Sprooch publizéiert ginn.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (23) Optiounscours „Orthografie“

*Och am Beräich vun der norméierter Schrëftsprooch, der Orthografie, ginn nei Offere geschafen. An Zukunft gëtt all interesséierte Schülerinnen a Schüler en Optiounscours „Lëtzebuergesch Orthografie“ an hire jeeweilege Lycéeën ugebueden. D'Lëtzebuergesch-Enseignantë wäerten dës Coursen als Optiounsfach – et kann een also net doduerch duerchfalen – ubidden a weisen, datt dat Lëtzebuergescht am Fong guer net esou kompliziéiert ass, wéi vläicht gemengt gëtt.*

### (24) Optiounscours „Lëtzebuergesch Kultur a Literatur“

*Kulturell Inhalter sollen am Lycée a Form vun Optiounscoursë vermëttelt ginn. Dofir schafft den Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni Lëtzebuerg eng Ringvorlesung aus, déi sech mat de Piliere vun der Lëtzebuerger Kulturgeschicht – vu fréier bis haut – befaasst. Zum enge gëtt dëse Cours an der Formatioun vum Master in Secondary Education ageféiert, fir den zukünftegen Enseignanten zentral Wëssensfelder aus dem Beräich vun der Lëtzebuerger Literatur, dem Theater, der Mediegeschicht mat Film, Radio a Kino souwéi och der Sproochegeschicht ze vermëttelen. Zum anere gi vum Educatiounsministère fir en Optiounscours „Lëtzebuergesch Kultur a Literatur“ an de Lycéeë Fiches pédagogiques ausgeschafft, mat Hëllef vun deenen d'Léierpersonal sech inhaltlech Schwéierpunkten eraussiche kann.*

### (25) Optiounscours „Kreatiivt Schreiwen am Lëtzebuergeschen“

*Fir eege kreativ Produktioune vun de Schülerinnen a Schüler ze fërderen, gëtt en Optiounscours „Kreatiivt Schreiwen am Lëtzebuergeschen“ an de Lycéeën ugebueden. Duerch geziilten Input vu Lidder, Texter an och Poetry Slams, déi vu bekannten an awer och vun Nowuesskënschtler op Lëtzebuergesch produzéiert ginn, sollen déi Jonk aktiv mat neien Textzorten a Kontakt kommen, ugereegt ginn, um creative writing deelzehuelen, a sech informell mat der lëtzebuergescher Schrëftsprooch auserneesetzen. Den Input vun den Enseignantë kann dobäi duerch professionell Hëllef vun de lëtzebuergesche Schrëftsteller, Schauspiller a Museker ergänzt ginn.*

Déi Optioune musse vun all Lycée ugebuede ginn. Ob se organiséiert kënne ginn, hänkt dann dovunner of, ob Schüler sech dofir interesséieren.

Mat der Aféierung vun der obligatorescher Lëtzebuergeschstonn op 4e kann den Interessi fir déi Optioune promovéiert ginn.

D'Materialie fir Kultur a Literatur sinn um Site www.kulturgeschicht.lu ze fannen an dat gëtt dauernd ausgebaut.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

**(26) Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Secondaire-Schoulen**

*Genee wéi fir d'Grondschoulen (cf. Mesure 19) gëtt och fir d'international Secondaire-Schoulen d'Obligatioun agefeíert, Lëtzebuergeschcoursë fir all Schüler an hir Programmer opzehuelen.*

D'Lëtzebuergeschcoursen an den ëffentlechen internationale Schoule si bis 5e obligatoresch, dono hunn d'Schüler d'Méiglechkeet, en optionale Cours am Lëtzebuergeschen ze wielen.

Wéi schonns bei der Mesure 15 preziséiert, besteet dofir eng Programmkommissioun. Déi huet e Programm fir déi Klassen ausgeschafft a bekëmmert sech och ëm dat didaktescht Material, op der Basis vun Erfarungen an de verschiddene Schoulen, virun allem am Pilotprojet am EIDE.

An der Programmkommissioun sinn déi concernéiert Schoulen dra vertrueden, allkéiers mat engem Delegéierte fir d'Grondschoul an engem Delegéierte fir de Secondaire. Associéiert ass den LML: International School Michel Lucius (Lycée Michel Lucius)

Dës Mesure ass ëmgesat.

**AN DER ERWUESSENEBILDUNG_**

**(27) Erweiderung vun der Offer vu Lëtzebuergeschcoursen (LaF an Orthografie) an der Erwuessenebildung**

*E weidere Schwéierpunkt ass d'Fërderung vum Lëtzebuergeschen an der Erwuessenebildung. An de leschte Joren ass d'Offer, mee och d'Demande fir Lëtzebuergeschcoursen (Lëtzebuergesch als Friemsprooch an Orthografie) bedeitend an d'Luucht gaangen. Dofir ginn d'Offere landeswäit nach weider ausgebaut an et gi méi Ressourcen zur Verfügung gestallt, an zwar op verschiddenen Niveauen:*

*- Ausbildung vu Formateuren. D'Formatioun „Lëtzebuerger Sprooch a Kultur", déi vum Institut national des Langues (INL) a vum Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni Lëtzebuerg ugebuede gëtt, gëtt nach weider promovéiert, fir datt méi fachlech kompetent Formateure kënnen ausgebilt ginn.*

*- Ausbau vun der landeswäiter Offer vu Lëtzebuergeschcoursen, och a weidere Gemengen (Lëtzebuergesch als Friemsprooch an Orthografie), doduerch, datt méi Formateure vum INL a vum Service de la formation des adultes vum Educatiounsministère rekrutéiert ginn;*

*- Verbesserung vum didaktesche Material. No dem „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch – A1", dee vum INL konzipéiert gouf, koum fir d'Rentrée 2017-2018 de Band „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch – A2" eraus.*

D'Demande an der Formation des adultes fir Lëtzebuergeschcoursë wiisst konstant:

| Joer | Aschreiwungen |
|---|---|
| 1999-2000 | 1.407 |
| 2000-2001 | 1.396 |
| 2001-2002 | 1.870 |
| 2002-2003 | 1.914 |
| 2003-2004 | 2.314 |
| 2004-2005 | 2.791 |
| 2005-2006 | 2.312 |
| 2006-2007 | 2.456 |
| 2007-2008 | 2.879 |
| 2008-2009 | 3.750 |
| 2009-2010 | 4.280 |
| 2010-2011 | 4.473 |
| 2011-2012 | 4.924 |
| 2012-2013 | 5.584 |
| 2013-2014 | 6.153 |
| 2014-2015 | 6.302 |
| 2015-2016 | 6.569 |
| 2016-2017 | 7.669 |
| 2017-2018 | 9.192 |
| 2018/2019 | 9.267 |
| 2019/2020 | 8.396 |
| 2020/2021 | 8.269 |
| 2021/2022 | 8.371 |

An zwanzeg Joer sinn d'Aschreiwungen a Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener a Lycéeën, a Gemengen a bei Associatioune ferm an d'Luucht gaang. Déi Coursë ginn zesumme mat 23 Gemengen an 19 Associatiounen organiséiert, déi all eng Konventioun mam Service de la Formation des adultes hunn.


Et fält op, datt zwee Drëttel (64 Prozent) vun de Leit, déi hei Lëtzebuergesch léieren, Frae sinn.

Am Ganze sinn 216 Formateure fir d'Lëtzebuergescht beim Service de la Formation des adultes agreéiert, fir Coursen uechter d'Land an an der Grenzregioun ze ginn.

Institut national des langues (INL): D'Aschreiwungen am INL fir Lëtzebuergeschcoursë sinn an de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen. Hei ass en Iwwerbléck, no Joren an Niveauen:

Fir déi éischte Kéier ginn et am Joer 2020 iwwer 3.000 Inscriptiounen an engem Semester am Lëtzebuergeschen, trotz der schwiereger Situatioun wéinst der Pandemie.

| Niveau / Hierschtsemester | A* 2012 | A 2013 | A 2014 | A 2015 | A 2016 | A 2017 | A 2018 | A 2019 | A 2020 | A 2021 | A 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| A1.1 | 395 | 454 | 561 | 656 | 583 | 763 | | | | | |
| A1.2 | 95 | 113 | 182 | | 46 | 47 | | | | | |
| A1 | | | | | | | 1000 | 1203 | 1015 | 1138 | 984 |
| A1 Initiation | | | | | | | | | | | 40 |
| A1 GERMA | | | | | | | 49 | 47 | 34 | 38 | 37 |
| A1-C1 (24 Stonnen) | | | | | | | 162 | 173 | | | |
| A2 (Atelier Conversatioun) | | | | | | | 20 | 59 | 70 | 105 | |
| A2.1 | 190 | 261 | 301 | 394 | 336 | 489 | 457 | 556 | 658 | 517 | 585 |
| A2.2 | 241 | 211 | 264 | 279 | 311 | 346 | 385 | 446 | 549 | 436 | 352 |
| B1 (Atelier Conversatioun) | | | | | | | | 14 | 15 | 64 | 154 |
| B1.1 | 157 | 185 | 143 | 192 | 192 | 194 | 183 | 216 | 303 | 262 | 171 |
| B1.2 | 125 | 109 | 128 | 86 | 151 | 145 | 121 | 145 | 148 | 153 | 82 |
| B1.3 | 46 | 72 | 87 | 73 | 61 | 65 | 68 | 63 | 101 | 79 | 83 |
| B2 | | | | | | | | | | | 71 |
| B2.1 | 19 | 23 | 44 | 26 | 58 | 32 | 34 | 30 | 55 | 56 | 11 |
| B2.2 | | 29 | 13 | 21 | 16 | 15 | 14 | 31 | 1 | 27 | 18 |
| B2.3 | | | 13 | 22 | 20 | 17 | 22 | 9 | 33 | 13 | 29 |
| B2-C1 | | | | | | | | | | 14 | 10 |
| C1 | 30 | 23 | 11 | 18 | 29 | 28 | 38 | 30 | 39 | 32 | 27 |
| C2 | 50 | 24 | 32 | 21 | 20 | 9 | 17 | 49 | 27 | 28 | 32 |
| **Grand Total** | **1348** | **1504** | **1779** | **1788** | **1823** | **2150** | **2570** | **3071** | **3048** | **2962** | **2686** |



Nom Succès vun de Bicher „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“ A1 an A2 huet den Institut national des langues (INL) den neie Band fir den Niveau B1 am September 2020 erausbruecht. D'Bicher A1, A2 a B1 baséieren op dem Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen (GER).

*„Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“* riicht sech an éischter Linn un Erwuessener, déi interesséiert sinn, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren. Si ginn hei awer och villes iwwer den Alldag zu Lëtzebuerg gewuer, léieren ënner anerem d'Land, déi Lëtzebuerger Fester, Feierdeeg a grouss Perséinlechkeete besser kennen an entdecken och verschidde kulinaresch Lëtzebuerger Spezialitéiten.

De Band B1 erméiglecht et de Leit, déi den Niveau A1 an A2 schonn erreecht hunn, hir Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch ze verbesseren an hir kommunikativ Kompetenzen ze stäerken.

Dat didaktescht Material fir den Niveau B2 gëtt net als Buch publizéiert, mee ass a Form vun online Dossieren um Site fräi zougänglech: https://sdl.inll.lu/?page_id=1856. Do sti momentan néng Dossieren, déi nächst komme bis Enn 2022 an déi lescht dräi bis d'Rentrée 23/24.

Den INL bitt Formatiounen un, wéi ee mat de Bicher „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“ an enger Klass schaffe kann; dës Formatioune sinn deelweis online.

Et gëtt eng Offer vu Blended-learning-Coursen am Lëtzebuergeschen. Dës goufe vun engem internen Aarbechtsgrupp an Zesummenaarbecht mat externen Experten ausgeschafft.

Den ZLSK „Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur“ erlaabt et, fir Lëtzebuergeschcoursen an der Formation des adultes ze halen. Den Interêt un der Formatioun fir den ZLSK gëtt ëmmer méi grouss.

D'Digitalisatioun gëtt och an anere Beräicher virugedriwwen. Déi vum Sproochentest ass ofgeschloss an déi nei Versioun fir Tabletten ass implementéiert. Et gëtt un engem neien Astufungstest op Lëtzebuergesch geschafft, fir d'Apprenanten an de richtegen Niveau ze orientéieren an dem Bierger eng Autoevaluatioun ze erméiglechen.

Et besteet eng Collaboratioun mam Service de la formation des adultes fir den Opbau vu Blended-learning-Coursen iwwer Land ze ënnerstëtzen.

**De Sproochentest fir d'Nationalitéit**

An de meeschte Fäll muss eng Persoun, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuele wëllt, noweisen, datt se genuch Lëtzebuergesch kann. Dat gëtt am Sproochentest gepréift fir de mëndlechen Ausdrock a fir d'Héierverständnis. D'Epreuvë ginn am INL organiséiert.

D'Zuele vun de Kandidaten an deem Sproochentest si staark an d'Luucht gaangen déi lescht Joren:

| Joer | Kandidaten |
|---|---|
| 2015 | 1.149 |
| 2016 | 1.377 |
| 2017 | 1.520 |
| 2018 | 2.435 |
| 2019 | 2.327 |
| 2020 | 2.163 |
| 2021 | 2.135 |
| 2022 | 3.515 |

Bei deene Kandidate waren iwwer honnert Nationalitéite vertrueden. Hei sinn déi mat iwwer 50 Vertrieder fir 2022, der Zuel vun de Kandidaten no: Syrer, Fransousen, Russen, Iraker, Däitscher, Inder, Italieener, Tierken, Marokkaner, Britten, Ukrainer, Rumänen, Tuneesier, Belsch, Portugisen, Polen, Iraner, Brasilianer.

Den Taux de réussite läit an de leschte Joren tëscht 60 an 80 Prozent. Dat weist, datt deen Test fir vill Kandidate richteg schwéier ass.

Eng grouss Demande fir Lëtzebuergesch: Et gëtt eng immens grouss Demande vun Erwuessenen, fir Lëtzebuergesch ze léieren. All Joer schreiwe sech eng 10.000 Leit an déi Coursen an, an dat geet net duer, well awer ëmmer erëm Demandeure mussen op dat nächst Joer vertréischt ginn. Eis Nopeschlänner froe reegelméisseg Hëllef un, fir de Residenten aus de Grenzgebitter et ze erméiglechen, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren.

Et geet jo haaptsächlech dorëmmer, datt déi Salariéen, déi wëllen heihinner schaffe kommen an déi um lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart noutwenneg si fir déi ekonomesch Entwécklung vum Land, déi néideg a gefrote Kompetenzen an de Sprooche kënne kréien.

Do derbäi kommen déi vill nei Lëtzebuerger, déi d'Nationalitéit iwwer de sougenannte Recouvrement kruten. Wie beweist, datt ee vu sengen Unhärercher op den 1. Januar 1900 déi lëtzebuergesch Nationalitéit hat, kann dovunner profitéieren, fir ouni weider Konditioun d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Dovunner hu méi wéi 25.000 Leit vun 2009 u profitéiert, 20.000 Residenten aus den Nopeschlänner, awer och iwwer 3.000 Awunner aus Brasilien an 2.000 aus den USA. Do derbäi kommen och nach d'Familljememberen. Vill vun dësen neie Lëtzebuerger wëlle Lëtzebuergesch léieren oder hir Kompetenzen an eiser Sprooch verbesseren.

**Internetcours LLO, fir autonom Lëtzebuergesch ze léieren**

Wéinst der grousser Demande vu Coursë fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ass et kaum denkbar, fir dës Formatioun am Presentiel oder per Videokonferenz ofzehalen. D'Léisung ass e Cours iwwer Internet, deen et erlaabt, Lëtzebuergesch selwer ze léieren. Dës Léierplattform www.llo.lu steet weltwäit gratis zur Verfügung fir deen, dee wëllt autonom Lëtzebuergesch léieren.

Dës Plattform ass am September 2022 virgestallt ginn an online gaang, a bannent den éischte Wochen hu sech iwwer 30.000 Leit ageschriwwen a mat de Coursen ugefaangen. Déi meescht wunnen zu Lëtzebuerg, mee et sinn der och eng 6.000 aus Frankräich, 2.400 aus der Belsch, 900 aus Däitschland, 700 aus Brasilien, jee 300 aus Portugal an aus den USA.

Fir de Moment ass d'Plattform fir d'Niveauen A1 an A2 disponibel; et kënnt all Joer een Niveau derbäi.

Natierlech kann esou e Cours dann och vun Instituter begleet ginn, am sougenannte ***Blended learning***, bei deem den Apprenant a bestëmmten Ofstänn mat sengem Enseignant iwwer den elektronesche Wee kommunizéiert.

D'Kontakter mat de franséischen Autoritéiten, mam ***Réseau langues*** aus der Province de Luxembourg a mat den däitsche Länder Rheinland-Pfalz a Saarland, sinn etabléiert.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (28) Nei Offer vu Sproochcoursen (LaF) fir Persoune mat DPI- a BPI-Statut

*Fir den erwuessene Leit, déi duerch déi rezent Flüchtlingsstréim op Lëtzebuerg koumen, d'Integratioun an eis Gesellschaft ze vereinfachen, gëtt vum Service de la formation des adultes vum Educatiounsministère eng Intégration linguistique an d'Lëtzebuergescht ugebueden. An dësem Cours, deen aus 4 Seancë vu jeeweils 2 Stonne besteet an an de Structures de premier accueil stattfënnt, gëtt de Leit déi méisproocheg Situatioun zu Lëtzebuerg erkläert a mam Outil 100 Wierder Lëtzebuergesch eng éischt Aféierung an d'Lëtzebuergescht gemaach, fir d'Kommunikatioun mat der Gesellschaft ze fërderen. Fir déi Coursë vun der Intégration linguistique ze assuréieren, ginn am Service de la formation des adultes 3 nei Poste geschafen.*

Am Kader vun der éischter Intégration linguistique ginn et d'***100 Wierder Lëtzebuergesch***, déi extra dofir ausgeschafft goufen, a Form vun Atelieren, fir d'Leit op d'Sprooch opmierksam ze maachen.

Duerno ass op den Integratiounsklasse vun der Formation des adultes Lëtzebuergesch e feste Bestanddeel vum Curriculum. Dës Integratiounsklassen entspriechen den Insertiounsklassen, déi fir Schüler am Secondaire vu 7$^{e}$ bis 5$^{e}$ ugebuede ginn.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (29) Congé linguistique

*De „Congé linguistique“ ass e Spezialcongé vun 200 Stonne pro Beruffsliewen, deen et de Salariéë vun allen Nationalitéiten (souwéi och den Independanten an deenen, déi e liberale Beruff ausüben) erméiglecht, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léiere respektiv ze perfektionéieren, fir sech besser kënnen an eis Gesellschaft ze integréieren.*

Déi interesséiert Salariéë mussen eng Demande un hire Patron maachen, dee säin Avis doriwwer ofgëtt. Duerno hu si, pro Stonn Congé, e Recht op e Lounausgläich, deen dem Stonneloun entsprécht. Dëse Lounausgläich gëtt vum Patron bezuelt, deen da 50 % dovunner vum Staat rembourséiert kritt. Déi Leit, déi als Independant schaffe respektiv e liberale Beruff ausüben, hunn e Recht op e Lounausgläich vu 50 % vun engem Referenzmontant, deen als Basis gedéngt huet fir dee leschten „exercice cotisable“. An deenen zwee Fäll dierf de Remboursement ee Véierel vum Stonneloun vum onqualifizéierte Mindestloun net depasséieren.

D'Formatioune vun der Lëtzebuerger Sprooch, déi zu Lëtzebuerg respektiv am Ausland ugebuede ginn, sinn eligibel fir d'Accordéiere vum „Congé linguistique“. Wann de Patron decidéiert, op eegen Initiativ Lëtzebuergeschcoursen ze organiséiere fir seng Mataarbechter, huet den Aarbechtsministère e Budgetskredit, fir sech kënnen un den Organisatiounsfraisen ze bedeelegen.

An de leschte Joren hunn iwwer 3.500 Salariéen an Independanten eng Demande fir e Congé linguistique beim Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft gemaach, fir kënne Lëtzebuergesch ze léieren.

Jee 41 Prozent vun den Demandeure wunnen zu Lëtzebuerg oder a Frankräich, 14 Prozent an der Belsch, 4 Prozent an Däitschland. Zwee Drëttel si Fraen, een Drëttel Männer.

Pro Joer sinn et normalerweis ëm 300 Demanden.

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(30) Sproochekenntnisser am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur**

*Fir agreéiert respektiv konventionéiert Strukturen, déi am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur täteg sinn, gesinn d'Gesetz (loi modifiée du 8 septembre 2008 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique) an déi dozougehéiereg Règlements d'exécution spezifesch Konditioune fir d'Sproochekenntnisser vir. Esou mussen de Chargé de direction an d'Personal vun deene Strukture beleeën, datt si sech op Lëtzebuergesch an op d'mannst an enger zweeter vun deenen dräi Langues usuelles ausdrécke kënnen. Kënnen déi Sproochekenntnisser net beluecht ginn, da kann de Familljeminister den Agrement mat der Konditioun verbannen, datt déi betreffend Leit eng Formation en cours d'emploi musse maachen, fir déi Sproochen ze léieren.*

Fir agreéiert a konventionéiert Strukturen, déi am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur täteg sinn, gesinn d'Gesetz (Loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique) an d'Reglementer, déi dozou gehéieren, plazeweis spezifesch Konditioune fir d'Sproochekenntnisser vir.

*De Règlement grand-ducal modifié du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées schreift vir, datt de Chargé de direction vun engem Gestionnaire fir e Service fir déi eeler Leit sech op Lëtzebuergesch an op d'mannst an enger zweeter vun deenen dräi offizielle Sproochen ausdrécke kann.*

*De Règlement grand-ducal du 9 janvier 2001 portant exécution des articles 1er et 2 de la loi du 8 septembre 1998 réglant entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique pour ce qui concerne l'agrément gouvernemental à accorder aux gestionnaires de services pour personnes adultes seules ou avec enfants schreift vir, datt de Chargé de direction muss déi dräi offiziell Sprooche beherrschen, souwuel aktiv wéi och passiv.*

Kënnen déi Sproochekenntnisser net beluecht ginn, da kann de Familljeminister den Agrement mat der Konditioun verbannen, datt déi betreffend Leit eng *Formation en cours d'emploi* musse maachen.

**Dës Mesure ass ëmgesat.**

**(31) Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur**

*Dokteren, Psychotherapeuten an Apdikter gradewéi déi reglementéiert Gesondheetsberuffer musse laut Gesetz déi 3 administrativ Sprooche vum Grand-Duché, dorënner also och Lëtzebuergesch, verstoen oder sech engagéieren, fir sech déi néideg Kenntnisser an dëse Sproochen nodréiglech unzëeegnen.*

*De Gesondheetsminister huet d'Recht, d'Sproochekenntnisser duerch de Collège médical iwwerpréiwen ze loossen.*

*Vill Efforte ginn elo schonn an de verschiddene Spideeler gemaach, fir Lëtzebuergeschcoursë fir hiert Personal unzebidden. Dës Coursen hu generell e grousse Succès.*

*Donieft ass de Ministère amgaang ze iwwerleeën, zesumme mat der Fédération des hôpitaux luxembourgeois (FHL) an dem Collège médical, wéi dës Offer nach kann erweidert ginn.*

Am LOD gëtt am medezinesche Beräich um Site ***med.lod.lu*** gewisen, wéi ee sech op Lëtzebuergesch an op

Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch ausdréckt, wann et ëm Krankheeten, Behandlungen a Fleeg geet.

Well dëse Beräich jidderee concernéiert, riicht en sech un d'Patienten, awer och un all d'Acteuren aus dem Gesondheetssecteur, an erlaabt jidderengem, d'Sprooche vum LOD ze notzen, fir sech besser verständlech ze maachen. Déi medezinesch Lëscht ass natierlech net komplett, gëtt permanent completéiert a beschäftegt sech mat der Fachterminologie bis zu der banaler Alldagssprooch.

D'Fachbegrëffer gi mat engem Beispillssaz op Lëtzebuergesch a mat der Iwwersetzung an déi aner Sprooche vum LOD virgestallt.

**D'Preparatiounen hunn ugefaangen, an et geet elo richteg lass.**

### (32) Contrat d'accueil et d'intégration

> *Den OLAI (Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration)*[9] *proposéiert allen auslännesche Residenten, déi eng Openthaltsgeneemegung hunn an déi sech laangfristeg zu Lëtzebuerg etabléiere wëllen, e Contrat d'accueil et d'intégration ofzeschléissen. Domat engagéiert de Staat sech ënner anerem, fir deene Leit e Sproochecours an op d'mannst enger vun den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch souwéi och e Cours an der Instruction civique unzebidden, fir hir Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft an um Aarbechtsmarché ze vereinfachen.*

Den Département de l'intégration vum Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région proposéiert allen auslännesche Residenten, déi eng Openthaltsgeneemegung hunn an déi sech laangfristeg zu Lëtzebuerg etabléiere wëllen, e Contrat d'accueil et d'intégration ofzeschléissen. Domat engagéiert de Staat sech ënner anerem, fir deene Leit e Sproochecours an op d'mannst enger vun den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch awer och e Cours an der Instruction civique unzebidden, fir hir Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft an op den Aarbechtsmarché ze vereinfachen.

Am Schouljoer 2019/20 hunn 1.049 Signatairen am Kader vum CAI u Civiquescoursen deelgeholl, fir Lëtzebuerg besser kennen ze léieren.

Fir vum MEN konventionéiert Coursen op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch sinn am Joer 2019 3.121 *Bons à tarif réduit* ausgestallt ginn (2020: 1.712). Dovunner sinn 1.879 Bonge genotzt ginn (2020: 1.103). D'Opdeelung op d'Sprooche war déi follgend – 2020 gouf natierlech vun der sanitärer Kris beaflosst:

| 2019 | EMIS | UTILISÉS |
|---|---|---|
| Français | 1445 | 9078 |
| Luxembourgeois | 1446 | 843 |
| Allemand | 230 | 128 |
| **TOTAL** | **3121** | **1879** |

| 2020 | EMIS | UTILISÉS |
|---|---|---|
| Français | 774 | 492 |
| Luxembourgeois | 816 | 532 |
| Allemand | 120 | 79 |
| **TOTAL** | **1712** | **1103** |

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

[9] Haut ONA, Office national de l'accueil

**(33) Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounszenter (LISKO)**

*Am Juni 2016 ass e Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounszenter (LISKO) an d'Liewe geruff ginn, deem seng Missioun dora besteet, an Zesummenaarbecht mam OLAI d'Integratioun vun deene Persounen, deenen internationale Schutz zouerkannt ginn ass (bénéficiaires de protection internationale, BPI), d'Integratioun an[10] d'Lëtzebuerger Gesellschaft, a besonnesch an hirer Regioun, ze erliichteren. Déi betreffend Leit ginn an enger Partie Demarchë begleet, dorënner och an hiren Efforten, fir Sproochen ze léieren.*

De LISKO (Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiouns-Zenter vun der Croix-Rouge Lëtzebuerg) ass e spezialiséierte soziale Begleetservice, deen als Missioun d'Integratioun vu Leit huet, déi e Recht op international Protektioun hunn (bénéficiaires de protection internationale, BPI).

De Service LISKO gouf den 1. Abrëll 2016 lancéiert an ass mam Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région konventionéiert. En huet als Zil déi sozial Integratioun op kommunalem Niveau vun de Persounen, deenen eng international Protektioun zousteet (Flüchtlingsstatut an de Statut fir zousätzlech Schutzmoossnamen). Also eng Integratioun, déi iwwer empowerment erausgeet. Et geet och ëm d'Ënnerstëtzung fir déi lokal Verankerung an den Opbau vun engem soziale Reseau.

Dës Integratioun geschitt, andeems spezialiséiert individuell sozial Begleetmoossname getraff ginn, déi all d'Aktiounen an d'Demarchë bei den Offices sociaux, bei verschiddenen Administratiounen an Associatiounen abezéien. Esou soll den Zougang zum Logement promovéiert ginn (Fonds du Logement, SNHBM, AIS, Wunnengshëllef), an och zu der Aarbechstwelt, zu der Formatioun, zu der Gesondheet, zu der Educatioun vun de Kanner. De Concernéierte gëtt gehollef, am Alldag eens ze ginn.

Fir dës Objektiver ze erreechen, gëtt de Service op d'Interkulturalitéit forméiert a schafft zesumme mat interkulturellen Interpreeten.

Zu de Kompetenze vum Service op kommunalem Niveau gehéieren:

- Sech kënnen op eng Bezuchspersoun stäipen, déi all concernéiert Acteure vernetzt – falls néideg en Dolmetscher bäizéien, besonnesch fir d'Enseignanten aus dem Fondamental, fir d'Maison-relaisen an d'Crèchen –, Besoinen um Terrain erkennen an zum Opbau vun integrative lokalen Aktioune bäidroen.
- D'Offices sociaux duerch eng eenzel spezialiséiert an intensiv Prise en charge entlaaschten.

D'Methodologie vum Service bréngt eng aktiv Participatioun vun de Beneficiairen un hirem personaliséierten Integratiounsprojet mat sech, den Apprentissage vun de Sproochen (virun allem Franséisch) gëllt selbstverständlech als e wichtege Bestanddeel vun der Integratioun.

Fir eng dauerhaft Integratioun op kommunalem Niveau an domat eng lokal Verankerung an en aktiivt Veräinsliewen ze promovéieren, huet de Service LISKO fir d'Proprietairen e System mat Garantien opgebaut, fir den Zougang zu private Wunnenge méi liicht ze maachen.

Iwwer de Logement a seng administrativ Demarchen, a fir den interkulturelle Gruef ze iwwerbrécken, ginn och Workshoppen an Informatiounsversammlunge fir d'Beneficiairen organiséiert.

De Service LISKO gëtt de jonken Erwuessene vu manner wéi 25 Joer besonnesch Gehéier. Effektiv hunn dës am Prinzip kee Recht op den RMG. Si ginn also zu Recht a spezifesch Projeten orientéiert (CASNA, SLEMO, pré-SVO, SVO, Formatiounen...).

[10] Haut ONA, Office national de l'accueil

Soubal all d'Demarchen, déi zu der Integratioun féieren, ofgeschloss sinn, intervenéiert de Service LISKO net méi. Wann de Besoin besteet, ginn déi Interesséiert un d'Offices sociaux oder déi aner zoustänneg Servicer virugeleet.

Vun de Leit, déi an de LISKO kommen, sinn e bësse méi wéi een Drëttel tëscht 31 a 40 Joer al. Dës sinn haaptsächlech Leit, déi aus Syrien, dem Irak an Eritrea kommen.

D'Büroe vum Service sinn an der Stad Lëtzebuerg. LISKO, e Service, deen op nationalem Plang agéiert, huet 12 Assistants sociaux, déi sech op de Wunnuert vun de Beneficiairen deplacéieren an déi si an hiren Demarchë bei de verschiddenen Institutioune begleeden.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

### (34) Eeler Leit

*Och fir déi eeler Leit kann d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg eng Erausfuerderung sinn. Fir hinnen den Informatiounszougang ze erliichteren, ginn eng ganz Partie Broschüren an Internetsitten an den dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch ugebueden. Et ginn den eelere Persounen och Lëtzebuergeschcoursen offréiert. Etüden iwwer d'Integratioun vun eelere Leit mat Migratiounshannergrond sollen ausserdeem hëllefen, den net-Lëtzebuerger Residenten d'Integratioun an eis Strukture fir den Drëtten Alter ze erliichteren.*

Souwuel d'Offer vu méisproochegen Internetsitte wéi och vu méisproochege Broschüren ass ausgebaut ginn. Déi eeler Leit profitéieren natierlech vun deem ganze Fächer vu Formatiounen, déi elo méiglech sinn.

Et ass nach keng Etüd virgesinn, déi déi spezifesch Besoine vun eelere Leit mat Migratiounshannergrond ënnersicht.

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

### (35) Université de la Grande Région (UniGR)

*D'Université de la Grande Région (UniGR) regruppéiert fënnef Regiounen a sechs Universitéiten (Saarland, Léck, Lëtzebuerg, Loutrengen, Kaiserslautern an Tréier) a bitt d'Méiglechkeet, an den dräi Sproochen Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch ze studéieren an ze recherchéieren. Domat offréiert d'UniGR e méisproochegen an interkulturelle Kontext, deen sech exzellent eegent, fir d'Méisproochegkeet ze fërderen an Etüden iwwer de grenziwwerschreidende Spoochegebrauch ze maachen.*

Reseau vun de Sproochenzenteren UniGR

De Projet Erasmus+ „LCGR" (2018-2020) mat sengem Haaptproduit, engem hybride Cours (online an am Presentiel), dee geduecht ass, fir d'Studenten op hire Studienopenthalt an de frankofonen a germanofone Länner (mam Fokus op d'Groussregioun), um Niveau vun de Sproochen awer och op kulturellem Niveau, virzebereeden.

Aktivitéiten am Kader vum UniGR-Center for Border Studies (UniGR-CBS):

- Aarbechtsgrupp GRETI, virun allem d'Rechercheaarbechte vum Claudia Polzin-Haumann a vum Christina Reissner
- Grenziwwerschreidend Seminairen „La gestion du savoir dans des contextes multilingues", Wëssensmanagement am méisproochege Kontext vum GRETI
- Aarbechtsgrupp Aarbecht & Formatioun (Méisproochegkeet abegraff)
- Zweete Forum vun der Groussregioun „Réalités et visions de la mobilité transfrontalière dans l'éducation", Realitéiten a Visioune vum grenziwwerschreidende Wandel an der Educatioun, Haus vun der Groussregioun, 7. November 2018, zu Esch-Uelzecht
- Wëssenschaftlech Seminairen iwwer „Frontières spatiales, sociales et linguistiques" (2018), geografesch, sozial a sproochlech Grenzen

Eng Partie Konferenze goufe gehalen a Publikatioune realiséiert, z. B. „Edu.GR- Apprendre à vivre l'Europe" (2018).

D'Méisproochegkeet gëtt am Kader vun anere Moossname gefërdert, z. B. der Mobilitéit am Kader vum Statut vum Student UniGR an de meeschte grenziwwergräifende Coursen oder dem Zertifikat vun de grenziwwergräifende Kompetenzen.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

## AN DER BREEDER ËFFENTLECHKEET

### (36) Ëffentlechkeetscampagne fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Orthografie

*De Wëllen, fir korrekt Lëtzebuergesch ze schreiwen, ass an der Lescht an der Lëtzebuerger Gesellschaft ëmmer méi heefeg ëffentlech geäussert ginn. Dofir huet den Educatiounsministère am Januar 2017 eng grouss ugeluechten Orthografie-Campagne lancéiert. Nom Enn vun der Campagne sinn der breeder Ëffentlechkeet verschidde Materialie gratis zur Verfügung gestallt ginn, mat deene jiddwereen no senge Besoine verschidden Niveaue vun der Orthografie ka léieren:*

- *eng Online-Plattform, op där déi wichtegst Reegelen op eng einfach Aart a Weis kapitelweis virgestallt ginn;*
- *eng digital Broschür, déi dat ganzt Reegelwierk virstellt. Si wäert am Mäerz och als Print-Versioun op ausgewielte Plazen am Land ausgeluecht ginn.*

### D'Lëtzebuerger Orthografie – am Nodrock

Am November 2019 gouf déi aktualiséiert a completéiert Lëtzebuerger Orthografie virgestallt, déi vum CPLL an dem ZLS ausgeschafft gouf. Zanter der Rentrée 2020 ass se a Kraaft.

Et gouf dofir en iwwersiichtlecht Bichelche publizéiert, dat och digital op www.zls.lu disponibel ass: D'Lëtzebuerger Orthografie

Iwwer 16.000 Exemplairë vum offizielle Reegelwierk goufen an der Tëschenzäit verdeelt. Fir datt d'Lëtzebuerger Orthografie och nach weider ze kréien ass, schafft den ZLS grad un nach engem Nodrock (5. Oplo), deen 2022 ze kréien ass. D'Reegelwierk ass also nees am Zenter ze kréien – gratis, einfach op lod@lod.lu mailen.

Mam Ortho-Trainer https://ortho.lod.lu/ kritt de Benotzer, online an autonom, en éischten Abléck an d'Lëtzebuerger Rechtschreiwung, kann orthografesch Kenntnesser opfrëschen, kritt den Iwwerbléck iwwer bestëmmt Reegelen an hir Ausnamen a kann d'Orthografie unhand vun den Exercicë mat der integréierter Verbesserungsmethod üben. E kann awer och a klasseschen Orthografiescoursë respektiv am Kader vum Blended learning agesat ginn.

Et si Videotutorials realiséiert ginn, mat 30 verschiddene Videoclips iwwer d'Orthografiereegele mat grafesch illustréierten Texter.

**„Eis Sprooch richteg schreiwen"**

Am Kader vun der completéierter Orthografie vum November 2019 huet den Zenter dem Josy Braun säin Orthografie-Klassiker, „Eis Sprooch richteg schreiwen", nei erausbruecht – als Léierwierk fir bei d'Reegelwierk.

Dëst Bichelchen ass och op Franséisch disponibel, fir de francophonnen Interesséierten en agreabelen Zougang zu der Lëtzebuerger Rechtschreiwung ze bidden. Ënnertitel: „Une introduction à l'orthographe luxembourgeoise".

Fir deenen, déi eng Affinitéit fir déi englesch Sprooch hunn, och e méiglechst liichten Zougang an d'Lëtzebuerger Orthografie ze ginn, gouf dem Josy Braun seng Orthografie-Didaktik och op Englesch iwwersat: An Introduction to Luxembourgish Spelling

**E richtege Schatz: D'Serie „Lëtzebuerger Wuertschatz"**

„Mat dësem apaarte Choix vun 123 Adjektiven, Adverben, Interjektiounen, Substantiven a Verbe beweist den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch eng gutt Händche fir eis Sprooch, déi vill méi räich ass, wéi een dacks mengt." Dat schreift den Educatiounsminister Claude Meisch a sengem Virwuert zu Aläert, jauwen, Zockerboun, wéi den éischte Band vun der neier ZLS-Kollektioun Lëtzebuerger Wuertschatz heescht. Op eng faarweg an erfrëschend Aart a Weis ginn 123 Pärelen aus der Lëtzebuerger Sprooch virgestallt. Si stamen all aus dem Lëtzebuerger Online Dictionnaire, verloossen awer hei hire strengen Dictionnaireskader, fir spilleresch an ouni Beréierungsängscht an Zeen gesat ze ginn. E richtege Schatz!

Den zweete Band D'Pan klaken an d'Schong voller Féiss gouf am Fréijoer 2021 publizéiert. Déi Kéier goufen honnert flott Spréchwierder a Riedewendunge gewisen an erkläert. Den drëtte Band  Vun Dréischel bis Kréischel iwwer Uebst a Geméis, Kräider, Gewierzer an Nëss koum Enn 2021 eraus an am November 2022 de véierten, Zwackert, berdank! – 89 fuusseg Wierder aus dem Reenert. Zwielef Bänn soll d'Buchserie spéider emol hunn.

Do dernieft hat d'Landkaart vu Lëtzebuerg mat de lëtzebuergeschen Nimm e grousse Succès. Se war am Hierscht 2019 publizéiert ginn, als Wandkaart just fir d'Schoulen. Duerno ass eng Versioun am Format A2 produzéiert ginn. Déi ass gratis verdeelt ginn u Leit, déi se iwwer Internet bestallt hunn. Knapp 60.000 Exemplairë si verschéckt ginn. 2020 ass eng Versioun am Format 1:100.000 gedréckt ginn, déi gerullt a Kartong verpaakt an de Librairië fir 10 Euro verkaaft gëtt.

Am Kader vun der Promotioun sinn ënnert anerem déi heiten ZLS-Aktioune realiséiert oder geplangt ginn:

- Produktioun vu Sous-mainen a Postkaarte mat lëtzebuergesche Wierder oder Spréch drop
- Produktioun vun Akafsposchen, Schachtelen a Lineale mat lëtzebuergesche Wierder oder Spréch drop
- Wiel vum Wuert vum Joer
- Al Wierder goufen zesumme mat der Uni Lëtzebuerg nogekuckt. Déi heefegst am Luxemburger Wörterbuch (LWB) recherchéiert Wierder koumen och an den LOD.
- D'Mataarbechter sinn aktiv an de Pressemedien.

- Die Warte vum Luxemburger Wort geet eemol de Mount op d'Sproochentwécklung an.
- Am Journal gouf et eng Serie iwwer Flouernimm.
- Am Tageblatt ënnert anerem eng iwwer Nimm als Wierder.
- Den ale Vocabulaire koum an enger Rubrik am Télécran zu Éieren.
- D'Revue ass zum Beispill op d'Mindmaps agaangen, fir d'Orthografie ze léieren.
- Um 100,7 gouf et d'Rubrik Kuriositéiten aus der Lëtzebuerger Sprooch.
- Radio Lëtzebuerg huet e ganze Summer laang nei Wierder aus dem LOD virgestallt.
- De Site www.schreiwen.lu ass aktualiséiert ginn.
- De Site ortho.lod.lu, genannt Ortho-Trainer, ass ugepasst ginn.
- Et gi reegelméisseg Lëtzebuergeschcoursen um Inap, INL, Ifen an och op der Uni, am ZLS an am SFA ugebueden.
- A Coronazäite gouf et ënnert anerem zwou online Aktiounen op Twitter:
  - LOQ, Lëtzebuerger Ortho-Quiz: Am Confinement hu sech bis zu 100 Leit an de Coursë moies a mëttes live versammelt fir d'Orthografie.
  - D'Aktioun Schreiftipp ass am Summer 2020 gelaf. Iwwer 550 Leit hunn iwwer Twitter gefollowt. D'Medien hunn den ZLS mat Approbatioun begleet.
- Et gouf en Owend mam Alain Atten an Zesummenaarbecht mam CNL zu Miersch.
- Sproochtechnesch Annotatioune goufe preparéiert fir déi nei Editioun vum Reenert, déi 2022 vum Educatiounsministère fir den 150. Gebuertsdag vum Wierk erausbruecht gouf.
- Et ass virgesinn, eng Partie Erklärgrafiken ze publizéieren: zum Beispill eng anatomesch Kaart mat de Kierperdeeler an Organer, e Scheema vun engem Haus, den Opbau vun enger Spillplaz asw. mat de wichtegste Wierder, déi do derzou gehéieren, an de verschiddene Sprooche vum LOD.
- Geplangt fir 2024 oder méi spéit: Sortie vun der Printversioun vum LOD.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

## D'LËTZEBUERGESCH-SPROOCHEG KULTUR PROMOVÉIEREN

### (37) Kulturell Projeten a Lëtzebuerger Sprooch

*Sprooch a Kultur gehéieren enk zesummen. D'Lëtzebuerger Sprooch ass fest am Kulturliewen zu Lëtzebuerg verankert, mee och d'Sproochevilfalt huet hir fest Plaz am kulturellen Agenda. Kulturell Projeten, déi vun Associatiounen oder private Persounen initiéiert ginn an d'Lëtzebuerger Sprooch an*

*d'Sproochevilfalt zu Lëtzebuerg färderen, ginn iwwer de Kulturministère duerch direkt Subventioune finanziell ënnerstëtzt.*

Dozou gehéieren direkt Subsidë fir Kulturprojete vu Veräiner, Privatpersounen oder Gemengen, déi de Kulturministère op Dossier an op Basis vun der Analys vun enger interner Kommissioun verdeelt. Ënnerstëtzt ginn do och CDe vu Lëtzebuerger Museker a Musekerinnen. Hei fält op, datt d'Lëtzebuergescht sech als ganz modern Sprooch etabléiert huet: A Genren ewéi Rap oder Urban Music ass Lëtzebuergesch ganz geleefeg, denke mer u Kënschtler wéi Nicool (Nicole Bausch), Turnup Tun (Tun Tonnar) oder Tommek (Tom Mersch).

Dozou gehéieren awer och direkt Hëllefe fir Iwwersetzungen, op där enger Säit, fir Bicher vun auslänneschen Auteuren an Auteurinnen an eng vun den offizielle Lëtzebuerger Sproochen ze iwwersetzen, esou och Lëtzebuergesch. Esou brénge lëtzebuergesch Editiounshaiser z. B. reegelméisseg lëtzebuergesch Iwwersetzunge vu bekannte Kanner- a Jugendbicher eraus a färderen domat d'Kenntnis vun der Sprooch am jonken Alter. Mee déi Iwwersetzungshëllef betrëfft op där anerer Säit och Bicher vu Lëtzebuerger Schrëftsteller a Schrëftstellerinnen. Hei gëtt et eng Kommissioun vun Experten aus dem Ministère, dem Centre national de littérature an den Editeuren, fir d'Projeten ze aviséieren. Iwwer dee Wee konnt zum Beispill dem Gast Groeber säi Roman „All Dag verstoppt en aneren" op Griichesch a Kroatesch iwwersat ginn oder dem Tullio Forgiarini saïn „Amok" op Däitsch an op Serbesch.

Et ginn awer och eng Partie Präisser a Concoursen, an deenen d'Lëtzebuergescht, an och d'Méisproochegkeet vu Lëtzebuerg, geéiert an ënnerstëtzt gëtt: den Nationale Literaturconcours vum Kulturministère, deen all Joer en anere Genre férdert, de Batty-Weber-Präis, deen zanter 1987 all dräi Joer e wichtegen Auteur oder eng wichteg Auteurin fir hiert Lieweswierk éiert (dorënner d'Anise Koltz, de Roger Manderscheid, de Pol Greisch an de Guy Rewenig), oder de Kanner- a Jugendliteraturpräis.

Dëst geschitt am Kader vun der Kulturpolitik, déi op ***mc.gouvernement.lu*** veröffentlecht ass, an no de Recommandatioune vum Kulturentwécklungsplang (Kep), deen ënner ***kep.public.lu*** ze liesen ass.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**

**(38) En nationalen Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur**

*D'Lëtzebuerger Sprooch a kulturell Evenementer sinn Deel vun eisem Alldag. Fir d'Sproochbewosstsinn am Lëtzebuergeschen ze färderen a mat alle Bierger de sproochlechen a kulturelle Räichtum an eisem Land an de Mëttelpunkt ze stellen, gëtt en nationalen Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an d'Liewe geruff. Ob Musek, Literatur, Theater oder Film, all interesséiert Leit sollen deen Dag op d'Vilfalt an deene Beräicher opmierksam gemaach ginn.*

Den éischten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a vun de Sproochen zu Lëtzebuerg war fäerdeg geplangt fir samschdes, de 26. September, um Europäeschen Dag vun de Sproochen, am INL, vun 10 bis 18 Auer. En ass dunn der Pandemie zum Affer gefall.

De Planning besteet awer virun a soll 2022 definitiv ëmgesat ginn, och wann den Datum nach net feststeet.

Moies soll eng Formation continue si fir Enseignanten, déi och eventuell online fir de Public op ass. Méiglech Theeme wieren:

- d'Geschicht vu Lëtzebuerg an déi vun der Lëtzebuerger Sprooch an den anere Sproochen;

- d'Entwécklung vun der Schreifweis am Lëtzebuergeschen, d'Charakteristike vun de verschiddene Schreifweisen an den Afloss vun den anere Sproochen.

An der Mëttespaus gëtt et Lëtzebuerger Kascht, begleet vun engem Concert.

Mëttes si Workshoppen an Ateliere fir Kanner a Jugendlecher, an et kann een eng Partie Stänn kucken.

D'Workshoppe bestinn aus engem Virtrag vun ongeféier 30 Minutte plus enger Diskussioun. Méiglech Theeme wieren Orthografie, Toponymie, de Sproochatlas, d'Ausprobéiere vum Sproochentest, d'UNESCO-Konventioun iwwer d'immateriellt Kulturiewen, Literatur op Lëtzebuergesch, Jéinesch, Sex am Lëtzebuergeschen, d'Landkaart, e Quiz.

D'Stänn kéinte vun deenen heiten Organisatiounen an Organismen animéiert ginn: CPLL, IGD, CNL, CNA, Actioun Lëtzebuergesch, Moien ASBL, Gemeng Atert, Wéi laang nach?, Spellchecker, Wierder-App, Lëtz-Spill, Wikipedia.lu

**Villes ass geschitt, mir si gutt ënnerwee.**

### (39) En nationale Präis fir d'Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch

*Initiativen a ganz ënnerschiddleche Beräicher kënnen nohalteg zur Férderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an dem Sproochbewosstsi bäidroen. Fir esou Bäiträg ze encouragéieren, gëtt e Präis an d'Liewe geruff, deen all zwee bis dräi Joer eng Persoun – en Auteur, en Editeur, e Wëssenschaftler, e Museker asw. – fir seng Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch auszeechent.*

Mam ***Règlement grand-ducal du 4 août 2022 portant sur les modalités d'attribution d'un prix national de la langue luxembourgeoise*** gouf de Prix national de la langue luxembourgeoise, de Präis fir d'Verdéngschter ëm d'Lëtzebuerger Sprooch, geschafen. En ass mat 5.000 Euro dotéiert an en zeechent all Joer eng Persoun aus, déi speziell Verdéngschter ëm d'Lëtzebuergescht huet.

Am Jury sinn d'Direktere vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch a vum nationale Sproochenzenter, de President vum Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch, de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch an e Vertrieder vum zoustännegen Departement vun der Universitéit.

De Präis gëtt 2022 fir d'éischt verginn.

**Dës Mesure ass ëmgesat**

### (40) Roll vun de kulturellen Instituter an der Opwäertung vum Lëtzebuergeschen als kulturelle Patrimoine

*D'kulturell Instituter, déi mam Gesetz vun 2004 geschafe goufen, spillen eng wichteg Roll am Erhalen, Opwäerten an Archivéiere vun eisem Patrimoine, och an der Lëtzebuerger Sprooch. Si ginn encouragéiert, dëse Patrimoine verstäerkt an d'Vitrinn ze stellen an dem Public, a besonnesch de Schoulen, accessibel ze maachen, duerch Veröffentlechungsprojeten op Lëtzebuergesch an d'Verbreeden an de Schoul- an ëffentleche Bibliothéiken. Et gëtt och weider un Unterrechtsmaterialie fir*

*Schoule geschafft, zum Beispill am Beräich vun der Literatur (opgrond vun der Anthologie Literaresch Welten) oder am Beräich vun der Musek (De Litty vum Cedom, BNL).*

D'Lëtzebuerger Literaturarchiv, Centre national de littérature, huet d'Erhalen an d'Valoriséiere vum nationale Patrimoine als Missioun. E mécht dat duerch d'Sammelen an d'Katalogéieren an doduerch Erfaassbarmaache vu Vir- an Noläss vu Schrëftsteller a Schrëftstellerinnen, mee och duerch d'wëssenschaftlech Recherche, déi an Ausstellungen oder Publikatiounen dem Public presentéiert gëtt.

De CNL huet ë. a. wëssenschaftlech Etüden iwwer Dicks, Michel Rodange, Michel Lentz a Batty Weber publizéiert an a Kooperatioun mat der Universitéit Colloquen zu lëtzebuergesche Schrëftsteller a Schrëftstellerinnen organiséiert. D'wëssenschaftlech Publikatioun „Sproochgesellschaften zu Lëtzebuerg" gouf vun enger Online-Ausstellung begleet, déi en historeschen Abléck an d'Diskussioun ëm d'Lëtzebuerger Sprooch gëtt.

Zu der Verbreedung vum literaresche Patrimoine gehéiert och d'Rei vun der „Lëtzebuerger Bibliothéik", an där reegelméisseg Texter aus der lëtzebuergescher Literaturgeschicht, déi net méi zougänglech waren, presentéiert an nei editéiert ginn. Doriwwer eraus publizéiert de CNL och eng Rei iwwer d'Cabaretsgeschicht zu Lëtzebuerg. An deem Kontext koumen z. B. dem Pir Kremer seng Texter ënner dem Titel „ZesummegePIKtes" eraus. An Zesummenaarbecht mam Mierscher Kulturhaus goufen dozou och e musikalesch-theatralesche Spektakel an eng Ausstellung presentéiert.

De Script start am Hierscht 2022 eng Serie vu flotten Texter fir de jonken a manner jonke Lieser mam Reientitel: ***Allerhand***. Déi éischt dräi Texter, déi publizéiert oder re-publizéiert ginn, sinn: ***Perl oder Pica*** vum Jhemp Hoscheit, ***Aleng*** vum Cathy Clement a ***Speck*** vum Claudine Muno. An all Band si jeeweils Scholien an en Interpretatiounsaufsatz. Donieft entsteet didaktescht Material fir den Asaz an der Klass.

Och am Hörspillberäich gëtt de CNL a Kooperatioun mam CNA eng Rei eraus, an där wichteg lëtzebuergesch literaresch Texter als Lauschterstécker presentéiert ginn, sou z. B. de „schacko klak" vum Roger Manderscheid. Des Weideren huet de CNL deem eenzege Lëtzebuerger Superheld, dem Superjhemp vu Roger Leiner a Lucien Czuga, eng ganz Ausstellung an en detailléierte Katalog consacréiert. Mat deene grousse Fuerschungs- an Ausstellungsprojeten iwwer den Éischten an Zweete Weltkrich leescht de CNL doriwwer eraus och e wichtege Bäitrag am Opschaffe vun der politescher an intellektueller Geschicht vum Land.

De CNL feiert och d'Lëtzebuerger Literatur an alle Sprooche mat Konferenzen a Liesungen: 2021 huet en a Kooperatioun mat de regionale Kulturhaiser eng grouss Liesrees duerch d'ganzt Land organiséiert. D'Dossiers pédagogiques, déi de CNL a Kooperatioun mam Script vum Educatiounsministère zënter 2016 erausgëtt, hunn doriwwer eraus de But, den Enseignanteën an Enseignanten et méi liicht ze maachen, d'Lëtzebuerger Literatur an de Schoulen ze enseignéieren. De CNL bitt dozou och reegelméisseg ***Formations continues*** fir d'Léierpersonal un an ënnerstëtzt mat engem literaturdidaktesche Module d'Aarbecht vun der Ausbildung vu Lëtzebuergeschproffen um Ifen.

D'Nationalbibliothéik hirersäits assuréiert iwwer den Dépôt légal, datt d'Publikatiounen an aner Forme vum Imprimé conservéiert an disponibel gemaach ginn. 2020 gouf d'Luxemburgensia-Kollektioun ë. a. mat 7.482 Monographië verstäerkt, awer och mat 820 Audiodokumenter vu Lëtzebuerg a mat 598 Partituren.

De Cedom (Centre d'études et de documentation musicales – Zenter fir musikalesch Etüden an Dokumentatiounen) vun der Lëtzebuerger Nationalbibliothéik huet „***De Litty*** Nr. 5" iwwer ***Klassesch Musek zu***

*Lëtzebuerg* erausbruecht. Dës ganz nei Publikatioun vum Georges Urwald mat Zeechnunge vum Andy Genen completéiert d'Kollektioun *Les Carnets didactiques du Cedom*, déi 2014 lancéiert gouf a bis ewell aus sechs Bänn besteet: *Litty Vol.1-5* a *Litty 7*, eng Spezialeditioun an Zesummenaarbecht mam Zentrum fir politesch Bildung.

De fënnefte Band gëtt d'Evolutioun vun der klassescher Musek zu Lëtzebuerg a seng verschidde Genren (Orchestermusek, Kammermusek, Fanfare) erëm. De Litty 5 stellt och eng Rei lëtzebuergesch Komponistinnen a Komponiste vir a geet op d'Eegenaarte vun dësem Beruff an. D'Heft Nr. 5 huet wéi all déi aner Hefter dräi grouss Deeler:

- Informatiounen a Léisungsvirschléi fir d'Enseignanteën an Enseignanten,
- Aarbechtsblieder fir d'Schülerinnen a Schüler an digital Fichieren,
- Aarbechtsfichen op CD-ROM, fir ze printen oder fir iwwer en eemolegen Zougangscode erofzelueden.

Dës *Carnets didactiques du Cedom* adresséiere sech u Schüler a Schülerinnen an un d'Léierpersonal vun de Cyclen 2 bis 4 aus dem Enseignement fondamental a vun de Classes inférieures am Enseignement secondaire. Dës Kollektioun gëtt vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend un d'Bibliothéike vun de Lycéeën a vun de Schoulen am Fondamental verdeelt. D'Nationalbibliothéik assuréiert och d'Diffusioun iwwer de Reseau vu *bibnet.lu* un d'Bibliothéiken an un all Persoun, déi interesséiert ass.

D'Nationalbibliothéik huet och eng Sensibiliséierungscampagne fir d'Liesen (Mëtt Dezember 2020 bis Januar 2021) op de Bussen, op Plakater, op RTL Télé Lëtzebuerg an op de soziale Reseauen zu Lëtzebuerg gemaach an de Band „Fortifications. Sechs Geschichten iwwer eng Stad ewéi keng aner" mat Lëtzebuerger BD-Zeechner an Auteure virgestallt.

Beim Centre national de l'audiovisuel (CNA) erweist sech d'Archiv vun *RTL Radio* an *Tëlee Lëtzebuerg* gradewéi dat vum *Radio 100,7* als richtege Schatz am Alldag: Reegelméisseg ginn Extraiten aus deenen Archiver a Filmer op Lëtzebuergesch gebraucht. A ville Filmer, besonnesch an Documentairen, spillt Lëtzebuergesch dacks eng wichteg Roll: *„Eng Äerd"* a *„Vu Buedem, Bauzen a Biobaueren"* vum Tom Alesch oder *„Histoire(s) de femme(s)"* vun der Anne Schroeder sinn zwee rezent Beispiller vu Filmer op Lëtzebuergesch, an deenen dann och vill Temoignagë virkommen – fir den internationale Publikum sinn déi dann ënnertitelt.

Des Weideren huet de CNA eng Serie gefilmten Interviewen ugefaangen, déi an enger Optik vu „mëndlecher Geschicht" Zäitzeien zu Wuert komme loossen, an dat a Gespréicher vun tëscht zwou a véier Stonnen. Den Ament sinn dat Gespréicher iwwer d'Filmgeschicht, déi an enger zweeter Etapp sollen op d'Televisiounsgeschicht an d'Fotografiesgeschicht ausgeweit ginn. Esou entsteet e Fundus, aus deem spéider ka Material geholl ginn, fir bei Recherchen oder Realisatiounen ze benotzen.

D'Plattform *films4schools* vu Script, CNA an ZpB (Zentrum fir politesch Bildung) stellen den Enseignantë Filmer vun oder iwwer Lëtzebuerg zur Verfügung, déi kënnen am Cours gewisen an diskutéiert ginn.

**Dës Mesure ass ëmgesat, mee si muss ëmmer erëm ugepasst ginn.**